




GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 10.12.2021

maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Sylvie Andrich-Duval,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Thessy Erpelding,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

Rapport sommaire en français	4
1. CORRESPONDANCE	7
2. FINANCES COMMUNALES	7
2.1. Présentation et approbation du budget rectifié de l'exercice 2021	
2.2. Présentation et approbation du budget initial de l'exercice 2022	
2.3. Approbation des modifications à apporter au chapitre X – Eau – du règlement-taxes général	
2.4. Approbation des modifications à apporter au chapitre XI – Eaux usées et assainissement – du règlement-taxes général	
2.5. Local commercial sis 31-35, avenue Grande-Duchesse Charlotte	
2.5.1. Approbation du contrat de bail commercial avec la société coopérative « Maison du Peuple »	
2.5.2. Approbation du contrat de bail commercial de sous-location avec la société anonyme « Album »	
2.6. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de mise en état du réfectoire et sanitaires au bâtiment « annexe hôpital » (équipe polyvalente)	
2.7. Approbation du devis estimatif relatif à l'installation de communication sans fil (wifi) et multimédia dans les écoles et les maisons relais	
2.8. Approbation du devis estimatif relatif à la mise en sécurité, divers raccordements et balustrades au site NeiSchmelz	
2.9. Approbation du devis estimatif relatif à la mise en conformité des portes coupe-feu de la maison des chercheurs	
2.10. Approbation du devis estimatif relatif à la construction d'une structure provisoire pour l'école Brill, l'école Baltzing et l'école de danse	
2.11. Approbation du devis remanié relatif à la construction d'un « Floater » – Gîte Red Rock Trail pour l'année culturelle « Esch2022 »	
2.12. Approbation du devis remanié relatif au réaménagement du hall ateliers locomotives au site NeiSchmelz	
2.13. Allocation de subsides extraordinaires	
3. OFFICE SOCIAL	52
Présentation du rapport d'activité de l'exercice 2020 et approbation du budget rectifié de l'exercice 2021 et du budget initial de l'exercice 2022	
4. COMMISSIONS CONSULTATIVES	59
4.1. Modifications de la composition de différentes commissions consultatives	
4.2. Nomination de membres au « Team Climat »	
4.3. Nouvelle dénomination et nomination de membres au groupe de travail aménagement	
4.3. communal et programme d'action local logement (PAL)	
5. PERSONNEL	62
5.1. Création de cinq postes d'employés communaux C1, sous-groupe éducatif et psycho-social (Éducation et accueil)	
5.2. Création de quatre postes d'employés communaux B1 sous-groupe éducatif et psycho-social (Éducation et accueil)	
5.3. Création d'un poste d'employé communal B1, sous-groupe administratif (reclassement) (Éducation et accueil)	
5.4. Création d'un poste d'employé communal A2, sous-groupe éducatif et psycho-social (Éducation et accueil)	
5.5. Conversion d'un poste vacant d'employé communal D1, administratif en poste d'employé communal B1, administratif (service culturel)	
5.6. Création d'un poste d'agent administratif, salarié, chômeur longue durée (Architecture et domaines)	

RAPPORT SOMMAIRE

Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina (à l'exception des points numéros 5.1, 5.2 et 5.3 de l'ordre du jour), René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova, Sylvie Andrich-Duval ; Monsieur Walter Berettini ; Madame Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement ; Madame Thessy Erpelding ; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler (à l'exception des points numéros 5 à 7 de l'ordre du jour) ; Messieurs Claude Martini (à l'exception des points numéros 3 à 7 de l'ordre du jour) et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. Absent : Monsieur Vic Haas, conseiller, excusé. Début de la séance publique à 8.00 heures.

1 – CORRESPONDANCE

Il n'y a pas de correspondance à destination du conseil communal.

2 – FINANCES

1. et 2. Les membres du collège des bourgmestre et échevins présentent le projet de budget rectifié de l'exercice 2021 et le projet de budget de l'exercice 2022. Les membres du conseil communal sont invités à prendre position par rapport aux documents dans la séance du conseil communal du 17 décembre 2021. Le vote sur ces deux points aura également lieu à la même date. Les deux tableaux synthétiques (sur la page 6) issus du document budgétaire qui suivent permettent de visualiser l'évolution du budget rectifié de l'exercice 2021 par rapport aux prévisions budgétaires initiales et du budget rectifié 2021 par rapport aux prévisions budgétaires de l'exercice 2022.

3. avec 17 voix et une abstention, sont approuvées les modifications au chapitre X – Eau – du règlement-taxes général ;

4. également avec 17 voix et une abstention, sont approuvées les modifications au chapitre XI – Eaux usées et assainissement – du règlement-taxes général ;

5. les contrats à approuver pour le présent point à l'ordre du jour, et concernant un local commercial sis 31-35, avenue Grande-Duchesse Charlotte, s'inscrivent dans la volonté de la Ville de Dudelange de soutenir le commerce en Ville, de promouvoir l'entrepreneuriat et de contribuer à la création d'une offre commerciale diversifiée, en donnant à bail des locaux visant l'installation de magasins éphémères :

5.1. le conseil communal ratifie avec toutes les voix, le contrat de bail commercial avec la société coopérative « Maison du Peuple » pour la location du local de commerce au rez-de-chaussée, 31-35, Grande-Duchesse Charlotte, Dudelange avec une surface commerciale approximative de 320 m² et d'un stock au sous-sol de $\pm$ 50 m². Le contrat de bail est consenti pour une durée de neuf années et prend effet le 1er novembre 2021. Le loyer mensuel est fixé à 2'200.- € taxes comprises.

5.2. avec 17 voix et une abstention, est approuvé le contrat de bail commercial de sous-location corrélatif pour les mêmes locaux, conclu avec la société anonyme « Album » d'Oberpallen. Les locaux mis disposition sont destinés à l'exploitation d'un magasin

sous l'enseigne ALBUM S.A. Concept : Circular economy, Ecological, Social, and human. Le bail prend cours à la date du 1er décembre 2021 et prend fin le 30 novembre 2024. Il est conclu pour une durée fixe de 3 ans. Le loyer mensuel est fixé à 2'200.- € taxes comprises ;

Les points ci-dessous numéros 6 à 10 et 12 et 13 sont approuvés à l'unanimité par le conseil communal :

6. le devis estimatif relatif aux travaux de mise en état du réfectoire et sanitaires au bâtiment « annexe hôpital » (équipe polyvalente) pour un montant estimé à 182'000.- € ;

7. le devis estimatif de 550'000.- € relatif à l'installation de communication sans fil (wifi) et multi-média dans les écoles et les maisons relais ;

8. le devis estimatif de 350'000.- € relatif à la mise en sécurité, divers raccordements et balustrades au site NeiSchmelz ;

9. le devis estimatif de 45'000.- € relatif à la mise en conformité des portes coupe-feu de la maison des chercheurs ;

10. le devis estimatif de 4'225'000.- €, relatif à la construction d'une structure provisoire pour l'école Brill, l'école Baltzing et l'école de danse ;

11. avec 17 voix contre une, le conseil communal approuve approbation le devis remanié de 1'310'000.- € relatif à la construction d'un « Floater » – Gîte Red Rock Trail pour l'année culturelle « Esch2022 » ;

12. le devis remanié de 3'250'000.- € relatif au réaménagement du hall ateliers locomotives au site NeiSchmelz ;

13. l'allocation de subsides extraordinaires suivants : 1'830,50.- € au « Diddelenger Turnveräin » en tant que participation aux frais du déplacement à l'EUROGYM qui se déroulera du 7 au 15.07.2022 à Neuchâtel (CH) ; 30'000.- € à l'a.s.b.l. « Diddeleng Hëlleft » en tant que subvention pour aide au tiers monde ; 3'000.- € à l'a.s.b.l. « Médecins Sans Frontières » en tant que subvention financière pour devenir partenaire MSF en 2021 à l'occasion des 50 ans de MSF.

3 – OFFICE SOCIAL

Après la présentation du rapport d'activité de l'exercice 2020, le conseil communal avalise avec toutes les voix le budget rectifié de l'exercice 2021 et le budget initial de l'exercice 2022 de notre office social.

4 – COMMISSIONS CONSULTATIVES

1. les modifications suivantes de la composition de différentes commissions consultatives sont acceptées : avec 10 voix et 7 abstentions : Monsieur Walter Berettini remplace Mme Emilia Oliveira et prendra la présidence de la commission du jumelage et du tourisme ; Monsieur Walter Berettini remplace Monsieur Romain Zuang et prendra la présidence de la commission de la sécurité publique ; à l'unanimité : Monsieur Nico Steffen remplace Monsieur Max Leners en tant que membre de la commission des finances, du budget et de l'économie ; Monsieur Alain Clement remplace Monsieur André Mathieu en tant que membre de la commission de la circulation et de la mobilité ; Monsieur André Mathieu quitte le pool des remplaçants tandis que Mesdames Mia Weber, Claire Muller, Messieurs Gledis Kryeziu, Tom Schroeder, Alphonse Wirtz et Paul Fay sont nommés au pool des remplaçants ;

2. le conseil nomme unanimement Monsieur Hervé Peter de la société CFL multimodal S.A. comme membre du « Team Climat » ;

3. le conseil communal retient avec toutes les voix de renommer le groupe de travail « Refonte globale du PAG » pour prendre la nouvelle dénomination « Groupe de travail aménagement communal et Programme d'action local logement (PAL) » et en arrête la composition comme suit : Président : Dan Biancalana (LSAP); Membres : Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol (collège, LSAP); Membres : Romain Zuang (LSAP), Jean-Paul Gangler (CSV), Semiray Ahmedova (Déi Gréng), Jos Thill (Déi Lénk), Fränz Nicolay (indépendant); Membres-experts: Cathy Mambourg, Eva Gottschalk, Tom Bernard et Christophe Carreira (Service de l'architecture et des domaines), Chantal Zeyen, Jean Brodeur, Lex Faber et Marie Sauerhöfer (Bureau Zeyen + Baumann s.à r.l.)

5 – PERSONNEL

Les décisions suivantes relatives au personnel communal sont prises à l'unanimité des voix :

1. la création de cinq postes d'employés communaux C1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour le service d'éducation et d'accueil ;

2. la création de quatre postes d'employés communaux B1 sous-groupe éducatif et psycho-social pour le service d'éducation et d'accueil ;

3. la création d'un poste d'employé communal B1, sous-groupe administratif (reclassement) pour le service d'éducation et d'accueil ;

4. la création d'un poste d'employé communal A2, sous-groupe éducatif et psycho-social pour le service d'éducation et d'accueil ;

5. la conversion d'un poste vacant d'employé communal D1, administratif en poste d'employé communal B1, administratif pour le service culturel ;

6. la création d'un poste d'agent administratif, salarié, chômeur longue durée pour le service de l'architecture et des domaines.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

Budget initial 2021 comparé au budget rectifié 2021				
	Budget initial 2021		Budget rectifié 2021	
	ordinaire	extraordinaire	ordinaire	extraordinaire
total des recettes	102 372 150,70	32 674 600,00	108 013 318,07	17 812 588,21
total des dépenses	95 165 710,97	47 837 637,29	93 743 242,90	52 100 061,74
boni propre à l'exercice	7 206 439,73		14 270 075,17	
mali propre à l'exercice		15 163 037,29		34 287 473,53
boni budget rectifié / compte 2020	9 453 138,54		21 950 602,00	
mali budget rectifié / compte 2020				0
boni général	16 659 578,27		36 220 677,17	
mali général		15 163 037,29		34 287 473,53
transfert ordinaire - extraordinaire	- 15 163 037,29	- 15 163 037,29	- 34 287 473,53	34 287 473,53
boni définitif	1 496 540,98		1 933 203,64	
mali définitif				

Budget rectifié 2021 comparé au budget initial 2022				
	Budget rectifié 2021		Budget initial 2022	
	ordinaire	extraordinaire	ordinaire	extraordinaire
total des recettes	108 013 318,07	17 812 588,21	116 686 970,00	36 232 591,00
total des dépenses	93 743 242,90	52 100 061,74	106 269 148,45	43 435 940,73
boni propre à l'exercice	14 270 075,17		10 417 821,55	
mali propre à l'exercice		34 287 473,53		7 203 349,73
boni compte 2020 / rectifié 2021	21 950 602,00		1 933 203,64	
mali compte 2020 / rectifié 2021				0
boni général	36 220 677,17		12 351 025,19	
mali général		34 287 473,53		7 203 349,73
transfert ordinaire - extraordinaire	- 34 287 473,53	34 287 473,53	- 7 203 349,73	7 203 349,73
boni définitif	1 933 203,64		5 147 675,46	
mali définitif				



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 10. DEZEMBER 2021

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Léif Kollegen a Kolleginnen, ech géif lech hei begréissen an eiser Gemengerotssitzung, ech begréissen och Verrieder vun der Press, haut geet et jo virun allem drëms, fir d'Presentatioun vum Budget rectificié 2021 respektiv vum Budget initial 2022. Ech wëll och op dëser Plaz de Conseiller Vic Haas entschëllege loosse, a wënsche vun eiser Säit aus eng gutt Besserung am Numm vun eis alleguerten.

Dir hutt den Ordre du jour virleien, haut den 10. Dezember 2021 ass d'Presentatioun vum Budget rectificié 2021 a vum Budget initial 2022 an dann uschlëssend den normalen Ordre du jour vum Gemengerot an dann ass haut an aacht Deeg d'Prise de position vun de Gemengerotsmembere vun der Majoritéit an der Oppositioun, uschlëssend e Vote zum Budget rectificié 2021 an dem Budget initial 2022. Dat heescht et steet haut am Zeeche vun den Zuelen an och schwätze mir vun de politesche Prioritéiten an dann och iwwer d'Prioritéiten, déi mir gäre fir d'Joer 2022 wëlle setzen an d'Investier, déi mir wëllen tätigen.

Dofir kllassesch, à la base, déi Dokumenter op déi mir eis baséiert hunn, dat ass engersäits d'Circulaire budgétaire, déi mir vum Innenminister kritt hunn, vum 25. Oktober 2021. Dann hutt Dir och hei de Rapport virleie vun eiser Finanzkommissioun, déi mir de 6. Dezember 2021 haten an dann natierlech d'Budgetsdokument en tant que tel mat alleguerten den Donnéeën, déi effektiv dra sinn an op déi mir wäerten herno agoen.

2. GEMENGEFINANZEN

2.1. Presentatioun an Approbatioun vum Budget rectificié vum Exercice 2021

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Virop wëll ech vun dëser Plaz aus dem Pascal Poull, eisem Comptabel, e grouse Merci soe fir déi lescht Schlëff bei dësem Budget ginn ze hunn, et ass ëmmer eng ganz wichteg Aarbecht, déi hien hei mécht mat sengem Service, dofir wëll ech och eise Gemengeser-

vicer generell Merci soen, well och si ëmmer ganz aktiv implizéiert si bei der Auserbechtung an och bei der Opstellung vun dësem Budget.

Wat sinn d'Virgaben, déi mir hei virfannen am Kader vum Budget? Dat ass engersäits an dat mierkt een och hei an der Circulaire, den Ausgangspunkt ass ëmmer de Compte général 2020 vum Staatsbudget, do mierkt een och am Kader vun de Lecturen, déi ee konnt maachen, dass deen natierlech manner schlecht ausgefall ass oder besser ausgefall ass - deemno wéi een et dréint - wéi initial ugeholl par rapport och zu de makroökonomesche Projektionen, déi gemaach goufen, also liicht Verbesserungen, eng positiv Entwécklung an dat huet och en Impakt op déi staatlech Dotatiounen am Budget rectificié an am Initial. Et gesäit een eraus, dass op dësem Niveau vun der Gewerbesteier souwuel am Budget rectificié wéi och am Initial par rapport zum Kont 0,9% vun der staatlecher Dotatioun anzesetzen ass, et bleift net vill, et ass awer effektiv virsichteg an dann awer eng méi gréisser Croissance par rapport zum Fonds de dotation globale des communes, den FDGC, do gesäit een, dass de Budget rectificié plus 7,8 % an dann awer och de Budget initial 2022 effektiv 12% sinn, déi dobäi kënne gesat ginn.

E puer generell Consideratiounen, et kann een hei soen, dass déi 102 Gemengen hei am Land, an dat gëllt natierlech och fir d'Diddelenger Gemeng an den Diddelenger Budget, dass 102 Gemengen och d'Coronakris besser iwwerstanen hunn, finanziell a budgetär gesinn, wéi ursprüngelech annoncéiert. Si sinn, dat kann ee soen, am Fong manner a Matleedenschaft gezu ginn an déi staatlech Dotatioun, déi schreift sech natierlech och an déi ekonomesch Reprise an. Mir wëssen alleguerten, an dat ass och ganz positiv, dass Lëtzebuerg eist Land d'Coronakris besser iwwerstanen huet um wirtschaftleche Plang wéi all déi aner europäesch Länner, respektiv déi Länner aus der Eurozon, an dat och duerch dee ganzen nationale Stabiliséierungspakt, dee geholl gouf an dat fënt sech och hei an den Zuelen erëm, notament an den Dotatiounen, well och dat dozou bäigedroen huet, dass an deem Ausmooss se ausfalewéi se eben ausfale an dann huet dat och en Impakt op d'effentlech Finanzen an do huet natierlech dann och Lëtzebuerg sech méi schnell erholl huet wéi dat ugeduecht war. 2021, am Kader vun de leschte Budgetsdebatten hate mir gesot an och ënnerstrach, dass d'Stad Diddeleng den Investitiounsvolume géif héich halen. Dat maache mir fir 2022 grad esou. Dat maache mir och, 2022 war de Choix getraff ginn, trotz manner staatlecher Dotatioun, déi mir kritt hunn, kee Projet ze afferen, et war och keen do, dee mir affere wollten, well mer och keen Nice to have hunn.

Am Fong, fir 2022 gëtt et deemno och weider kee Grond, dat net weiderzeféieren. Dëst net nëmme fir Diddeleng weider ze moderniséieren, fir de Wandel, deen eis Stad matmécht, weiderzeféieren, mee awer och fir doriwwer eraus déi mëttelstänneg Betriber weider ze ënnerstëtzen duerch eng Investitiounspolitik, déi generell jo och d'Ausrichtung huet fir qualitativ héichwäerteg Infrastrukturprojeten hei zu Diddeleng ëmzesetzen, déi d'Liewensqualitéit oprechterhalen an dat och ënnerstëtzt vun engem gudde Service public.

Et ass dat wat d'Ausrichtung ass, déi mir eis schonn eng Rei Joren hei an dëser Gemeng ginn a wat och d'Attraktivitéit an d'Dynamik vun Diddeleng auszeechent.

Da géif ech elo op d'Eckdate vum Budget rectifié agoen, mir hunn och PowerPoint Presentatioun gemaach firlech dat och eemol ze weisen. Dir kennt déi Zuelen, mee einfach fir dat nach eemol ze veranschaulichen: Am Budget rectifié - wann ech do kucken - am ordinäre Beräich hu mir Recettë vun 108 013 318,07 Euro mir hunn Dépense vun 93 743 242,90 Euro, dat mécht eis e Boni aus am Ordinaire vu ronn 14,3 Milliounen Euro also 14 270 075,17 Euro. Wa mir dann eriwuer ginn op den Extraordinaire wat jo dann am Fong dee Volet ass wou Investitiounen getätegt ginn do hu mir Recettë vu 17 812 588,21 Euro an Dépense vun 52 000 169,72 Euro. Wann een da kuckt wat mir vum Kont 2020 eriwuerhuelen, dee gutt ausgefall ass, do hate mir 21 950 602 Euro, esou, dass mir am Budget rectifié d'Joer 2021 ofschléisse mat engem definitive Boni vun 1 933 203,64 Euro. Wann een elo gesäit, do par rapport zum Budget initial 21, do hate mir en definitive Boni ausgewise vun 1 496 540,98 Euro mir hunn also am Budget rectifié e Boni méi vun enger hallwer Millioun Euro a wann een och d'Variable gesäit par rapport zum Budget Rectifié, mir hu 5,5% Recettë méi an 1,5% Dépense manner.

Ervirsträiche wëll ech awer, och wa mir eng hallef Millioun Euro méi hunn am definitive Boni, am Budget Rectifié, hate mir den Initial jo opgestallt mat zwee Elementer, déi awer fir de Budget rectifié net onwesentlech sinn, well se do am Fong net brauchen a Consideratioun geholl ze ginn. Dat weist och, wéi gesond eis ëffentlech Finanzen hei an der Stad Diddeleng sinn.

Am Initial 21 hate mir en Emprunt virgesi vun 20 Milliounen Euro a mir hate virgesinn, op Reserven zeréckzegräifen an dat an enger Héicht vun 4 Milliounen Euro, insgesamt 24 Milliounen Euro, déi brauche mir net fir 2021 ze zéien, esou, dass och do de Budget rectifié opgestallt gouf ouni déi 24 Milliounen Euro manner Einnahmen, wat e positivt Zeechen ass, ech wäert duerno och nach drop agoen. Wéi gesot, déi 24 Milliounen Euro, déi am Initial virgesi waren, hu mir net brauchen ze zéien an dat gëtt natierlech och eng gutt Ausgangspositioun well dat heescht och, dass op Enn dëses Joer eis Schold weider ofhëlt well mir leie bei ronn 12,2 Milliounen Euro an esou - wéi et och no de Virgabe vum Ministère de l'Intérieur - bei enger Prokappverscholdung vun 566 Euro, dat ass zimmlech déif wann ee kuckt, den Niveau vum Remboursement vun den Annuitéite bei 1,3 Milliounen Euro, ech mengen, dass mir do a ganz gudder Gewässer sinn a wann een dann och nach kuckt, wéi mir d'Joer ofschléissen, de Rapport vun den Annuitéite par rapport zu de Recette- ordinaires, do leie mir am Fong an deem Rapport bei 1,2% an no de Virgabe vum Ministère de l'Intérieur ass alles am positiven, am grénge Beräich, wat ënnert 15% läit, wann een déi eng Extremitéit huet - ënner 15% - a mir leie bei 1,2%, ech mengen dat seet genuch aus iwwer de Gesondheitszustand vun der Finanzsituatioun vun der Stad Diddeleng.

Wann ech elo e bësse weider op de Budget rectifié aginn, ech hu jo gesot, dass déi 24 Milliounen Euro net

brauchen ze zéien a wat klasesch och ëmmer am Budget rectifié ass, dat ass den Restanten, dat ass 0,8 Milliounen Euro deen ass jo och erfogaangen, mir hunn awer och par rapport zu der Circulaire, par rapport zu de staatlechen Dotatiounen, souwuel bei der Gewerbesteier wéi och beim Fonds de dotation globale des communes ronn 6,8 Milliounen Euro méi kritt awer och um Niveau vum Rectifié den Ënnerschied mécht um Niveau vun den Recetten, dass mir och eng Rei Participatiounsrecettë méi era kritt huwat eis Maison Relaisen ugeet wat d'Frais de fonctionnement ugeet.

Bei den extraordinär Recetten, wann ee bei deene bleift, do sinn och eng Rei statlech Subsidien, déi dobäi komm sinn déi och eng Variatioun ausmaachen. Wa mir bei den Dépenses am ordinär Beräich bleiwen, op d'Annuitéite sinn ech jo agaangen, déi 1,2 Milliounen Euro, déi een doranner erëmfënnt, déi ofhuelen, wat d'Personalstellung ugeet, do waren eng Rei Verschibungen, déi si manner héich ausgefall wéi am Initial virgesinn an, wéi gesot, am Extraordinaire hate mir um Niveau vun den Dépenses eng Hausse vu 47,8 op 52,1 Milliounen Euro, also wéi gesot, 4,3 Milliounen Euro méi. Dat huet virun allem domadder ze dinn, dass effektiv och hei am Gemengerot eng Rei zousätzlech Projeten a Kreditter gestëmmt goufen, dat Ganzt, wéi gesot, esou wéi de Budget rectifié hei virläit, gëtt eis eng gutt Ausgangsbasis fir 2022. Weider hu mir wéi gewinnt virsichteg gehaushalt an, wat och net onwichtig ass, dass mir an d'Joer 2022 eriwuergerinn, wou mir eis ganz Reserve behalen an déi belafen sech op 12,9 Milliounen Euro. Dat ass wéi mir d'Joer 2022 ofschléissen.

2.2. Presentatioun an Approbatioun vum Budget initial vum Exercice 2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géif ech proposéieren, dass mir op d'Eckdate vum Budget initial 2022 iwwergerinn an och do kënnen mir mat Slidë weidermaachen. Do hu mir engersäits um Niveau vum Ordinaire, vun de Recetten, do hu mir Einnahmen am ordinäre Beräich vun 116 686 970 Euro a mir hunn Dépense vun 106 269 148,45 Euro, dat mécht e Boni am ordinäre Beräich vun 10 417 821,55 Euro. Wa mir da kucken, wat am Extraordinaire d'Einnahme sinn, dat sinn da 36 232 591 Euro an d'Dépenses 43 435 940,73 Euro. Wa mir dann och nach kucken, wat mir eriwuerhuele vum Budget rectifié 2021, dat si jo dann déi 1,9 Milliounen Euro, sou, dass mir effektiv, wa mir déi gesamt Vue hunn, viraussichtlech mol am Initial e Boni ausweise vun 5 147 675,46 Euro. Dat ass e bëssen d'Ausgangsbasis fir den Initial 2022.

En Element virop wat mir hei agesat hunn, bei den ordinäre Recettë gräife mir op eis Reserv zeréck, mir hunn do mol 4 Milliounen Euro agesat an am Extraordinaire hu mir och en Emprunt dra gesat vun 30 Milliounen Euro. Awéifern mir déi Montante brauchen, dat gesi mir finalement am Kader vum Kont, wa mir dee bis virleien hunn, de Kont vum Joer 2021, ech mengen, dass dat dee selwechten Exercice ass wéi mir virdrun och mam Budget rectifié gemaach hunn, mee dat sinn elo Parametere, mir hunn elo mol de Budget 2022 opgestallt. Ech wäert och dann op déi verschidde Prioritéiten agoen, déi mir setze fir d'nächst Joer, an och op déi



Investier, déi mir tätege wäerten, wou och d'Kollegen an d'Kolleginnen aus dem Schännerot op hir Ressort wäerten agoen awou hir Prioritéit gesat ginn. Wat ee soe kann an deem Budget fir d'nächst Joer, ass, dass mir éischtens mol d'Projeten dran erëmfannen, déi sech iwwer 2-3 Budgetsjoren zéien, well dat konsequent Investitiouns- an deementspreechend och Infrastrukturprojete sinn. Dat sinn natierlech och Projeten, déi mir am Laf vum Joer 2021 gestëmmt hunn, en cours de route, déi dann och d'nächst Joer wäerten ëmgesat ginn an ufänken um Niveau vun der Exekutioun an dann natierlech och ganz nei Projeten, déi mir am Budget 2022 wéi gesot erëmfannen.

D'Toile de fond, wat een awer och nach eng Kéier kann ënnersträichen, dat ass, dass mir vun 2017 bis 2021 - dat sinn déi Premissen, mat deene mir de Budget 2022 uginne - keen Emprunt opgeholl hunn, dat heescht 5 Joer de suite, an dat huet eis natierlech och erméiglecht, eis Prokappverschëldung erofzedrossle vun 841 Euro op 566 Euro, wéi ech virduer och gesot hunn a wéi gesot, dass wa mir den doten Emprunt géifen zéien, dass natierlech eis Annuitéit wäerten an d'Luucht goen, dofir hu mir och um Niveau vun den Depensen 2 Milliounen Euro agesat, mee wéi gesot, wa mir den theoreteschen Emprunt géifen zéien, dann ass och den Taux vun den Annuitéit par rapport zu de Recette-ordinairë bei 1,77%.

Mir hu virduer gesot, dass mir d'Joer 2021 ofschléisse mat engem Rapport vun 1,2%, dee geet also e bëssen an d'Luucht, mee ech sot jo alles wat ënner 15% läit ass ganz am grénge Beräich, mir bleiwen also an enger ganz stabiler finanzieller Situatioun och wa mir dësen theoreteschen Emprunt géifen zéien. Wa mir elo e bësse méi am Detail kucken, wat d'Recetten ugeet am ordinäre Beräich, do fënnt een natierlech déi staatlech Dotatiounen erëm, de Fonds de dotation globale des communes, dat sinn 69 442 000 Euro an natierlech d'Gewerbesteier, den Impôt commercial communal, dat si 4 658 000 Euro, dat sinn déi 0,9% déi par rapport zum Kont bäigesat ginn, souwuel an der Circulaire, am Budget rectificié wéi och am Initial dee Prozentsaz jo d'selwecht ass an do gesitt Dir och, wéi déi verschidden Dotatiounen variéiert hunn.

An dann hu mir natierlech nach den Impôt foncier, dee läit bei 1 033 000 Euro, dat ass och esou, dass déi staatlech Dotatiounen gutt 65% ausmaachen vun eisen Einnahmen am ordinäre Beräich an de Rescht, 35%, dat si virun allem Subventiounen, wou mir vum Ministère kréien, respektiv Taxen, dass mir 65% hu vun de staatlechen Dotatiounen, dat ass ganz gutt, dat si jo Recetten, déi net affectéiert sinn, dat sinn och Recetten, déi eis e gewësse Spillraum ginn am Kader vun der Autonomie communale, déi mir als Gemeng kënnen ausüben. Déi aner 35% Einnahmen ronderëm d'Taxen awer och déi staatlech Subventiounen fir déi Mission-partagéeën, déi mer hunn, sief dat um Niveau vun de Maison-relais, sief dat um Niveau vun de Crèches, sief dat um Niveau vun der Museksschoul, vun der Schoul, ech mengen, bei der Maison-relais sinn dat 8,7 Milliounen Euro, bei der Crèche 2,6 Milliounen Euro, bei der Museksschoul 2,3 Milliounen Euro, dat sinn also déi Mission-partagéen, déi de Staat an d'Gemengen hunn.

Da fanne mir natierlech och e Kredit erëm vun 1,5 Milliounen Euro fir d'Duerchlafgebühr, mir si Propriétaire vun der Duerchlafgebühr, vun der CO2-Tax, déi natierlech och erhéicht gëtt vun 20 op 25 Euro pro Tonn fir d'Joer 2022. Mir fannen och Kreditter erëm vun enger hallwer Millioun Euro ronderëm d'Kulturhaapstad Esch 2022, wou mir och Partner sinn. Mir wäerten awer och am Laf vun dësem Gemengerot doriwwer befannen, et wäert awer och eng Hausse stattfannen um Niveau vun der Tax wou 2016 um Niveau vum Waasser an Ofwaasser well am Fong de Verwaltungsrot vum SES, do kafe mir jo och d'Waasser an, decidéiert huet, dass de Waasserpräis ëm 25% méi deier gëtt a wa mir och dat applizéieren, engersäits de Käschtedeckungsprinzip an zweetens eis awer och musse konforméieren no de leschte Remarques, déi de Ministère de l'Intérieur gemaach huet, dass mir jo och, wat den Horeca-Secteur ugeet, sollen en Tarif aféieren, fir déi Remarques, déi am Kader vum Compte administratif vum Joer 2019 gemaach goufen, ëmzesetzen, da bréngt dat och eng lichte Hausse um Niveau vun den Taxen mat sech. Dat musse mir maachen, mir musse käschtedeckend hei fueren, well d'Gesetz dat och esou virgesäit an d'Ausrichtung fir dat ze maachen ass ab Juli 2022, no der Lecture, déi dann deementspreechend och gemaach gouf an, wéi gesot, mir wäerten am Laf vun dësem Gemengerot nach méi am Detail drop agoen.

Dann, um Niveau vun den Depensen am ordinäre Beräich, do ass engersäits de Congé politique, deen ausbezuel gëtt hei fir d'Gemengerotsmemberen, dat sinn 262 000 Euro, do speise mir e Fonds pour dépenses communales. Dann och eise Solidaritéitsbäitrag fir de Fonds pour l'Emploi, dee jo ganz staark genotzt gouf, grad och während der Coronakris, dat ass 2% vun eiser Gewerbesteier, wou domadder gespeist gëtt, dat sinn 41 400 Euro. Dann, wéi gesot, d'Annuitéiten, wou mir agesat hu par rapport zum Emprunt, wa mir deen zéien, 2 Milliounen Euro. Dann och eng Mission partagée, Staat a Gemengen, dat ass de CGDIS, zivil Sécherheet, alleguerten déi Efforten, déi gemaach gi fir dat ze gewährleisten, dat ass 1% vun eise Budget wou dat ausmécht, 1 039 868 Euro dat ass einfach effektiv dann och d'Frais de fonctionnement an och Personalfrais, déi dat ausmaachen, dat sinn dann de Stat an d'Gemengen, déi sech hei 50/50 d'Frais deen, esou wéi d'Gesetz dat och virgesäit. Da mierkt een och an den zwee Projeten déi hei de Gemengerot gestëmmt hunn, wa mir eis Infrastrukturen erweideren um Niveau vun de Crèches, respektiv Maison Relais, d'Crèche am Quartier Italien, déi och wäert opgoen, d'Maison Relais am Ribeschpout, dat huet natierlech och Restauratioun, déi wäert och doduerch an d'Luucht goen, och

do fénnt een déi Kreditter erëm wat d'Depensen ugeet. Dat heescht 180 000 Euro wat Crèche an effektiv 1,4 Milliounen Euro wat d'Maison Relais ugeet.

En anere Volet vun enger Sozialleeschtung, wou mir eis och uleenen un dat wat de Staat jo och mécht, am Kader vum Staatsbudget ass jo och gesot ginn, dass d'Allocation de vie chère ëm 200 Euro erhéicht gëtt pro Menage pro Joer. Wann eeweess, dass mir 45% setzen op d'Allocation de vie chère, wäert déi natierlech och an d'Luucht goewat eise Budget ugeet an dofir fannt Dir och déi Zomm vun 825 000 Euro dran erëm.

Mir wäerten och, vu datt mer Propriétaire vum Réseau sinn, well mir jo engersäits Recette kréiewat d'Duerchlaafgebür ugeet, do hu mir och eng Depense, dat ass 0,6 Milliounen Euro, a wéi gesot déi Hausse och vum Waasserpräis well d'SES eis jo och dat verrechent well mir do Waasser akafen dat mécht 1,6 Milliounen Euro aus an och de Gaspräis, och déi Haussen, déi sech op de Budget vun der Gemeng nidderschloen, dat ass eng Majoratioun vu 50%. Dat also eng Rei Elementer, déi dëse Budget ausmaachen. E weideren Aspekt, do ginn ech da méi op meng Ressorten och an, dat ass dee ganze Volet ronderëm d'Stadentwécklung, respektiv Entwécklung ronderëm eis Geschäftswelt, déi Efforten an déi Investor, déi mir getätegt hunn déi lescht Joren, déi wëlle mir och weiderféieren.

2021 sinn eng Rei wichteg decisiv Initiative geholl ginn, déi wëlle mir 2022 weider féieren Dir wësst, dass mir déi Campagne lancéiert hunn „Diddeleng läit eis um Häerz“ wou och iwwer deen dote Wee an doriwwer eraus nei Geschäfte hei zu Diddeleng am Fong opgemaach hunn, sech niddergelooss hunn, wat och ganz positiv ass, wat och en Schratt ass, dee gemaach gouf well se Diddeleng ganz attraktiv fannen, dat féiert dozou, dass eise Leerstand an der Stad Diddeleng ganz niddereg ass, awer och well do d'Implikatioun vun eise City manager ganz staark ass an och an deem Kontext d'Bestriewen, fir dat weiderzeféieren an dofir fénnt een och déi Kreditter vun 150 000 Euro dran erëm, fir eng ganz Rei weider Initiativeweiderzehuelen a weiderzeféieren, déi mir och schonn 2021 geholl hunn, sief dat d'Animatioun am Stadkär, respektiv och Initiativen, déi mir mam Geschäftsverband huelen, respektiv awer och déi ganz Promotioun iwwer d'digital Vitriinn, déi mir eise Commerce ginn, sief dat iwwer d'Diddelenger City App sief dat awer och iwwer déi national Plattform Lëtztshop, déi eis 32 500 Euro kascht.

An da gehéieren zu deem dote Volet och eng Rei Depensen um Niveau vun de Loyerer, well mir och de Prinzip spille loossen, dass mir Locataire ginn, respektiv dann och Sous-location maachen an iwwer dee Wee och d'Diversifikatioun vun der Offer steiere kënnen an awer och ganz kloer mat decidéiere kënnen an och steiere kënnen, wat mir wëllen a virun allem, wat mir net wëlle. Dofir och d'Bestriewung, 2022 mat de Geschäftsleit, mam Geschäftsverband weiderzeschaffen an och am Interêt vun der Diddelenger Geschäftswelt an ech mengen, dass dat grad esou wichteg ass, och fir d'Geschäftswelt well grad 2022 d'Kulturhaaptstad stattfénnt an der ganzer Südregioun, do si mir och als Stad Diddeleng dobäi mat 17 Projeten, déi mir och hei unanime am Gemengerot gestëmmt hu fir dass déi hei kënnen ëmgesat ginn.

Dat schléit och mat 1,2 Milliounen Euro zu Buch an ech mengen, wann een déi 2 Voleten zesummen hält, wann dann och Touristen, ob dat elo inlännesch Touristen sinn oder auslännesch Touristen sinn, wann déi hei zu Diddeleng sinn, dann ass et och wichteg, se hei ze halen an do kann a wëllt d'Gemeng hëllefen, do wëll d'Gemeng hëllefen, mee dofir brauch se och eng staark aktiv an och eng staark present Welt fir dass déi Opportunitéit genotzt gëtt zu hire Gonschten, och fir eis deem Kader eraus Synergien ze entwéckelen. Dat par rapport zu deem Volet an och déi Erausforderungen, déi sech wéi gesot stellen, och am Kader vun enger ekonomescher Reprise, déi awer och ganz positif ass, wou een och gesäit wéi déi lescht Projektione sinn, déi de STATEC gemaach huet, déi och eropgeschrauft goufen.

Et konnt ee jo och déi lescht Deeg an der Press liesen, dass effektiv d'Décroissance économique net méi bei 6% mee neierdénks bei 7% läit fir 2021, respektiv bei 3,25% fir 2022, ech mengen, dass dat eng Toile de fond ass, déi net oninteressant ass fir effektiv déi weider ekonomesch Aktivitéiten hei zu Diddeleng oprechtzeerhalen an da weider kënnen ze schaffen. Da géif ech op en anere Punkt iwwergoen, dat ass Personal do hu mir natierlech och um Niveau vun den Depensen engersäits déi normal Evolutioun vun de Carrièren, déi normal Evolutioun, awer anerersäits och d'Indextranche, déi engersäits 2021 gespilt huet, déi am Budget rectifié 2021 gespilt huet, am Initial 2022 hu mir elo keng Indextranche dra gesat well dat och net an der Circulaire dra stoung, déi mir hei 1 zu 1 applizéieren. Mir wëssen awer, an dat huet de STATEC scho ganz kloer gesot, dass viraussichtlech am véierte Trimester 2022 eng Indextranche kéint falen, wat d'Präisdeierecht ugeet, dat wäerte mir deementspriedend och adaptéieren, mee wéi gesot, mir hunn eis hei elo mol un d'Circulaire budgétaire gehalen an déi Indextranche net spille gelooss, mee mir wëssen awer, dass se komme kann, villäicht kënnt se och méi fréi wéi annoncéiert, dat si Parametere, déi een am A muss halen, mee déi concernéieren net nëmme d'Stad Diddeleng, dat ass et e landeswäite Prinzip vum Index, deen hei och spillt. Also engersäits déi normal Evolutioun awer och déi nei Engagemente, déi mir maache wäerten, engersäits awer och de Rôle, dee mir wouerhuelen um Niveau vun der Ausbildung, do iwwerhuele mir Responsabilitéit als Stad Diddeleng.

Ech wëll hei ënnersträichen, dass mir 27 Apprentien hunn tëschent 17 an 38 Joer, souwuel Jugendlecher, Jonker, wéi awer och Erwuessener, déi an der Formation adulte sinn. Ech mengen, dass dat ganz wichteg ass, dass mir och deem Rôle als Formateur an der Stad Diddeleng gerecht ginn an - et gouf virun iwwer nei Engagemente geschwat - ronn 70% vun den neien Engagemente, déi mir tätegen, sinn um Niveau vum edukative Personal, wou mir am Fong Crèche ewéi och Maison-relais hunn, an dat sinn och Engagemente, wou mir zu zwee Drëttel vum Staat rembourséiert kréien. En anere Volet, deen eis weider wäert beschäftegewart Personal betrëfft, dat ass engersäits déi Bestandsopnam déi mir gemaach hunn, do hate mir och en informelle Gemengerot wou mir lech dat virgestallt hunn an och do wäerte mir 2022 d'Ëmsetzung maachen souwuel intern mam Personal zesumme fir och dat Bestriewen oprechtzeerhalen, weider e gudden ëffent-

leche Service ze si fir och den ëffentlechen Déngscht kennen ze gewährleisten. Dat par rapport zu den Depense-ordinaires.

Wann ech elo op d'Recette-extraordinairë ginn, do hu mir déi ronn 36,3 Milliounen Euro, dovunner sinn 30 Milliounen Euro Emprunt, dat mécht am Fong 83% aus vun eisen Recetten am extraordinäre Beräich an de Rescht dat si Subsidevum Staat, dat sivilun allem Subsidien déi liiert sinn un Depensen am extraordinäre Beräich, wou mir och déi néideg Subventiounen vum Staat kréien. Dann hu mir awer och agesat déi hallef Millioun Euro déi eis och iwwer d'Gesetz zoustinn am Kader vum Pacte Logement 2.0 a mir hunn déi attribuéiert un déi 5 Maison-unifamilialen, déi mir am Quartier Lenkeschléi, deenen hu mir déi zougeschriwwen, an dee Montant hu mir agesat an och d'Taxe collective, eng hallef Millioun Euro, dat ass dat wat eis Recetten am Extraordinären ausmécht, a wéi gesot, d'Subside si 4,2 Milliounen Euro, déi mir vum Staat kréien.

Wann ech elo op d'Depensen iwwerginn, am extraordinäre Beräich, jo do schielt sech eraus wat och d'Prioritéiten ënnert anerem sinn, hei ass en Invest, dee mir tätegen, 2021 hu mir den Investissementsvolumen héich gehalen dat och fir 2022 de Fall, den Invest ass hei bei 43,4 Milliounen Euro, also ronn 43,5 Milliounen Euro, an dovunner sinn 12,7 Milliounen Euro nei Projeten, déi mir 2022 ufänken also ronn een Drëttel nei Projeten, déi effektiv 2022 ugefaange ginn, den Invest bleift op héijem Niveau. Mir hunn also hei och e Budget generell virleien, e Budget, dee och Diddeleng wäert weiderbréngen. 38% ginn investéiert a Logement an Equipement collectif, 17% a Kultur a Fräizäit, 14% an den Enseignement, dat si virun allem Renovatiounsprojeten, Modernisatiounsprojete vun eise besteeënde Schoulgebäier, dat ass e konsequenten Invest, dee mir all Kiéiers jo och tätegen. Et ass och deemno e Budget, deen een hei erëmfënnt, deen eng ganz staark sozial Dimensioun huet, et ass e Budget, deen sech der Nohaltegkeet an och der Resilienz verschreift, et ass e Budget, deen sech och an d'Reprise économique aschreift, deen och der Reprise économique Rechnung dréit an deen och dobäi alleguerten d'Generatiounen mat dréit, Investier - wéi gesot - héichhält an och, muss ee soen, ouni déi zolidd a gesond Situatioun vun eise Gemeengefinanzen, déi mir säit Joren hei virfannen, negativ ze impaktéieren, respektiv ze hypothekéieren an dat mierkt een och ganz kloer wann een d'Finanzlag vun der Stad Diddeleng huet.

Méi spezifesch wëll ech hei nach op meng Ressorten agoen an do géif ech einfach mol wëlle mam Urbanismus ufänken. Dir wësst, dass mir am Laf vum Joer 2020 awer virun allem 2021 ronderëm de PAG vill geschafft hunn, mir wäerten och nach 2022 do weider schaffen a ginn dovunner aus, natierlech, dass déi definitiv Adoptioun spëtstens am éischte Semester 2022 stattfënnt. Wann een och kuckt, déi Prozeduren, déi amgang sinn, also och dat wäerte mer nach déi eng oder aner Kiéier hei am Gemengerot hunn.

Dann hu mir och e Kredit agesat vu 50 000 Euro fir e Masterplang ronderëm Koibestraachen auszeschaffen, dat net als Gemeng aleng, mee zesumme mam Wirtschaftsministère mir hu jo hei wou och en Urbanismus-

büro beoptraagt gouf de Masterplang auszeschaffen dat ass och hei d'Planung vun enger neier, nationaler Zon, déi ausweise gouf iwwer de Plan sectoriel an hei ass et och wichteg, niewent dem Masterplang och Demarchen ze maache mam Wirtschaftsministère zesumme fir d'Acquisitioun vun den Terrainen, do musse mir also och aktiv un d'Propriétaires erunrieden, awer och parallel eng urbanistesche Planung maache fir déi national Zon ze entwéckelen, wëssend, dass d'Gestioun vun dëser Zon an den Hänn läit vum Wirtschaftsministère, mee dat heissen ass e partnerschaftleche Projet zwëschent Staat a Gemeng.

Dann ass natierlech d'Phas 3 vum Shared Space, déi jo 2021 ugefaangen huet déi eis och wäert 2022 an 2023 beschäftegen, also e Projet, deen sech zitt iwwer 3 Budgetsjore fir 2022 hu mir do 3,8 Milliounen Euro virgesinn a parallel ass jo och déi viischt Fassade virun allem d'Roseraie, déi erneiert gëtt, den Echafaudage steet jo scho virun der viischer Fassad, dat gesäit ee jo an och dat schléit mat 57 000 Euro zu Buch. Dann hu mir natierlech och Kreditter mat agesat fir déi 4. Phas vum Shared Space ze plangen, dat am Fong virun der Gemengeplaz bis d'Place Fohrmann, wou de PAP Nordevun NeiSchmelz ass. Mir hunn einfach mol hei Kreditter agesat vun 100 000 Euro well hei d'Bestrieung besteet dann och fir dat weiderzezéie bis d'Place Fohrmann fir hei eng Neigestaltung ze maachevum ëffentleche Raum och fir ze kucken, wéi den ëffentlechen Transport kann effektiv mat integréiert ginn, mir fänken einfach u mat de Planungen un.

Dann, wa mir weider beim Urbanismus bleiwen, mir hunn och Kreditter virgesi fir zwou ëffentlech Plazen ëmze gestalten, awer och Kreditter fir mol Etüden ze maachen, wéi se kéinten ausgesinn. Ech mengen, Dir wësst, dass am Laf vum nächste Joer d'Aarbechte lass ginn a mir haten och schonn en informelle Gemengerot, wou mir hei driwwer diskutéiert hunn, dass d'Butschebuerger Strooss erneiert gëtt, wou elo Ponts et Chaussées virun allem dru schaffen, dee ganzen Déifbau maachen an do ass och d'Iwwerleeung fir ze kucken, wéi mir d'Place Gymnich kënnen anescht gestalten, méi konvivial gestalten. Dat sollt een dann och mat den Awunner aus dem Quartier zesummen ugoen, fir partizipativ och ze kucken, wéi een déi Plaz ka flott gestalten, och mat den Acteuren, déi do sinn. Dat ass déi éischt Plaz an déi zweet Plaz ass d'Place de la Résistance.

Fir d'Place Gymnich hu mir 50 000 Euro virgesinn a fir déi zweet Plaz, d'Place de la Résistance, do hu mir och e Montant fir Etüd virgesinn, 55 000 Euro, an do hu mir och Sue kritt am Kader vum PAP zu Biereng am Kader vun der Soulte, déi mir kritt hunn an do hu mir och festgehalten, dass mir déi Plaz amenagéieren. Dat ass déi Plaz tëschent der Bierenger Strooss an dem Brill, wou dee grouse flotte Sequoia ass, dee mir wëlle mat integréieren an och hei wëlle mir déi Plaz méi konvivial gestalten, well déi Plaz do awer klassesch Amenagement ass aus den 90er Joren, mee am Fong urbanistesche gesinn, déi Plaz ganz wéineg genotzt gëtt, dat ass schued. Si ass vum Amenagement hir e bëssen iwwerlieft an d'Iwwerleeung ass, hei och eppes ze amenagéierewat eng Neigestaltung gëtt a méi konvivial ass a méi genotzt gëtt wéi am Moment.

Dann, ronderëm NeiSchmelz, do ass e Projet, deem eis elo konsequent wäert begleeden all Budgetsjoer. Dir hutt jo matkritt, dass elo kierzlech déi zwee Projet-de-loien deposéiert goufen, engersäits wat d'Sanéierung vum Site ugeet, wat och net onwichtig ass, awer och dee ganze Volet ronderëm de Logement, de Finanzéierungsprojet wéi och datt d'Densitéit eropgesat gouf, an d'Zousécherung, déi mir vun der Regierung kritt hunn, dass d'Nationalgalerie an d'Schaulager op Diddeleng kënnt. Déi Parametere si ganz kloer an däitlech gesat, dat sinn och Investor, déi hei um nationale Plang getätegt ginn. Mir tätegen awer och als Stad Diddeleng um kommunale Plang eng ganz Rei Investor, dat hu mir eng Rei Jore gemaach well et eis och wichtig ass, dass mir de Site NeiSchmelz kontinuéierlech weider beliewen. Fir eis ass et keng doudeg Plaz, dofir ass et och virgesinn, dass fir de Lokomotivatelier awer och elo mat Renovatiouns- a Restauratiounsaarbechten amgaange sinn, dass déi Renovatioun op 2,6 Milliounen Euro ausfällt. Mir hunn et herno am Gemengerot, wou mir och effektiv iwwer den Devis nach eemol diskutéieren. Dir kënnt lech erënneren, dass mir an enger éischer Phas e Kredit vun enger gudder hallwer Millioun Euro gestëmmt haten, mir hunn deem eropgesat, initial war d'Iddi, de Projet an zwou Phasen ze maachen, an enger éischer Phase fir 2022 an dann enger zweeter Phas no der Kulturhauptstad. Dat war déi Diskussioun, déi mir hei haten.

Mir hunn awer fonnt, dass et wichtig ass, direkt eng komplett Renovéierung ze maachen, well dat méi einfach ass fir wann déi besteeënd Aarbechte lafen, dann och dat ze maachewéi zweemol unzefänken et ass och de Fonds du Logement den an enger Rei Renovatiounsaarbechte mécht well se nach ëmmer Propriétaire sinn, mir sinn och deementspreechend nach do Locataire, mir gi jo 2022 komplett de Propriétaire mir kréien och Subside vu Sites et Monuments a mir hu jo och schonn de Projet wou mir Appel-à-candidaturé gemaach hunn, wou och do Restauratiounen an och Gastronomie sech kann niddleoossen. An deem Kader war et eis wichtig, net an zwou Etappen déi ganz Renovatiounsaarbechten ze maachen, mee wéi gesot, an enger Etapp an dofir falen dann och d'Kreditter direkt an dëser Phase méi héich aus wéi wann een se géif etaléieren iwwer eng Phas vun 3-4 Joer. Dann de Vestiaire Wagonage, do hu mir och knapp eng hallef Millioun Euro agesat, och déi Renovatiounsaarbechte lafewéi gesot gutt virun an do ass jo och den DKollektiv, deem do och eng Rei kulturell Aktivitéite mécht fir dee Site ze beliewen a mat Liewen ze fëllen a fir dass dat och prett ass fir 2022. Et muss ee generell soen, dass déi Renovatiounsaarbechte gutt virukommen an dass mir eis do gutt koordinéieren mam Fonds du Logement a mat de Corps-de-metieren, déi do sinn. Da wäerten natierlech och d'Aarbechte lassgoe ronderëm d'Renovatioun vun eiser Lokomotiv, vun der ADU 3, do hu mir jo e Kredit gestëmmt vun 234 000 Euro, d'Leit goufen elo recrutéiert fir déi Aarbechte matzestalten, dat ass net onwichtig.

Da wäerte mir och déi ganz Mise en sécurité maache ronderëm och de Wee fir an de Floater eran, ech kommen nach eng Kéier dorobber zeréck, respektiv den Amenagement vun der neier Plaz tëschent dem Lokomotivatelier an och dem Vestiaire Wagonage, wou mir

och nach eemol um Niveau vum Eclairage public méi wäerten opriichten. Och dat ass net onwichtig, notamment fir 2022, wann d'Leit um Site sinn an do hu mir e Kredit virgesi vun 350 000 Euro. Da wäerte mir och de Floater, deem hu mir dra stoen, no der Annulatioun vun der Soumissioun, déi gemaach gouf, wouropshi mir och gestatt kritt hunn, dass mir eng Soumission négociée kënne maachen, do krute mir dräi Offeren eran, mir hunn eng dovun zeréckbehale vun enger Firma, där den Optrag gi fir de Floater ze organiséieren an, wéi gesot, och dee wäert kënne ëmgesat ginn. Dir kënnt lech jo erënneren, dass bei der Soumission publique bal fënnf Mol de Soumissiounspräis hei am Fong gi ginn ass, dofir hu mir dat jo och annulléiert a mir hunn elo e Projet virleie fir doriwwer ze diskutéieren, wou mir an den normale Paragë leie vun och anere Projeten, déi hei am Land ëmgesat ginn, wou och 30% méi kaschten, do bleiwe mer am Fong an den normale Paragë vun der Präisdeierecht, déi dës Kris mat sech bruecht huet a viraussichtlech ass den Timing Abrëll-Mee 2022 fir dann och de Floater kënne ëmzesetzen. Dann awer och, dat si konkret Voleten, an awer fänke mir och un, un NeiSchmelz mëttel- oder längerfristeg ze plangen, mir hunn am Fong Kreditter virgesinn, 150 000 Euro fir d'Etude de faisabilité vun der Schoul NeiSchmelz, fir déi an Ugrëff ze huele fir deem dote Quartier awer och fir d'Route de Thionville. Dat par rapport zu dem Projet NeiSchmelz.

Dann och den Hall polyvalent, deem och 2022 ëmgesat ginn. Dat war och a Verzug geroden duerch d'Covid-kris, d'Soumissioun ass ofgeschloss, den Zouschlag un d'Firma ass gemaach ginn, esou, dass dat och 2022 kann ëmgesat ginn. Den Hall polyvalent ass och keen onwichtige Projet fir d'Diddelenger Veräinswelt. Dann, en anere Projet, dat ass d'Planung vun eisen neie Gemeindegateliere. Och déi wäerte mir weiderféieren an der Rue de l'Abattoir. De Gemengerot huet jo dee Projet gestëmmt an do hu mir e Budget virgesi vun 2,3 Milliounen Euro. Dann, wéi gesot och e Kredit fir d'Acquisitioun vun Terrainen, do hu mir och e Kredit agesat vu gutt 1,6 Milliounen Euro, dat huet virun allem domadder ze dinn, dass mir hei engersäits an Diskussiounen si mat engem Propriétaire fir kënne en Terrain ze kréien zu Biereng, fir am Fong d'Ausweidung oder d'Extensioun vun eisem Retentiounsbecken.

Dat musse mir maachen, och am Kader vum Projet NeiSchmelz, an do brauche mir och méi Terrain fir den Ausbau ze maachen, dofir hu mir och do Kreditter virgesinn a mir sinn an Negociatioun mat engem Propriétaire fir deem säin Terrain ze kréie fir e subventionéierten abordable Wunnungsbauprojet ze maachen. Do si mir an Diskussioun, mir hunn elo awer mol déi néideg Kreditter virgesinn, fir déi Acquisitioun kënne ze maachen. Déi Diskussiounen lafe gutt virun a wann et esouwäit ass an och definitiv ass, kënne mir an de Gemengerot komme mam Akt. De Moment si mir awer eréischt an Diskussiounen, dofir hu mir dee Montant ageschriwwen, fir och deem kënne Rechnung ze droen.

Dann, de leschte Punkt op deem ech wäert agoen an da kënne hei d'Kollegen aus dem Schafferot op hir jee-weileg Ressorten agoen, dat ass de Fuepark vun der Gemeng, dee mir erneieren, dat schléit zu Buch mat

617 000 Euro. Nei Gefierer, 10 Stéck, dovunner och eng Rei Elektroautoen an och Camionnetten, eng Balay-euse, en zimmlech konsequenten Invest vun 250 000 Euro a wéi gesot, och Elektroautoen an och Camionnetten. och dat sinn Acquisitiounen, déi mir maachen.

Dëst gesot hunn ech en Abléck ginn an déi Ressourcen, déi mech uginn, Dir gesitt Investor déi mir héich halen awer och eng Rei Projeten, déi mir héich setzen, déi sécherlech den Diddelenger Bierger zegutt kommen, wou mir d'Liewensqualitéit weider héich halen a wou mir och weider Attraktivitéit schafen an de Standuert Diddeleng weider stäerken, um soziale Plang, um ekonomesche Plang an och um nohaltege Plang. Dat ass dat wat ech zu menge Prioritéitewollt soen, awer och méi generell makroekonomesch gekuckt, wat de Budget vun der Stad Diddeleng ausmécht an ech ginn dann d'Wuert weider un den éischte Schäffen, de Loris Spina.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleegen a Kolleginnen aus dem Schäffen- a Gemengerot, da géif ech zu mengen Ressorte Stellung huelen awer och vir d'éischt vu menger Sait aus dem Pascale Poull an senger Ekipp e grouse grouse Merci, dass se zesumme mat all eise Servicer et fäerdeg bruecht hu fir dat dach extrem komplett an awer komplex Dokument esou ze veranschaulichen, dass déi meescht vun eis verstinn, wat gemengt ass. Ech géif dann uwen am Alphabet ufänke mat der Biergerbedelegung. Ech mengen, dass se net méi spéit wéi säit der Konventioun, déi mir mat der Uni Lëtzebuerg konnten an deem Kader schléissen, och dee leschte matkritt huet, dass mir hei zu Diddeleng dat net nëmme ganz eescht huelen, mee och stramm ënnerwee sinn an deem doten Domaine.

Grundsätzlech, kann ee soe, dass dee Budget, deen een do erëmfennt an deem dote Kader, oft sech ronderëm d'Kommunikatioun dréint, déi ass immens wichteg well mir awer net hei zu Lëtzebuerg wierklech déi Bedelegungskultur hunn. An deem Kontext ass Kommunikatioun ëmmer wichteg an dann ass et och fir Developementer an och Deploiementer ze maachen, an deem heite Fall ass et fir eis Voting Platform an herno och d'Exekutioun. Jo, mir huelen dat eescht, vu jonkem un an dat ass - mengen ech - besonnesch an dësen Zäiten rëm opfällig, dass dat wichteg ass, dass ee fréi léiert demokratesch ze participéieren an sech och anzebréngen, dass een herno als Erwuessenen dat net just iwwer Social Media mécht, bezéiungsweis mat Facenue sech selwer positionéiere wëll an herno sech zum Wutbürger oder Querdenker entwéckelt. Dofir ass et fir eis wichteg, dass mir esou fréi wéi méiglech domadder ufänken, fir datt d'Kanner am Jugendgemengerot an am Kannergemengerot léieren, sech propper ze positionéieren, Argumenter ze sammeln an a vollem Respekt hir Meenung auszudrécken.

Fir dass esou flott Projeten awer kënne realiséiert ginn, brauche mir Encadranten, soss ass dat net ëmsetzbar, dofir wëll ech profitéiere fir deenen, déi am Kannergemengerot sinn, d'Jennifer Abends, d'Samantha Schmidt an d'Azra Hodzic, Merci ze soen, awer och deenen am Jugendgemengerot, eise Mataarbechterinnen aus dem Jugendhaus, d'Mara Lisarelli an d'Rachel Van Hemert,



déi eis do hëllefen. Déi zwee Projete ronderëm de Biergerpanel an de Biergerrot, deen d'lescht Joer oder dëst Joer och fir d'éischt eemol konnten digital gestart ginn, wat och eng ganz flott Erfahrung war, wäerte mir och 2022 an eisem Joer erëmfannen. Nei wäert sinn, dass mir e Comité d'accompagnement wäerten opsetzen, dat hate mir och schonn hei am Gemengerot diskutéiert an do wäert d'Uni Lëtzebuerg vertrauede sinn, natierlech Verrieder aus dem Schäfferot awer och de lokale Fonctionnaire in house, dat war bis elo de Patrick Hoss, awer och sämtlech Parteien, wéi se hei am Gemengerot vertrauede sinn, wäerten do e Sëtz kréien.

Do doniewent probéiere mir och, déi verschidden Interesseveräiner z'iwwerzeege fir do matzemaachen och villäicht een aus dem Geschäftsverband, aus dem Syndikat d'initiative, och ee vum Service Ensemble, well déi och ganz no bei de Bierger sinn, aus verschiddene Quartieren, an da selbstverständlech ee bis zwee Bierger Plazen do opmaachen an - fir déi jonk Leit net ze vergiessen - och e Verrieder aus dem Jugendhaus oder Jugendgemengerot, wat sech do eben ergëtt. Déi Schinn, déi mir do gefuer sinn, war jo mam Objektiv fir e Budget participatif op d'Been ze setzen, elo ass et souwäit, d'nächst Joer ginn déi éischt Jalone gesat fir dass dat dann 2023 ëmgesat gëtt.

Hei geet et drëms, en nohaltege Projet ze fannen, also nohaltege an der Durée awer och nohaltege vis-à-vis vun der Ëmwelt an et muss natierlech vun engem Intérêt général sinn, also d'Allgemengheet soll scho vun deem oder deene Projete profitéieren. Et geet net drëms fir iergendwann e flotten Event ze maachen, wou mat ganz vill Knallbum soll eppes realiséiert ginn an duerno héiert a gesäit een näischt méi dovunner, dat ass sécherlech net den Objektiv an et soll och eppes sinn, wou net ze vill reegelméisseg Fraisen herno engendréiert.

Wéi gëtt esou eppes ëmgesat d'nächst Joer? Fir d'éischt mol erëm eng Kéier d'Kommunikatioun, dass mir de Leit erklären ëm wat et hei geet, da gëtt en Appell gemaach an da gëtt deen Appell engersäits vun enger Jury e bësse gefiltert an da ginn herno och Votte geschalt, wou jidderee soll kënne seng Stëmm ofginn an dann, wann dat gemaach ass, gëtt 2023 d'Realisatioun an uschlëssend och eng Evaluatioun vun deene Projete gemaach. Fir dass mir dat och alles kënnen tiptopp realiséieren, hu mir am Budget en hallwe Poste virgesinn, fir dat e bësse lassgeléist vum Patrick Hoss ze hunn, well hie jo och säin normale Service ze leeden huet, mee well mir esou stramm ënnerwee sinn, brauche mir do eng Persoun, déi sech exklusiv dorëms bekëmmert.

Éier ech elo op déi aner Ressorten aginn, wollt ech awer och nach eng allgemeng a generell Ausso maachen, déi och scho vum Här Buergermeeschter ugeklungen ass fir dat elo net bei all Libellé ze erwänen, ech mengen, Dir wësst dat alleguerten, de Marché am Allgemengen ass inflationär ënnerwee, d'Fraisë ronderëm d'Energie, Gas, Waasser an Elektresch si geklommen, d'Fourniturë vu Matière-première a Main d'oeuvre, do schwätze mir deelweis vun Haussen vun 25-30%, deementspreechend huet een deen Impakt an dee gesäit een an allen Domänen an eisem Budgetsdokument erëm an dofir déi allgemeng Ausso.

Dann, am Budget geet et dann weider, wann ech do der Rei no huele wat meng Ressorten ubelaangt mam Sport. Sport ass net nëmme wichteg fir deem Eenzele seng Gesondheet, mee am Allgemengen deet de Sport och der Gesellschaft gutt, an deem heite Fall der Stad Diddeleng, et ass niewent dem sportleche Facteur och d'Wuelbefannen, wat domadder gefërdert gëtt, an awer och eng Identifikatioun mat sengem Veräin a mat senger Stad. Eise Service des Sports bekëmmert sech prinzipiell ëm alles wat de Sport betrëfft, do ass de Schoulport, deen dorënner fält, de Veräinssport, d'Kompetitioun wéi och de Loisir an am Allgemengen och de Fräizäitsport fir Grouss a Kleng. Och de Sport hat natierlech mam Corona ze kämpfen an do war et extrem schwierig fir optimal Léisungen ze fannen, dat ass nëmme méiglech gewiescht am Austausch mat de Concernéierten. De sanitären nationale Kader gouf gesat an dann hu mir probéiert, mat deenen eenzelen Acteure lokal bis individuell Léisungen ze fannen, dass si konnten hir Offer an hirem Sport, an hirem Hobby oprechterhalen, esou gutt wéi et eben méiglech ass. Fir dass een dem Sport kann optimal nogoen, brauch ee gutt Infrastrukturen an dofir musse mir ëmmer erëm all Joer an eis gutt Infrastrukturen investéieren. Dat ass wéi gesot och eng Viraussetzung, dass de Benevolat sech och kann defouléieren an sech asetze fir säi Beräich. E puer Chifferen awer villäicht och well trotz Covid jo Sport gemaach ginn ass, mir haten – d'Deadline war de 15. November wat d'Statistiken ubelaangt - iwwer 21 000 Schwammstonnen, also Schoul, Veräiner an de Public an am Hartmann an de Gymnase sinn iwwer 45 000 Stonnen Sport gedriwwen ginn.

Am Budgetsdokument fanne mir déi grouss Projete ronderëm d'Schoul Strutzbiërg erëm, dat ass e Schoulkomplex, Maison Relais, déi dovunner profitéieren, Veräiner an och Coursen an de Grand public an ech mengen, dass d'Josiane Di Bartolomeo-Ries wäert duerno méi drop agoen.

De Chantier oppe Schwämm den och extrem ënner dem Corona gelidden huet do hoffe mir, dass mir am Summer kennen opmaachen an éischt praktesch Erfarunge sammeln kënnen. De Projet Meyer a Kennedy kennt Dir och, do sinn och an dësem Budgetsdokument Sue virgesinn, fir do kënnen weiderzeschaffen.

Es werde Licht! An zwar kréie mir um Tennisterrain en Eclairage fir dass de Sport och ka weider praktizéiert ginn, wann et méi däischter dobausse gëtt an awer d'Temperaturen et nach zouloossen an si erwaarden do als Veräin, dass do nach e bësse méi Stonne ka ge-

spillt ginn. An änlech ass et um Terrain Nosbaum, och do brauche mir en neien Eclairage well do déi Luuchte mëttlerweil esou schwaach sinn, dass mat deene Luuchten offiziell keng Kompetitioun méi dierf gemaach ginn an dat wëlle mir jo wierklech net hei zu Diddeleng, dofir muss do investéiert ginn. Ech bleiwen um Terrain Nosbaum, do musse mir och kucken ob mir an deem Bestand, dee mir do hunn, d'Buvette nach kënnen e bëssen ofwäerte fir dass dat méi cosy gëtt fir all Mënsch.

Mir kréien och e neie Boxring no etleche Joren hei zu Diddeleng. An och am Park & Ride ass en neie Moment, déi wou puermol do waren déi hu gesinn, dass déi grouss Vert um Enn ass, déi ersetze mir an am Austausch mat der Asbl Park & Ride si mir der Meinung gewiescht, dass een esou eppes Héijes net onbedéngt brauch, trotzdeem gëtt et eppes wierklech Grousses dat dohinner kennt fir 85 000 Euro wat jo och e gewësse Präis ass, woubäi de Präis net wäit ewech ass vun deem wat et eis kascht hätt wa mir déi besteeënd Vert gefléckt hätten. Déi nei Vert ass an deem Sënn flott well Skater, Leit mat Trotinetten, also Kickboards, wéi si dat haut nennen, kënnen fueren awer och Inliner a BMXer an dat deelweis gläichzäiteg. Et ass vläit elo net méi grad e Modul fir confirméiert Riders, mee et ass dofir vläit méi accessibel fir méi Leit an deementspreechend erwaarde mir eis ganz vill vun deem neien Element, wat elo dobäi kennt. Wat dobäi och ze bemierken ass, dass wann de Park dann op NeiSchmelz plënnert, da kann dat doten neit Element matgeholl ginn.

Dann, villäicht suergen ech elo fir e klengen Aha-Moment, d'Sportleréierung fannt Dir an Ärem Dokument erëm, dëst Joer gëtt déi genannt "Sportler*inneneréierung" an zwar ass dat eng Proposition, déi och d'Kommissioun dem Schäfferot gemaach huet, deen déi natierlech och ugeholl huet an dat ass fir e weidert Zeechen ze setze puncto Akzeptanz a Gläichstellung vun deene verschidde Geschlechter an awer och Genderen, déi och an der Sportswelt natierlech ënnerwee sinn. An och de Certificat, deen d'Laureaten do kréien, deen ass dann och ab dem nächste Joer op lëtzebuergesch. D'Sportskommissioun wäert och weiderhin ënnerstëtzt ginn, déi niewent der Sportler*inneneréierung awer och den Interscolaire wäert dat nächste Joer organiséieren. Eis Veräiner kann natierlech niewent den ordinären an extraordinäre Subsidien, déi ëmmer duerch de Gemengerot ginn och logistesesch a materiell vun eisem Service SAR, net nëmme dem Service des sports ënnerstëtzt an och de Prix du bénévolat fënnt een do mat 5 000 Euro erëm.

Recettë kréie mir vun eisem Partner, dem Lycée Nic Biever fir d'Locatioun an d'Zurverfügungstelle vun der Sportshal René Hartmann an och vun der Piscine, dat ass net wierklech en neie Moment.

Mir sinn awer net nëmme eng Sportsstad mee och Kultur gëtt zu Diddeleng ganz grouss geschriwwen an do ass et zesumme mat eisem engagéierte Personal ronderëm eist Flaggschëff Opderschmelz, wou eng ganz breet Palett vu Kultur ugebuede gëtt an dat ëmmer mat enger sozialer Präispolitik. Déi lëtzebuergesch Kënschtler kréien hei eng Bün oder eng Ausstellungshal gebueden an d'Konscht an d'Kultur huet e groussen

Inklusiounsfaktor. Do kann een och ofschalten, sech e bësse vum Stress erhuelen an Neies entdecken an dee kritesche Geescht an dat kritescht Denke gëtt bei der Kultur reegelméisseg gekëddelt. Mir hunn et schonn héieren a mir wëssen et alleguerten, Esch 2022 steet virun der Dier. Vun deene Projeten, déi Diddeleng era gereecht huet, sinn der 5 an Eegeregierung vun eisem Service era gereecht ginn an deementspreechend freeë mir eis alleguerten op dësen exzellenten an opreegende Projet, wou der Regioun ganz vill wäert bréngen an och mengen ech, dass ee ka behaupten, dass Diddeleng do en exzellente Rôle wäert spillen.

Dann, trotz Covid hu mir et fäerdeg bruecht Live is Life, dat war fir d'Artisten awer och fir de Grand public ganz flott, déi hunn alleguerte richteg duerno gelechzt sech rëm live ze begéinen tout en sachant, dass bei all deenen Eventer d'Sécherheet a Gesondheet priméiert huet. Ënnert dem Waassertuerm huet d'Fête de la musique stattfonnt, Zeltik, de Viowend vum nationale Feierdag, Summerstage, Concerten a Liesungen hunn do stattfonnt an de Kanner-Bicherdag gouf och dëst Joer fir déi éischt Kéier online presentéiert, wat sech awer och als eng flott Alternativ erweisen huet.

Bei all deem wat mir hei ubidden, kann een ëmmer vum Kulturpass profitéieren. Och vläit hei e puer Zuelen: Mir haten trotz Covid 282 Jours d'occupation, wéi mir dat nennen, dobäi waren 137 Evenementer dobannen an dobaussen. Eis Activité Citizens, also Associatiounen, déi do eppes konnten organiséieren, wéi Konferenzen, hate mir der 63, an och 63 Autres, dat war ënnert anerem eis Museksschoul an eis Harmonie, déi do Eventer konnten ëmsetzen. Am Allgemengen hu mir 18 000 Leit do gezielt, déi dëst Joer do konnte vun der Offer profitéieren. Et war eng breet Offer am Kulturspektrum, déi do ugebuede gëtt an d'Kiischt um Kuch ass - wéi esou oft - den Jazz, bezéiungsweis eisen Jazz-Festival. Natierlech ass et och eis Aufgab fir u Produktiounen deelzehuelen an och Koproduktiounen hu mir selbstverständlech ënnerstëtzt.

Extrem wichteg an deem Ganzen ass och d'Residenzen, déi mir hei zu Diddeleng ubidden, engersäits am Doughton House an awer och am Appartement Dominique Lang, do hate mir 247 Nüchte, wou Leit an der Music, Jazz, Sing a d'Songwriter awer och vun Theater an Danz konnten dovunner profitéieren, awer och eis Partner CNA a Centre Doc hunn do mol Leit ënnerbruecht. Dir fannt och Chifferen zu eise Konventiounen, déi mir mam DKollektiv schonn e bësse méi laang hunn - den Här Buergermeeschter ass och schonn drop agaangen - déi spille ronderëm an op NeiSchmelz e wichtige Rôle an och bei Esch 2022 sinn si wichteg Partner an och déi lëtzebuergesch Theaterassociatioun Bombix fanne mir dëst Joer erëm.

Op wat kënne mir eis 2022 freeën? Pop, Rock, Blues, Sing a Songwriter, Jazz, Funky a World Music ass bei der musikalescher Palett, an niewent deem Klaseschen net ze vergiessen, Danz a Theater wäert och ugebuede ginn an och eng Rei vun Eischtopféierunge vu Lëtzeburgeren Artisten, dat eis och ëmmer ganz houfreg mécht. Art contemporain ass natierlech an eisen zwou Galerien erëm vertrueden an do wäerte spannend an innovativ

Ausstellungen op eis waarden, vun engersäits confirméierten Artisten an awer och vu villversprechenden, vläit e bësse manner bekannte Kënschtler aus dem In- an Ausland. Aktuell, Dir wësst et, net ze verpassen eng Retrospektiv vum Adam's Menn. Do donieft, eis klasesch Leckerliien dierfen natierlech och net feelen, déi ech virun ënnert dem Waassertuerm erwänt hat. A wéi enger Form mir se wäerten d'nächst Joer fanen, dat hänkt natierlech vum sanitäre Kader of. Och hei muss reegelméisseg an dat Gebai investéiert ginn an do fannt Dir virun allem d'Belichtung erëm, wou mir an LED investéieren.

Aner Projekte si schonn de Moien - wéi de Floater - ugedeit ginn awer och an en Auvent an d'Fassad vun OperSchmelz gëtt investéiert. Ganz frou si mir, an do si mir och - Kunst am Bau - Virreider hei am Land, do hu mir als éischt Gemeng et fäerdeg bruecht, dat ganz strukturéiert a konkret mat novollzëibare Prozeduren ëmsetzen, mat engem Appell, mat engem Austausch, mat enger Jury an duerno kënnt et zu enger Decisioun.

Op Lenkeschlei geet et da weider an do huet den Optrag Trixi Weiss kritt, zesumme mam Alice an David Bertizolo déi do eng oder zwou flott Wierker kënne maachen. A well mir esou e gudde Schüler sinn, kréie mir och déi bekanntlech staatlech Subsidien, déi am Kader vun der Kultur Konventioun festgehale sinn.

E weidert wichteg Kulturhaus hei zu Diddeleng ass eis Regionalbibliothék, wou mir vun Ufank un an och d'nächst Joer wäerte weider maachen am E-Book-Programm. Nieft de Bicher an den Zäitschrëften an deem Wëssen, wat een do ka fannen, ass Bibliothék mëttlerweil duerch déi flott an oppe Raimlechkeeten och e flotten a sozialen Treffpunkt ginn, deen och e bësse ënner Covid gelidden huet mee och do huet eis Ekip, déi ganz engagéiert ass, flott Léisunge fonnt fir dass mir dee Service esou gutt et geet oprechterhale kënnen. D'Feierlechkeeten ronderëm eise Centenaire, déi gi lues awer sécher op en Enn déi waren e vollen Erfolg a ganz flott an ofwiesselungsräich an do ass de 17. Januar 2022 eng Séance académique mat der Ministesch virgesinn. Mir hu knapp 36 000 Titelen do ze presentéieren an trotz Covid hate mir 9 600 Prête an 6 300 Frequentatiounen bis den 1. Dezember do ze verzechnen. En neie Projet, dee mir do an d'Liewe ruffen, dat ass de Service "Livraison à domicile", do ass zesumme mam Laurent Kranz e Projet ausgeschafft gi fir déi Leit, déi elo net méi esou mobil sinn an sech net wierklech kënnen an d'Bibliothék deplacéieren, an do gëtt eemol de Mount mat der Hëllef an der Ënnerstëtzung vun eisem lokale CIGL dann d'Lëscht opgeholl per Telefon an da kréien déi Leit dat schéi propper heem geliwwert fir sech do kënne mat deene Bicher ze beglécken. Well mir eben och do am nationale Bib-Reseau dra sinn, kréie mir och do déi üblech Subside vum Staat.

E weidere Partner ass eise Centre de documentation sur les migrations humaines, déi si mat 50 000 Euro och dran erëmfannen. Déi sinn natierlech frou, dass mir elo an déi nei Crèche an Italien kënne plënnere, dat heescht hir Archive plënnere. Si si mat dobäi bei Esch 2022 mat dem Projet "Moving Lusitania" an et gi Cyclen a Konferenzen ronderëm d'Thematik Relatioun Afrika a

Lëtzebuerg ugebueden, ënnert anerem, an awer och de Sujet portugisesch Immigration wäerten si d'nächst Joer an Ugrëff huelen.

Dir gesitt et ronderëm d'Stadhausplaz, d'Fester an d'Manifestatiounen gi weider hei zu Diddeleng, souwäit wéi et méiglech ass an dat och d'nächst Joer, wa mir do jo op besser Zäiten hoffen, ass et awer wichteg, dass d'Leit zesumme kënnen kommen, sech begéinen a flott Momenter kënnen hunn. Dat bréngt zesumme mat de Veräiner, déi dat organiséieren, natierlech Liewen an d'Bud an deemspriechend ass eise FEMA Service (Fêtes et Manifestations) engersäits Koordinator an Organisator vun de Manifestatiounen, déi d'Gemeng organiséiert, awer si hëllefen och vill de Veräiner an Associatiounen. Do doniewent sinn se zoustänneg fir déi verschidde Mäert a Kiermessen an alles dat wéi mir et och schonn am Gemengerot gestëmmt hunn, an do gëtt Nohaltegkeet ganz grouss geschriwwen a gëtt net vergiess a fir dass dat optimal kann ëmgesat ginn, hu mir am Januar eng Sitzung mat de Veräiner an den Associatiounen ronderëm de Cup Use a Green Events, fir ze kucken, wou si nach Ënnerstëtzung brauchen oder wou hir Limiten deelweis sinn. Vill Sue ginn och hei ëmmer erëm drop fir Sécherheet oder Covidcheck, bezéiungsweis fir d'Publicitéit vun de verschiddenen Eventer.

Nei am Budgetdokument fannt Dir den Televie, Dir wësst, mir sinn houfreg, e Centre de promesses ze sinn an dofir hu mir 50 000 Euro virgesi fir deene verschiddene Bierger a Biergerinnen, an awer och Associatiounen ze hëllefen, wann se eppes brauchen an deem Kader, bezéiungsweis och déi Eventer, déi d'Gemeng do organiséiert, sinn déi Suen am Budget wichteg fir datt mir esouvill wéi méiglech Sue sammeln ze kënnen fir d'Kriebsfuerschung an deem Fall kënnen ze ënnerstëtzen. De Kleeschen ass och am Dokument nei dran, well mir dat elo aleng als Gemeng organiséieren an sech do d'Oeuvre zeréckgezunn huet. Den Eat Beat and Culture hat e flotten Erfolleg dëst Joer, esou wéi och den alternative Maart, dofir sinn déi natierlech och am Dokument erëmfannen.

Den Här Buergermeeschter huet et ugedeit, ech sëtzen dann och mat anere Leit am SES an do ass unanime ugeholl ginn, dass mir 1,54 Euro facturéiert kréien, dat heescht awer eng considerabel Hausse, déi eben zesumme komm ass - Dir musst wëssen, de Budget vum SES, dee gëtt zu 90% engersäits vun de Salariéen a vun de Personalkäschten zesummegeat awer och dat wat SEBES facturéiert an deemspriechend hate mir do net ganz vill Choix am SES wat dat ugeet an dofir war et och ouni weider keng Diskussioun unanime ugeholl ginn.

Ech wëll awer och op där Plaz profitéiere fir dem Direkter, dem Tom Levy, deen an d'Pensioun geet, Merci ze soen, et war ëmmer ganz agreabel fir mat him ze schaffen. Hien hat e ganz positiven Elan a seng Visiounen, déi waren dann och, an dofir ass de Budget och genotzt gi fir Qualitéit a Sécherheet vun de Quellen a vum Réseau héichzehalen, fir eng Kooperatioun mat der Agrikultur an de Baueren ze sichen an dat ass him a senger Ekip mat ganz vill Mënschlechkeet gelongen an deemspriechend an Ärer aller Numm him eng gutt a laang Pensioun gewënscht.

D'Loyerskommissioun, déi wëll ech och net vergiessen, déi presidéieren ech och, déi hat dëst Joer eng Reunioun, respektiv ass déi zweemol aberuff ginn, well eng Partei zweemol onentschëllegt gefeelt hunn an do hu mir se missen zweemol aberuffen an herno e Courier verfaassen. Nichtsdestotrotz hunn awer ronn 40 Telefonater an deem Kader stattfonnt an och eise Sekretär, den Här Goergen, dee vill mat Bierger a Biergerinnen ze dinn huet, huet do och déi eng oder aner Kéier konnten am Büro direkt eng Äntwert ginn.

Éier ech dann elo d'Wuert weiderginn un d'Kollegen aus dem Schännerot do wäert Dir nach eng Rei Argumenter héiere firwat dat Budgetdokument ze voten an ze stëmmen ass, lauter gutt Argumenter, fënnt een natierlech och erëm e puer Argumenter erëm, déi och an der Schännerotserklärung scho bekannt waren an u sech steet dëst Budgetdokument fir e Weiderentwéckele vun enger lieweger an dynamescher an attraktiver Stad Diddeleng.

Et ass méi wéi eppes fir jiddereen dobäi fir sech wuelzeffillen, fir ofzeschalten, sech ze amüséieren, sozial Kontakter ze knäppen, mateneen zesummen ze kommen, mat ze denken, mat ze schaffen. Sport a Kultur gëtt ganz héich gehalen awer och Traditiounen a Fester ginn ugebueden an dat an enger flotter Ambiance an och virun Esch 2022 an d'nächst Joer nach méi, lount sech de Wee op Diddeleng fir jiddereen aus dem In- an Ausland an aus der Groussregioun, fir eben hei zu Diddeleng kënnen flott Momenter ze verbréngen an enger schéiner grénger moderner Stad. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Loris Spina an da ginn ech d'Wuert weider un den René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, traditionsgeméis fänken ech u mat deenen zwee gréisste Ressourcen, déi ech hunn an ech géif ufänkewéi ëmmer mat den Affaires sociales. Dir wësst, dass mir hei zu Diddeleng Solidaritéit géigeniwwer de Bierger a schwierige Liewenssituatiounen esou wéi hir Ënnerstëtzung ass eng sozial Komponent vun der LSAP-Politik, also eiser Politik. Vie sociale, Zesummeliewen ass hei zu Diddeleng keen eidelt Wuert, d'Gemeng Diddeleng wäert weiderhin am soziale Beräich hir Verantwortung droen an och iwwerhuelen. Mir hunn hei zu Diddeleng, an ech ënnersträichen ëmmer erëm 6 Pilieren am soziale Beräich an dat ass éischstens den Office Social, zweetens eise Service d'Emploi, drëttens eise CIGL, véiertens eise Service à l'Égalité des chances et de la non-discrimination, fënneftens eis Cellule logement a sechstens eise Service Logement.

Aarmut zu Lëtzebuerg, dat ass alles eng Saach vun der Definitioun. D'Aarmutsrisiko ass an de leschte Joren, besonnesch säit Ufank vun der ekononescher Kris 2008 konstant an d'Luucht gaangen a läit elo bei 18,7% bei der Lëtzebuerger Bevëlkerung - et muss ee soen, par rapport zum leschte Joer ass dat konstant héich bliwen, also et bleift bei 18,7%. Besonnesch säit 2011 ass e rasanten Trend awer gewiescht no uewen, dat heescht, ëmmer méi Leit lafe Gefor, an d'Aarmut ofzerutschen. Wéi gesot, waren 2011 nach 13,6% vun der



Lëtzebuenger Bevëlkerung an deem Fall, esou si mir elo wéi gesot bei 18,7%. Wat Aarmut ass, mengt jidder een ze wëssen, mee eng exakt Definitioun ass relativ schwéier ze maachen. De Begrëff Aarmut léisst sech just subjektiv deiten, dat heescht all Mënsch versteet eppes anescht dorënner. Dobäi muss een oppassen, dass d'Aarmut jee no Gesellschaftsstand a sozial Roll funktionéiert, ouni déi staatlech Zouwennungen, dat heescht ouni déi sougenannt sozial Transferten, wéi zum Beispill d'Allocations familiales oder d'Allocations compensatoires de vie chère, de Revis an de Chômage wieren nach vill méi Leit vun der Aarmut hei zu Lëtzebuerg betraff.

Aarbechtslosegkeet, deier Loyerer, en Accident, eng Scheedung, eng Faillite, alles dat sinn Ursaache fir datt d'Leit ënnert anerem den Office Social wëllen a mussen opsichen. Den Office Social, dat wëll ech ervirhiewen, ech ginn do awer elo net an den Detail, Dir wësst, dass mir dat um Ordre du jour de Mëtteg hunn, ech géif mech just drop beschränken, dass eis Maison sociale d'Ulafstell soll sinn an ass fir all déi Leit, déi iergendwéi a Schwieeregkeete sinn an ech muss soen d'Maison sociale beinhalt den Office Social awer och eis Leit vum ARIS an ONIS an och kritt een do Permanencë vum Surendettement an och Jugend- an Drogenhëllef op Rendez-Vous.

Zu der Maison sociale gehéiert awer och eis Cellule Logement an eise Service Logement. Déi prekär Situatioun um sougenannte fräie Wunnengsmaat ass bekannt, fir vill Leit sinn d'Loyerer ze héich an och d'Offeren um Wunnengsmaat si relativ dürrteg, dofir bedreift d'Diddelenger Gemeng eng aktiv Wunnengsbaupolitik an zur Zäit hu mir 73 Logementer zur Verfügung, dat sinn Haiser, Appartementer, Chambre-meubléeën a Studioen, déi mir kënnen de Leit zur Verfügung stellen.

2022 ass virgesinn d'Weiderféiere vun der Renovatioun, respektiv vum Neibau vun eise Haus an der Rue du Commerce 37-39, dat heescht, dat ginn 3 Appartementer an 10 Chambre-meubléeën. Nei am Budget ass am Quartier Lenkeschléi de Kaf vu Maison-unifamilialen, mat ronn 2 Milliounen Euro ass dat virgesinn an an der Rue Nic Bodry och de Kaf vu Maison-uni- a bifamiliale vu bal 1,9 Milliounen Euro. An, wat och nei am Budget ass, dat hutt Dir gesinn, eng Etüd vun der aler Schoul am Eecherdall, do gëtt gekuckt ob een do och kéint Wunnengsbau draus maachen. Fir eis Cellule Logement ass awer niewent der Wunneng och d'Betreiung ganz wichteg, wann ech soe Betreiung, da musse mir wann et méiglech ass, mat de Leit och eng finanziell Gestioung ze maache fir hinnen ze hëllefen, mat hire Finanzen eens ze ginn, a wat och net ëmmer esou evident ass, et muss gekuckt ginn, wéi d'Aarbechten am Stot, d'Propretéit, d'Hygiène de vie an esou weider, oflafen, dat heescht, och do musse mir de Leit hëllefen. Sait dem Mee 2021 fonctionéiert eise Service Logement, en ass funktionell a fir dat Funktionell och ze behalen hätte mir am Laf vum Joer och Personal agestellt, niewent dem Chargé de direction och en Techniker an eng nei Assistante sociale, déi mir alleguerten am Laf vum Joer 2021 agestellt hunn an de Service Logement fonctionéiert dann esou wéi geplangt an och zu eiser vollster Zufriedenheet.

Weider am Sozialen hu mir dann d'Zesummenaarbecht mat der AIS, Croix Rouge, Jugend- an Drogenhëllef, de Surendettement, de LSKO, Profamilia, den Cent Buttek an de Fréisenger Kleederschaf, dat sinn alles Partner, mat deenen eisen Office Social zesummeschafft. Wann ech soe Solidaritéit an Zesummeliewen, dann och wat mir als Gemeng maachen, dat ass d'Aide familiale, daat heescht Ënnerstëtzung am Stot, zum Beispill bei Krankheet, Subventioun beim Kaf vum Schoulmaterial, de Plan Action canicule, also d'Hëtztperiod, Repas sur Roues, Telealarm, Ënnerstëtze vum Weltbuttek, Label fairtrade-Gemeng, Entwécklungszesummenaarbecht, Solidaritéit hält net op den Diddelenger Grenzen ob, dat heescht Diddeleng hëlleft gëtt och ënnerstëtzt dann d'Campagne vum SPAD an och Natur an Ëmwelt mat hire Fleegestatiounen gi permanent vun eis ënnerstëtzt.

Ënnert dem Divers hunn ech mir dräi Saachen opgeschriwwen, déi Dir och am Budget erëmfant, déi éischt Tranche vum Neibau vum Déierenasyl mat 500 000 Euro den Ausbau vun der Fleegestatioun fir wëll Déiere mat 200 000 Euro an nei, dat ass eis Equipe polyvalente, do maache mir eng Remise en état vum Refectoire an de sanitären Anlagen hannert dem Spidol vun 182 000 Euro, dat ass alles am Budget virgesinn.

Da wëll ech soen - Kleinvieh macht auch Mist - wat een am Budget net erëm gesäit mee ech wëll just zwou Saachen eraus Sträichen dat ass Kolping, déi maache jo ëmmer am September eng Kleederaktioun, wou se al Kleeder asammele ginn, déi hunn awer net méi genuch Leit an si hunn d'Gemeng ugeschriwwen ob mir hinne géifen hëllefen an et ass Gemeng Diddeleng déi éischens emol d'Annonce bezilt an och déi Tute bezilt déi se ausdeelen, respektiv mir bezuelen och déi Leit, déi se ausdeelen, dat fënnt een net am Budget erëm, ech wëll et awer eemol soen, wa mir vum Thema Solidaritéit schwätzen. A wann ech gesinn, hei huet een eng Amnesty International Käerz um Dësch stoen, da wëll ech och erënneren - och wann et näischt mam Budget ze dinn huet - haut den 10. Dezember ass den Dag vun de Mënscherechter, dat heescht, Zesummeliewen a Solidaritéit ass dann haut ganz groussgeschriwwen an ech si frou, dass hei och een dat symbolesch mat der Käerz dokumentéiert.

Da fueren ech weider mam Thema Bekämpfung vun Aarbechtslosegkeet. Ech sinn nach ëmmer houfreg, dass mir als Diddelenger Gemeng déi eenzeg sinn, déi sech e Service Emploi leeschten an deen och ubidde kann. 1994 ass dat als Pilotprojet gegrënnt ginn an säit deem gëtt et hei zu Diddeleng eng virbildlech Aarbecht gelescht.

Mir hunn dräi Plein-temps-Mataarbechter an deem Service, déi gutt a vill Aarbecht maachen. Hir Aarbecht bedeit am Konkreten éischtens Betreierung a Berodung vun de Leit, déi bei eis kommen an et ass eng Stärkt vun deem Service, anescht wéi bei der ADEM - ouni awer doriwwer wëllen negativ ze schwätzen - awer hei eis Stärkt ass de Suivi, dat ass den Encadrement an eis Leit huelen sech Zäit fir mat de Leit ze schwätzen a mat hinnen ze kucke fir eng nei Schaff ze fannen a wann se gesinn, dass dee Wee zou ass fir eng nei Aarbecht ze fannen, da kucken se fir eventuell en Apprentissage adulte oder en anere Wee ze fanne fir dass d'Leit um Marché de l'emploi erëm kënnen eng Plaz fannen. Dat zweet, wat se maachen an dat ass och ganz ganz vill Aarbecht, dat ass Betreierung vun eiser Initiative sociale, do si plus minus 30 Leit am Joer, déi do beschäftigt sinn an déi do och encadréiert a betreit musse ginn.

Weider hunn se eng Zesummenaarbecht mam Lycée Nic Bieber mat eise Service à l'égalité des chances mat eise Office Social, mam ARIS mam Service Ensemble, mat der Antenne locale pour Jeunes, Maison des Jeunes, Chambre des Salariés, mat der ADEM, mam City manager an och mat den Diddelenger Entreprises, déi hei um Terrain sinn. Alles dat sinn Aktivitéite vun eise Service Emploi.

Projet Chômeur Longue Durée, wann ech soe Solidaritéit, Dir wësst, dass am Juni 2017 den deemolegen Aarbechtsminister Nicolas Schmit e Projet lancéiert huet fir de Laangzäitaarbechtslosen nees eng Aarbechtsplaz ze besuergen. De Projet besteet virun allem doran, dass d'Gemengen, de Staat an och d'Gemengesyndikater solle Leit astellen, de préférence mat engem CDI, an dofir kréien se da vum Staat déi finanziell Ennerstëtzung. D'Diddelenger Gemeng huet vun Ufank un dee Projet ennerstëtzt, mir hunn ugefaangen 2018 mat 4 Leit, 2019 mat 3 Leit an duerno hu mir all Kéier 1 bis 2 Leit agestallt an och dëst Joer hu mir 1 Poste virgesi fir d'nächst Joer anzustellen.

Eise CIGL, och e Pilier vun eise soziale Liewen. D'Hauptzail ass a bleift fir de Leit ouni Aarbecht eng nei Perspektiv ze ginn, dofir kréien d'Leit am CIGL eng Aarbechtsplaz ugebueden an och do Weiterbildungsméiglechkeete fir um Marché de l'Emploi kënnen Fouss ze faassen. Duerch de CIGL kréien d'Diddelenger Bierger awer och eng Verbesserung vun hirer Liewensqualitéit, duerch déi verschidden Déngschtleeschungen, déi de CIGL hinnen ubitt. Ech denken do un d'Flagschëff, de Coup de main an un eise Recycler. De CIGL mécht awer och nach aner Saachen, de Fauchage tardif an der Zone industrielle Wolser, zum Beispill, vun November bis Mäerz, esou wéi e ganze Koup Ennerhaalungsarbechte fir d'Gemeng, also Entretienarbechten an der City Jardinière, de Märchepark, de Buerfousspad am Park Le'h, de Kannerwanderwee am Park Le'h, d'Butschebuerger Schoulgäert, de Gaart an der Deichschoul, d'Bongerten an der Rue des Champs, an Angeldall an verschidden Entretien vum Hochbeeter um Ribeschpont, zu Butschebuerger an um Deich.

D'nächst Joer wäerten se dann den Agreement froe fir eng Equipe Espaces verts kënnen ze maachen, do kënnen mer dann dräi Leit an déi Ekippe integréieren, esou dass

mir da vun 19 Leit, déi mir ënnert CDD hunn, op 22 Leit wäerte wuessen.

Si wäerten och d'nächst Joer nach zwee zousätzlech nei Projekte maachen an dat ass wéi gesot de Bibliobus an Zesummenaarbecht mat der Bibliothék, awer ganz nei ass de Second Hand Shop an Zesummenaarbecht mam STEP. Dir wësst, mir hate jo en informelle Gemengerot dëst Joer, wou mir iwwer de STEP geschwat hunn, do ass dat vum Second Hand Shop opkomm an de CIGL an de STEP hunn decidéiert, de Second Hand Shop nees mat neiem Liewen ze fëllen andeems de CIGL sech do wäert bedeelegen.

Dee leschte Pilier, wou mir hu bei der Solidaritéit, dat ass d'Chancëgläichheet, eise Service à l'égalité des chances. Dir wësst d'Chancëgläichheet ass en Haaptuleies vun der Diddelenger LSAP. Mir wëllen, dass déi bis elo gefouert Politik a Saache Chancëgläichheet an Integratioun konsequent weidergefouert gëtt, mir si mam Erschafe vum Service à l'égalité des chances et à la non-discrimination neie Weeër gaangen. Niewent der Berodung kréie Leit hei och konkret Hëllef ugebueden, respektiv eng Léisung fir hir Problemer ze fannen. Zougang zum Aarbechtsmarché, Equilibre tëschent Famill a Beruff an den Ofbau vun der haislecher Gewalt an esou weider dat sinn déi Saachen, déi vum Service a l'égalité des chances traitéiert ginn. Weider Missiounen sinn natierlech och d'Chancëgläichheet fir Fraen a Männer um lokale Plang ze promovéieren. An eiser Gesellschaft soll et eng grondleeënd Viraussetzung sinn, dass Männer a Fraen a) d'selwecht behandelt a b) gläichgestallt ugesinn a gläichgestallt bedeelegt sinn, also och eng Missioun vun eise Service à l'égalité des chances.

Hir weider Aktivitéite sinn eng Bodenfunktioun par rapport zu der Gemeindepolitik ze maachen, Ausschaffe vun engem järelechen Aktiounsprogramm op der Grondlag vun der europäescher Charte, dréitens d'Chancëgläichheet an de Verwaltungen a Betriber ze garantéieren, zum Beispill de Kader vun deemools dem Audit "Beruff a Famill", véiertens d'Chancëgläichheet fir Bierger a Biergerinnen an do kréien se Themen no bruecht andeems mir Informatiouns- a Sensibiliséierungscampagnen maachen, Ausstellungen, Konferenzen, Workshops a Formatiounen an esou weider, dat sinn alles Missiounen vum Service à l'égalité des chances. Wéi gesot, och do sinn ech frou, do hu mir zwee Mataarbechter à plein temps agestallt an déi schaffen zu eiser vollster Zefriedenheet.

Da ginn ech eriwier op deen zweete grouse Ressort, deen ech hunn, dat ass Energie an Ëmwelt. Dir wësst, Ëmweltschutz ass längst net méi Natur a Landschaft just aleng, Ëmweltschutz ass eng partnerschaftlech Zesummenaarbecht vu Staat a Gemengen zesumme mat der Wirtschaft, Verbänn an eise Bierger. Op lokalem Niveau sinn d'Gemenge gefuerdert, eng Virreiderroll natierlech ze spillen. Als Klimaschutzgemeng a Standuert vun engem vun de gréissten Naturschutzgebiedern hei zu Lëtzebuerg, d'Haardt, huet d'Diddelenger Gemeng d'Verpflichtung, nohalteg mat eisen natierlechen Ressourcen ëmzegoen, d'Aartevillfalt ze schützen, an domadder eng aktiv nohalteg Ëmwelt- an Naturpolitik ze bedriewen. Diddeleng ass a bleift eng Stad mat enger

héijer Liewensqualitéit an dofir muss d'Diddelenger Gemeng sech hirer ökologescher Verantwortung stellen. Do gëllt et global ze denken a lokal ze handelen. Ëmweltschutz geet bei jidderengem un an hält bei jidderengem op.

Eist Gréngt Haus ass a bleift fir mech nach ëmmer déi zentral Ulafstell fir alles wat mat Natur an Ëmweltschutz ze dinn huet. Hei kritt all Bierger - wann e wëllt - Informatiounen zu Naturschutz a Gemengenterrainen, Offallkonzept, Spezial- a Containeroffäll, Offalltrennung, Recyclingparken, Energiespuermoosnamen, Waasserspuermoosname, Kompostéieren an esou weider, esou wéi mir och eng Bibliothék zur Verfügung hunn, mat Bicher, Magazinnen a Brochuren, wou sech all Mënsch zum Thema Natur an Ëmwelt kann informéieren. Do hu mir dräi Haaptmatarbechter, de Patrick Hoss, de Marco Thorn an Dir wësst, de Gérard Morbé huet sech berufflech anescht entwéckelt an do hu mir d'Lis Cloos agestellt an am Laf vun dësem Joer eng nei Matarbechterin, déi sech och zu eiser vollsten Zefriddenheet direkt an d'Ekipp integréiert huet an och gutt schafft. Wann ech géif den Ausbléck op 2022 ginn, mir haten an engem informelle Gemengerot alles opgeschafft wat Klimaschutz, Klimapakt, Covenant of Mayors ass, ech ginn net an den Detail an, dat géif de Kader hei sprengen, ech wëll just soen, dass och d'Haaptthemen 2022 och de Klimapakt 2.0 wäert sinn, de Covenant of Mayors an och den Naturpakt. De Service écologique schafft da fir de Klimapakt 2.0 effektiv en neit Leitbild mat quantitativen Zieler aus. Den Naturpakt ass eppes ganz Neies, fir den Naturpakt huet d'Gemeng end Déclaration d'intention gemaach mat myenergie an erageschéckt fir en Naturberoder vum Sicona ze kréien, de Sicona huet awer eréischt d'Plaze fir de Beroder am Oktober ausgeschriwwen, esou dass mir eréischt mam Naturpakt konkret kënne Januar oder Februar lassfueren.

Loftqualitéit, am Kader vum Klimapakt ginn Analyse vun der Loftqualitéit an Zesummenaarbecht mat der Ëmweltverwaltung weidergefouert. Resultater ginn do reegelméisseg um Internetsite vun der Gemeng publik gemaach an 2022 gi mir mat 4 Miesstatiounen bei de Rond-point an der Lëtzebuenger Strooss, wou d'Route de Burange weidergefouert gëtt, Rue du Commerce, Shared Space an och Kräizung mam Rue du Centenaire Rue de la Libération do ginn dann d'nächst Joer Statiounen fir d'Loftqualitéit ze moossen opgestallt. Den Energieverbrauch an eise Gemeindegebaier gëtt weidergefouert, Solar- an Thermografiekadaster, dee steet all Awunner ab 2022 op eiser Internetsite zur Verfügung. Erneierbar Energien, Fotovoltaik zum Beispill, am Moment sinn all eis Gebaier - ob besteeënd oder nach an Ausféierung - déi a Fro kommen, mat Fotovoltaik ausgerüst an och fir den Neibau vun der Schoul Strutzbiérg, den C1, wou mir elo viru kuerzem de Spuetstéch gemaach hunn, ass esou eng Anlag virgesinn. Holzpellets ass och en Thema an dëser Gemeng. Dir wësst, säit dem November 2021 gëtt de BAKV Brill mat Holzpellets bedriwwen.

Stroossebelichtung, do ass och vun LED-Luuchte geschwat ginn, och do wäerte mir eis Politik konsequent weiderféieren, d'Ëmrüste vun eiser Stroossebelichtung op LED-Technik gëtt kontinuierlech weidergefouert. Dir

gesitt an eiser Budget, dass mir eise 5-Joer-Stufepiang à 50 000 Euro pro Joer wäerte weiderféieren.

Nachhaltigkeit macht Schule, dat ass eppes ganz Neies. Dir wësst, am Oktober 2021 gouf d'Campagne Nachhaltigkeit macht Schule vun der Energie-Agence an der Ëmweltkommissioun virgestallt. Mir haten och d'Schoulpresidentinnen an d'Schoulpresidenten do, déi waren dobäi an d'Schoulen hunn doropshin e ganz groussen Interesse gewisen un dëser Campagne zumools wou do d'Schüler ganz direkt involvéiert sinn. Mir hunn dofir decidéiert, no zéng Joer mat deem Projet "Energiesparen macht Schule" opzehalen an dofir an déi Campagne "Nachhaltigkeit macht Schule" mat eranzeklammern. Bis zu 30% ka subventionéiert ginn, dat ass en neie Projet, dee mir d'nächst Joer ulafe wäerte loossen.

Offallwirtschaft, 2022 stoung d'Ausrüste vun eise Müllcamionen fir d'Gewicht vun de Poubellen ze erfaassen nach ëmmer am Kontext vun der sanitärer Kris, dat heescht zwee vun dräi Camionen hu mir domadder ausgerüst, d'Testphas huet am November ugefaangen a leeft ganz zefriddestellend. Ufank 2022 soll dann och deen dote Camion mat enger Gewichtserfaassung ausgerüst ginn an no enger Testphas vu 4 Méint soll am Laf 2022 och dat Taxereglement geännert ginn, esou dass mir d'Taxe no der Frequenz vum Eidelmaachen, respektiv awer och op d'Gewicht kënne verrechnen. Dat neit Offallgesetz ass nach ëmmer an der legislativer Prozedur a wann dat fäerdeg ass, wäerte mir och eis kommunaalt Reglement deementspreechend upassen an da kënnt dat och an de Gemengerot wou mir et kënne a Rou diskutéieren. De Superdreckskeeschlabel fir Betreiber, deen hu mir op bal alles hei an der Gemeng, 2022 soll och d'Schoul Lenkeschlei auditéiert ginn a d'Gaswierk ass dann och an der Prozedur.

De Pacte Antigaspillage ass am Volet besonnesch mat der Maison Relais nach ëmmer en vigueur an och do gëtt gekuckt wat ee kann ëmsetzen.

De Projet Giel Band, d'nächst Joer wäerte mir dat och nei maachen, dat a Kombinatioun mam Projet Tutti-Frutti vum PRO-SUD.

De Floumaart, eist Fairt Frühstück, Bampatenschaften, den Dag vum Bam, d'Zesummenaarbecht mam Sicon, de Jardin communautaire NeiSchmelz, Subventiounen fir Energies alternatives, alles dat gëtt weidergefouert, wéi gesot, ech ginn net an den Detail, dat géif de Kader hei sprengen.

Am Extraordinaire hu mir Montante virgesi vu 410 000 Euro fir eise Covenant of Mayors, do sinn d'Aarbechte vum Nohaltegkeetsmasterplang, déi mussen Ufank 2022 an Zesummenaarbecht mat eise Servicer ofgeschloss ginn an da wäerte mir och mat deem an de Gemengerot kommen, fir lech dee konkret da virstellen. Dat am Telegrammstil de Volet vun Ëmwelt an Naturschutz.

Senioren, dat ass och e Volet, dee mir relativ um Häerz läit, Dir wësst d'Senioren, eis eeler Leit, Diddeleng huet e gudden Ambiente fir dass eis eeler Matbierger sech hei kënne wuelfillen an hiert Liewen an der Gemeinschaft an an Autonomie kënne genéissen. Diddeleng bitt eisen

eelere Matbierger en Doheem. Altersgerecht Liewen ze garantéieren ass a muss eent vun eisen Ziler sinn. Diddeleng verfüügt dofir iwwer all déi Moossnamen. D'Seniorengeneratioun hält eng ganz wichteg Plaz bei eis an der Diddelenger Gesellschaft an.

Diddelenger Haus fir Senioren, eise Club Senior am Schwaarze Wee, dee brauch ech net méi virzestellen, dee geet a säin nonzängt Joer eran an ass aus eise Gemengeliewen net méi ewechzededen. Dann de Senior Plus, zesumme mat der Stéftung Hëllef doheem bidde mir eise Service Senior Plus un. De But vun deem Senior Plus ass fir d'Awunner ab 60 Joer an hirer Autonomie ze stäerken an och dat Gefill vum Elengsinn ze verhënnere. Dofir kréien si vum Senior Plus - wann se dat da wëllen - Rotschléi an Ënnerstëtzung fir Seniore mat sozialen a gesondheetleche Problemer. D'Diddelenger Gemeng iwwerhëlt do d'Berodung an engem Zäitraum vun 2 Joer eng Berodung gratis.

De Flexibus, dat ass och eng Déngschtleeschung fir Persounen ab 60 Joer an servéiert hei d'Gebitt vun der Gemeng Diddeleng. Op Wonsch kënnt de Bus d'Leit heem sichen a bréngt se och nees zeréck. Eng Déngschtleeschung säit 1975 ass eisen Repas sur roues fir eeler Leit awer net nëmmen, och Leit mat Handicap oder déi Krank sinn oder déi en Unfall hunn déi kennen dee Service an Usproch huele wann se eng Zäit net kënnen selwer kachen. Mir haten dës Joer 85 Leit, déi dat pro Mount an Usproch huelen. Telealarm ass och e Service, dee mir säit 1991 ubidden, mir hunn 2 Ubidder hei an der Gemeng dat ass Help an et ass Sécher doheem an de Moment hu mir 280 Clienten, déi dee Service an Usproch huelen. Wéi gesot, de CIGL bitt den eeleren Leit den Service Coup de main an den Recycler un.

An da sinn ech ganz houfreg fir kënnen en neie Projet, deen lech och virgestallt gouf, Handy- an Internet-Stuff, dat si seniorefrëndlech Gemengen, wou mir matgemaach hunn an och priméiert gi sinn, et ass a Kollaboratioun mam Club Senior, Projet Ensemble, de Lycée Nic Bieber a Jugendhaus, jonk Leit hëllefen eelere Leit eens ze ginn, a wéi gesot, dat war en décke Succès an ech wäert mir erlaben, dem Här Martini eng Kopie vun eise Diplom ze iwwerreechen, vu dass hien am Budget der Meenung war, dass mir déi eeler Leit vergiess hunn, dat hu mir awer net gemaach an duerno ginn ech lech eng Kopie, da kënnt Dir villäicht och emol e Luef an Är Interventioun mat abannen. Merci.

Eng weider Infrastruktur um Gebitt vun der Stad Diddeleng ass eis CIPA Altersheim, de Foyer de jour vun der Croix Rouge, d'ALA an och den CHEM mat der geriatrescher Abteilung an, net ze vergiessen, eise Fitness-Parcours fir eeler Leit am Schnauzelach, esou wéi all eis Veräiner, déi an deem Domaine aktiv sinn, do wäerte mir selbstverständlech weiderhi finanziell, logistesche weiderhëllefen an ënnerstëtzen, an ech wëll just e Bléck drop geheien, dass mir dës Joer déi zweet Tranche hu fir eis Droit d'admission, d'Maison de séjour et de soins um Goldknapp Dir wësst, dass mir do eis akaaft hu fir en Zëmmer ze kréie mat 30 000 Euro, respektiv 90 000 Euro op 3 Joer gerechent.

Hygiène a Propretéit, dat ass eppes wat mir ganz staark um Mo läit an Dir gesitt wann Dir all Dag duerch

Diddeleng gitt, dass mir do all Dag vill musse schaffen, fir dass Diddeleng eng propper an eng flott Stad bleift. Mam Wuesse vun eiser Stad an der positiver Entwicklung vun eiser Bevëlkerung stellen sech wéi ëmmer nei Erausforderungen an Ufuerderungen un eis Gemeng an nei Ufuerderunge puncto Propretéit an Hygiène. Effentlech Plazen, Parkanlagen, Tréttoiren a Stroosse musse gefleegt ginn an an engem propperen an akzeptablen Zoustand gehale ginn, jidderee soll säint dozou bäidroen, dass Diddeleng propper a flott bleift. Eis Gemeindegemeinschaft hu mir verstärkt fir dat an eiser Gemeng ze garantéieren, eis Sensibiliséierungscampagnë gi weitergefouert, mir haten "De richteg Reflex", mir haten "Fir eng propper Stad" an 2021 hu mir dann de Projet "Zéro mégot" agefouert. Dir gesitt op verschiddene Plazen déi grouss Zigaretten, déi do stinn, déi ginn do recycléiert an ech wëll hoffen, dass d'Leit dovunner e bësse méi profitéieren, wéi dat elo de Fall ass. D'Stad Diddeleng huet all Dag 35 Leit plus minus am Asaz fir dass effektiv Diddeleng soll propper bleiwen an Investor an effentlech Toiletten a Muppentoilette ginn och 2022 weitergefouert.

Ech wëll awer nach besonnesch erwänen, dass mir dës Joer am Budget en neie Müllkamion eis geleescht hu fir 250 000 Euro an et ass scho gesot ginn, 2022 kréie mir eng nei Kiermaschinn, och fir 250 000 Euro, déi sinn am Budget virgesinn. Also, mir si bestreift an och all Bierger soll matmaachen, dass mir eng propper a liewenswäert Stad solle bleiwen.

Gas, Waasser, Kanalisatioun, dat ass eppes wat ee mat oppenen Aen net gesäit dobaussen, mee mir féieren an deem Beräich och konsequent eis Efforte weiter. Ofwaasserentsuergung an och Kanalwiesen ass och am Sënn vum Ëmweltschutz an als Preventioun vun Iwwerschwemmungen, eist Ofwaassersystem gëtt permanent erneiert an och ausgebaut an ech wëll just dräi Saachen ervirsträichen, déi och scho gesot gi sinn: Eise Bassin de rétention Biereng, Rue du Nord, do gëtt eng Etüd gemaach fir 70 000 Euro an d'Extensioun ass geplangt mat enger Tranche elo mol vu 500 000 Euro am Budget 2022 an da gëtt och e Bassin de rétention geplangt, eng Etüd, fir 70 000 Euro, Rue Père Réverend Thill, Rue Pierre Dupont, Rue Fanny Schumacher, do wou d'Iwwerschwemmunge meeschtendeels am gréissten sinn, wann et vill reent, an ech wëll ervirhiewen, dass mir beim Waasserbaseng um Roudebierg wäerten eng Mise en état maachen an och do ass e Budget virgesi vun 350 000 Euro.

Dann nach dräi Wieder zu eise Syndikater. Vu dass mir dës Joer am informelle Gemengerot de STEP vun A-Z duerchgeholl hunn, respektiv de Minettkompost hate mir jo och do sëtzen, wou eis alles erzielt hunn, wat mir musse wëssen, dofir beschränken ech mech am Telegrammstil op de Sicon, zum Beispill, gegrënnt 1989, wou mir säit 2001 Member sinn, säit 2016 si mir do mat 21 Gemenge vertrueden an och de Romain Zuing ass als Diddelenger Gemengerotsmember am Büro do vertrueden a wäert eis Interessen do weiter verrieden. Am Budget gesitt Dir d'Part fixe mat 41 000 Euro, an d'Part Projet mat 63 000 Euro dat heescht e Gesamtmontant vun 105 000 Euro, alt erëm ass en an d'Luucht gaange par rapport zum leschte Joer.

De STEP, wéi gesot 1979 gegrënnt ginn, d'Gemenge Beetebuerg, Rëmeleng, Kayl an Reiser sinn do Member. 2005 ass en erneiert ginn op 95 000 Awunner, an Zukunft wäert deen op 120 000 Awunner erweidert ginn. De Budget vun 2022 ass relativ stabil bliwwen, mee Dir wësst, dass dat awer net esou wäert bleiwen, wa mir de STEP ausbaue wäerten a virun allem déi véiert Stuf kënnt bidden, dat wäert mat héijen Investierverbonne sinn.

Minettkompost, de Syndicat gegrënnt säit 1993, si hunn hir 25 Joer 2019 gefeiert, dofir sinn och 21 Gemengen dran an och iwwer 250 000 Awunner vertrauen an deem Syndikat. Do ginn 35 000 Tonnen organesch Offäll all Joers gesammelt, dovun 25 000 Tonne Grasa Kichenoffäll an 10 000 Tonne Bam-a Strauchschneit. Dir wësst, do gëtt och Gas produzéiert an do wäerten 1 250 000 Kubikmeter pro Joer produzéiert ginn an 9 500 Tonne Kompost ginn do pro Joer produzéiert. Dir hutt gesinn, mir haten dat am Detail virgestallt.

Sidor, och nach e Syndicat, wou ech Diddeleng vertrieben, deen huet elo am November seng 50 Joer gefeiert, dat ass och e Syndikat mat 34 Gemengen, respektiv 424 000 Awunner, dat heescht méi wéi zwee Drëttel vun der Populatioun vu Lëtzebuerg ass do Member an do gëtt eng Kapazitéit vun 165 000 Tonne pro Joer verschafft. Voilà, dat wiere ganz kuerz gesot meng Ressourcen, da freeën ech mech op Är Beitrag e Freiden an aacht Deeg.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem René Manderscheid an da ginn ech d'Wuert weider un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries Di Bartolomeo Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Merci, effektiv, déi Paus huet eis gutt gemaach elo hu mir bësse fräischen Elan fir hei eranzugeen, ech géif wéi all Joer op meng Beräicher a Ressourcen agoen. Insgesamt, wann ech de Budget kucken, am Extraordinaire wéi och am Ordinaire hu mir bei de Kanner net gespuert a wéi gewinnt, hei zu Diddeleng investéiere mir vill bei de Kanner an de Fundamental an an eis Structures d'accueil.

Dat éischt wou ech wëll drop agoen, dat sinn déi ganz Kleng, d'Crèche. Dir wësst, dass d'Crèche Italien fäerdeg ass, do hu mir awer eng lescht Tranche am Extraordinaire vun 1 190 000 Euro, dat ass déi lescht Tranche fir dat Gebai. Den Agreement ass tëschent 45 an 50 Kanner, dat hunn ech scho méi oft gesot do hinkt et awer of vum Rapport, dee mir elo fir den Agreement kréien, si hunn d'Visite gemaach, Personal ass schon op der Plaz, déi si prett, déi stinn an de Startlächer, déi hunn sech och als Ekip schon ageschafft an do waarden mir elo just op dee leschte Pabeier an da wäert am Januar déi Crèche opgoen. Personalkäschten, et ass esou, dass bei de Crèchen de Staat et iwwerhëlt, trotzdem gesäit een, dass dat an d'Luucht geet dat geet 2,2 Milliounen Euro op 2,7 Milliounen Euro, esou bleiwen awer d'Niewekäschten bei all deene Strukturen op der Gemeng. D'Restauratioun, de Buergermeeschter huet et scho gesot, déi geet natierlech an d'Luucht, bei de Crèche wéi bei de Maison Relais, d'Matériel pédagogique, den Entretien an alles anescht iwwerhuele mir. Ech wëll elo soen, wa mir eng Crèche opmaachen



oder Maison Relais, d'Personal, d'Botzpersonal, dat en place ass, dat ass alles ëmmer zu Laaschte vun der Gemeng.

Dann, bei de Maison Relais, d'Restauratioun et ass gesot ginn do gi mir vun 1,2 Milliounen Euro op 1,4 Milliounen Euro, dat ass duerch déi vill Plazen déi mir bidden krute mir hunn eis och do fir dës Joer eng Consultance diététique proposéiere gelooss fir eis do e bësse méi beroden ze loossen, dat gëtt ëmmer méi komplex, dat gëtt ëmmer méi schwier. Villäicht, wat een do ka soen zu der Restauratioun, den Här Zuang hat méi intensiv doriwwer geschwat, ech wëll awer kuerz nach eemol et bemerken, wéinstens 1-2 mol d'Woch si vegetaresch Menueen um Plang, et ass net esou, dass Kanner nach all Dag Fleesch kréien a mir halen do wierklech drop, dass se och ëmmer vegetaresch Menue maachen.

D'Zesummenaarbecht mam Sicon a och "Natur géissen", dat ass och eppes wat mir weider feieren, ech wëll awer dozou soen, am Rapport vun der leschter Kéier, mir hunn do 90% vun de Krittären, déi si stellen, erfëllt.

Wichtig, wat mir och musse maachen sinn déi Formationen fir d'Hygiène an d'Sécurité alimentaire do hätte mir gären, dass eist Personal Formationen mécht an do hu mir eng intern Formation an déi fannt Dir och elo am Budget erëm, dat ass ganz wichtig, dass och d'Personal do gutt Kenntnisser dovun huet.

Méi Kanner bedeuten natierlech och méi Material, och do gi sämtlech Budgeten an d'Luucht.

Dann, d'Maison Relais Ribeschpont, och wann Dir se do net méi erëmfaant am Budget, wëll ech doriwwer awer e puer Wuert soen. Dat si jo 170 nei Plazen, déi wäerten och am Januar do sinn. Ech wëll awer dorunner erënneren, dass mir Lenkeschléi d'lescht Joer mat 180 Plazen opgemaach hunn, dat sinn 350 nei Plazen, déi mir schafen an engem Joer, wat net nâischt ass. Och hei geet et am Januar op, de Precoc ass zwar schon dran, si hunn en extra Agang an der Maison Relais Ribeschpont. Dofir stoung deem nâischt an de Féiss fir do de Precoc schon opzemaachen an am Januar geet elo dann och d'Structure d'accueil op, och do d'Visite vum MEN si gemaach, mir waarden do och op déi lescht Pabeieren, déi wäerten am Januar elo kuerz nom éischte Januar opgoen. Fir wien? Natierlech fir d'Kanner aus dem Ribeschpont awer och fir en Deel vun de Kanner zu Butschbuerg, well do hu mir jo eng méi kleng Maison Relais an do wäerte mir déi Grouss da mat engem klengen Transporter an d'Maison Relais Ribeschpont

féieren. De Budget war 5,2 Milliounen Euro, den Naturschoulhaff wäert am Abrëll opgoen an, ganz wichteg, an dat freet mech och immens vill well mir awer och 3 Kllassesäll hunn, mir haten elo éischt Reuniounen, wou d'Personal probéiert, dat selwecht ze maache wéi an der Lenkeschlei, wat natierlech méi schwierig ass well et schonn déi Strukture ginn, mee si hunn awer ganz fest wëlles, déi Raimlechkeeten zesummen ze notzen.

Kleng Projekte sinn d'Chaudière an d'Waldschoul, Strutzbierg an d'Fassad vun der Diddelfamill, déi maache mer och frësch. Duerch déi ganz Chantieren, déi do rondërem dat Gebai waren ass et esou, dass déi Fassad gelidden huet, dofir maache mir dat och.

Dann, d'Frais de formation, déi ginn erop, dat hunn ech scho gesot. Firwat? Net nëmmen, dass mir méi Personal hunn, mee mir hätten och gären, dass eis Leit gutt gebrieft sinn, Éischt-Hëllef-Coursé ginn zum Standard, dat gehéiert dozou, dass een iwwerall Leit huet, déi Éischt-Hëllef-Coursen hunn. Dann awer och spezifesch Formatiounen, well de CAG, deemno wat fir e CAG d'Haus huet, mécht een da geziilt Formatiounen an déi Richtung, wéi de CAG ass. Wat ganz flott ass, eis Direktioun huet e Plan de formation ausgeschafft, deen dann ëmmer erëm kann opgeruff gi fir ze kuckewien huet wéi eng Formatiounen op wéi engem Site.

D'Aktivitéiten, dat hält zou, dat ass e kleng Budget, mee et hält trotzdeem e bëssen zou, mir hu ganz vill flott Projekte gemaach an eise Maison Relais an eise Schoulen, dat hutt Dir gesinn an der leschter Newsletter, déi elo erauskënnt, dat ass eis wichteg, dass déi Leit um Site och Suen hu fir esou Projeten ze realiséieren.

D'Newsletter, dat ass jo ganz nei, déi kommen dräi Mol d'Joer eraus, wou mir de Leit weisen, wat gëtt an eise Maison Relais gemaach. An elo am Januar, an dat war och eng Demande d'lescht Joer schonn, am Januar-Februar, do wäert eng praktesch Newsletter erauskommen, wou méi praktesch Informatiounen fir Elteren dra stinn: Wéi maachen ech e Chèque-Service, wéini muss ech wat maachen an dat kënnt elo e bësse méi spët.

Dann, de Projet Waldschoul, ech mengen, Dir sidd all-egueren interesséiert wat geschitt an der Waldschoul. Mir hunn de Budget eriwwegeholl vum Enseignement ënnert Maison Relais well einfach nach kee Personal fixe sur place ass vum Enseignement, dofir geréiere mir et ënnert der Maison Relais. Do stinn 20 000 Euro am Budget. Bis elo waren 11 Klassen do uewen, jee weils annerhallwen Dag, dat huet richteg gutt fonctionéiert, mee mir hunn awer och erausfonnt, dass se ëmmer müssen zu zwee sinn, sur place, well awer verschidden Aktivitéite gemaach ginn, wou een net kann aleng mat enger Klass an engem Léierpersonal Aktivitéite maachen. D'Konzept soll bis Mäerz stoen, do ass souwuel de Léierplang vun der formaler Bildung wéi och den Handlungsrahme vun der non-formaler Bildung dran an dann, villäicht fir 2022, well et jo nach ëmmer e Projet ass, si bis Juli 32 Klassen ugemellt, jee weils annerhallwen Dag, an dann dovunner - dat fannen ech ganz flott - dovunner ass och schonn e Precocé, deen sech gemellt huet fir do an der Waldschoul Aktivitéite mat-

maachen ze goen. Dann, ab September ass de Projet eriwwer an da soll en - hoffe mer - e feste Bestandteil vun der Schoulorganisatioun ginn. Wat nach an der Waldschoul ass, mir wäerten eng Etude de faisabilité maachewell dat Gebai ass net konform, net esou wéi et muss sinn, dofir maache mir do eng Etüd, sou dass mir ab der Rentrée do kënne gutt fonctionéieren. Den Auvent an der Waldschoul, dat brauch ech lech net ze erklären, dee gesitt Dir selwer wann Dir do laanscht trëppelt, deen ass an engem schlechten Zoustand och dee wäerte mir neimaache fir dass d'Kanner dovunner weider profitéieren.

Da géif ech eriwergoe bei den Enseignement an do ass et - och wa mir dëst Joer keng nei Schoul am Extraordinaire drastoen hunn - muss ech soen, dass awer ganz héich Budgeten am Fondamental investéiert ginn, dat éischt wat eis dann 2 Milliounen Euro am Extraordinaire kascht, dat ass d'Remise en état vun der Fassad an der Gaffelt. Do wëll ech soen, mir hunn do deemools d'Maison Relais bäigebaut an eng Annex bäigebaut an et ass alles an engem gudden Zoustand, just dat aalt Gebai ass an engem schlechten Zoustand. Déi Storen, déi do nach dra sinn, do fanne mir mol keng Firma méi, déi déi flécke kënnt, dat gëtt et einfach net méi. Dann ass et natierlech och derwäert, dass mir dat Gebai neimaachen, mir maachen eng Fassade isolante, mir wäerten och en Auvent maachen, ënne beim C1 maache mir keng Store méi well wann se Fussball spillen, maachen se eis déi erëm futti. Dofir hu mer do d'Optioun geholl fir en Auvent ze maachen. Dann eppes, wat mir nach net an der Gaffelt hunn, ass en handicapéiertegerechten Agang an dee wäert dann iwwer de Lift hannert der Schoul entstoen, da si mir och do an deem Gebai konform.

Kleng Budgeten am Extraordinaire ouni se all opzeziehen, dat ass de Renouvellement du réseau d'eau potable am Wolkeschdall an dann den Eclairage de sécurité a verschidde Schoulen, also et si ganz vill kleng Projeten, déi awer och hei an d'Geld schloen..

Dann de Schoulhaff Butschebuerg, dat ass och eppes wou jiddereen drop waart well mir si scho laang amgaangen. Dee steet am Budget mat 300 000 Euro, dat ass awer net alles, den Devis wäert herno méi héich sinn, well do feelen nach den Eclairage, deen Dir op anere Posten erëmfant, Reseauaarbechten, Gas a Waasser, zesumme kascht de Schoulhaff eis 500 000 Euro. Dat ass e Projet an dat ass dat wat flott ass, den ass ausgeschafft gi Schoul, Structures d'accueil an d'Elterevertrieder, mir hunn eis mat deene gesinn an déi hunn dëse Projet mat gestalt. Et gëtt an 2 Phase gemaach, mir fänken am Mee un a fueren dann eng 1. Phase, wou mir deen een Deel maachen, an enger aner Phase den aneren Deel esou, dass dann ab der Rentrée am September näischt méi dierft am Wee stoen, dass se do e ganz flotten, vill mat Natur verbundene Schoulhaff kréien.

Dann eppes wat ganz wichteg ass an dat wëll ech hei soen, Dir fannt 250 000 Euro an den Installations Wifi an de Schoulen an an de Maison Relais. Während där ganzer Pandemie - an dat ass dat wat ech wëll soen - do war dat esou wichteg, wa mir elo net dran investéieren,

elo wou mir wëssen, wéi wichteg dat ganzt ass, dofir soen ech déi 250 000 Euro dat ass just fir ee Joer an da kënnt dat nächst Joer nach eemol 250 000 Euro domadder hu mir all eis Schoulen an all eis Maison Relais ausgestatt mat Wifi mee net nëmme Wifi an dem Budget sinn och Tëleë mat dran an Tafelen, well mir am C4 iwwerall wëllen déi interaktiv Tafele maachen.

Dat ass e Budget, deen net ewechzedenken ass an och d'Acquisition informatique, och déi ass op 100 000 Euro, och dat ass eppes wat mir onbedéngt musse maachen.

Dann e puer Etüden, déi hutt Dir gesinn. Deich, NeiSchmelz, den Här Buergermeeschter huet et scho gesot, Etude de faisabilité fir eng nei Schoul op op NeiSchmelz ze bauen, dat ass de Moment fir do ze préiwien, do muss mir kuckewéi vill Leit kommen dohinner, wat brauche mer, an an an, dat si laangwiereg an opwendeg Etüden, dofir fänke mir elo do un. Dann, Balzeng, och do - dat hu mir och schonn ugeschwat - do hu mir eng Etüd dra stoe fir en neit Gebai mat enger Maison Relais. Do ass de Virdeel, dass den Terrain, deen hannert der Schoul zu Balzeng läit, dee gehéiert eis schonn, mir hunn also do net opwenneg Verhandlung fir do den Terrain ze kréien. Déi Schoul soll an der Gréisst ongeféier d'selwecht sinn ewéi Lenkeschléi, well mir wëssen, dass duerch de PAP oder vill kleng PAPen do ronderëm ass et wichteg, dass mir do esou séier wéi méiglech eng Schoul baue fir dann déi Kanner kennen anstänneg hei opzehuelen an eise Schoulen. D'Entlaaschtung vum Brill, dat ass selbstverständlech, wa Balzeng bis steet da gëtt de Brill entlaascht.

Dann am Brill, eng Etude de mise en conformité déi war dran an ass ofgeschloss mir wäerten lech déi am Gemengerot och ganz détailléiert presentéieren, well dat awer en opwendegen Dossier ass, ass et wichteg, dass Dir all gesitt wat do op eis duerkënnt.

Wat mir awer wëssen, dass déi Mise en conformité net kann nëmme an de Schoulvakanze gemaach ka ginn, wéi et bis elo de Fall war. Do muss een d'ganzt Joer dru schaffen, do geet et net méi duer mat mir maachen 14 Deeg hei an 14 Deeg do an do ass et esou, dass mir et musse pro Stack maachen, do gëtt ëmmer de ganze Stack erausgeholl, d'Klassen erausgeholl an déi mussen dann natierlech ënnerbruecht ginn, dofir hu mir dann och Containeren drastoen, dat kascht 2,5 Milliounen Euro dat sinn 8 Stéck, wou mir kënnen d'Klassen integral eraushuelen, déi sollen an de Briller Schoulhaff kommen a wat ganz wichteg ass, mir kafen se well d'Locatioun, wann een se laang iwwer Jore braucht, dann huet et kee Wäert, dass een se lount, dofir kafe mir se. Sou wäerten an enger éischter Phase déi Containeren déi am Briller Schoulhaff stinn, der Briller Schoul zur Verfügung stoen an herno beim Bau vu Balzeng kënne mir dann och reagéieren, dat heescht mir hunn dann do eng duebel Funktioun, wou mir se brauchen.

Dann, e leschte Volet, wou de Loris Spina och schonn drop agaangen ass, dat ass d'Schwämm Strutzbiereg. Dir gesitt et, déi al ass ofgerappt, déi nei kënnt, si sinn amgaangen e grousst Lach ze maachen, och dat ass e risegen Invest, dee mir maachen als Gemeng Diddeleng.

Mir hunn et oft gesot, 25 Meter-Becken, do kënne 4 Klasse mateneen an der Schwämm sinn, d'Turnhal ass deelbar an zwee, déi huet iwwer 500 Quadratmeter och do déi al hat der 300 also ass och dat eng Verbesserung fir um Strutzbiereg. Eng Tribün mat 100 bis 120 Plazen, och dat dierf do net feele fir Aktivitéite vun der Schoul, SEA oder natierlech vun de Sportsveräiner, déi dat da selbstverständlech dierfen notzen. Wat awer wichteg ass insgesamt, dat ass de Beräich ronderëm, dat gëtt eng immens Verbesserung.

Jidderee kennt e bëssen d'Spillplaz vun der Maison Relais um Strutzbiereg, dat ass net terribel, do ware mir ëmmer e bëssen ageschränkt, elo kënnt do en Naturschoulhaff, dee Plang läit och vir an do profitéiert dann d'Schoul an d'Maison Relais dovunner mee, awer och insgesamt déi ganz Ouverture vun deem neie Beräich Schwämm, do profitéieren se alleguerten. Insgesamt wëll ech soen, wann ech elo d'Schoul an d'Schwämm dobäi huelen, dann investéiere mir awer 11,5 Milliounen Euro vun eise Extraordinaire an d'Kanner just am Fondamental, dat ass awer e risegen Invest, och wa mir dëst Joer keng Schoul dran hunn.

Da wëll ech awer nach op de Beräich Jeunesse agoen, ech muss soen déi haten et schwiereg well wann ee mir gesot hätt wéi ech 18 Joer hat, elo bleifs de mol 2 Joer doheem, dat ass trotzdeem awer net esou einfach gewiescht fir déi Jonk. Mir féieren déi Projeten, déi mir bis elo haten, déi féiere mir virun. Mir hunn awer eng grouss Erneuerung an eise Jugendhaus, mir haten dat op der Plaz scho mam Ministère beschwat, mir wäerten net méi eng Place de rencontre am Haff hunn, mee mir maachen eng Rencontre Indoor an eng Rencontre Outdoor wou déi zwee Educateuren, déi am Haus sinn, an zwee, déi erausginn. Si wëllen och méi Aktivitéiten dobausse maachen, si waren elo vill dobaussen an deem leschte Joer well eben d'Situatioun esou war wéi se war.

E Fussballsturnéier wäert och erëm kommen an dann e flotte Projet, dee mir hunn, den och déi Ekip Outdoor mécht, dat ass déi fräi Konschtmauer op NeiSchmelz, déi wäert elo geschwënn ufänken an och Renovatioun vum Container NeiSchmelz well mir gemierkt hunn, dass déi Jonk sech do vill usidelen, si ginn do net gestéiert, si ginn do a Rou gelooss, dofir ass dat eng Plaz, déi ass gär gesinn. De Projet Konschtmauer, dat ass och e bëssen d'Kulturjoer 2022, do gëtt eng Dokumentatioun gemaach an do wäert herno och eng Ausstellung driwwer kommen.

Dann d'Participatioun Semaine de prévention LNB, do gehéiert eist Jugendhaus an eisen Outreach schonn dozou, déi sinn do derbäi. Dann hunn ech e kleng Projet, dee mir wichteg ass, dat ass de Projet Tiny Forests, dat sinn innerstätesch kleng Bëscher, dat gesäit ee vill zu Wien, do gëtt dat esou gemaach, dat si kleng Plazen, wou mir Beem usetzen a wou mir ronderëm Bänke maachen, wou d'Leit sech da kënnen ophalen. Dat dréit zu der Verbesserung vun der Liewensqualitéit bäi an ass och de Message fir déi Jonk, hei Dir kënnt participéieren un der Verbesserung vun der Liewensqualitéit an Diddeleng an si sollen dat mat gestalten. Dofir maache mer dat mat hinnen.

Dann eppes wat ganz nei ass, och dëst Joer, dat ass e Jugendfest, bis elo hate mir ëmmer Familljefest, mir hunn all méiglech Fester, souguer en Ritterfest dofir huet déi Ekip Outdoor déi mir hunn am Jugendhaus decidéiert, och e Jugendfest op der Schmelz ze maache mat Concerten an allem wat esou zu engem Jugendfest dozou gehéiert.

Dann, Famill, do muss ech soen, d'Familljekommissioun huet souvill Weeër geluecht, dass ech selwer net méi se all kennen, si si ganz aktiv déi Kommissioun mam Romain Zuang, mir hunn all déi Weeër, déi Dir kennt, wat elo nei ass dëst Joer dat ass am Fong d'Renovatioun vum Kannerwanderwee deen et och säit Joren an der Le'h gëtt, deen ass an engem ganz schlechten Zoustand an do wäert elo fir 2022 ganz vill Erneierungsarbechte kommen an de Romain Zuang kann lech do méi Detailler ginn, et komme vill Beweegungsspiller, esou dass een erëm e Plus, näischt Neies, mir schafe jo näischt Neies an der Le'h well mir hate jo festgestallt, dass mir do relativ iwwerlaascht sinn, hei ass einfach eng Renovatioun vun engem besteeënden awer e ganz wichtege Projet. Dann e leschte Ressort, deen ech hunn, Informatik, Dir wësst et alleguerten, et war ganz schwierig wa mir keng Informatik gehat hätten, hätte mir och net méi rechtzäiteg Informatiounen gehat an dofir war et schwierig am Service informatique well déi Leit, déi do opgetaucht sinn, déi waren net frou, déi hu meeschtens gejaut well hire Computer net gaangen ass an net méi Online Visioe konnten halen. Do ginn natierlech och d'Budgeten an d'Luucht well mir dat wëlle weider jo och ënnerstëtzen, mir hu Personal, all déi informatesch Lizenzen, Computeren a Laptoppen, alles wat mer brauchen, do musse mir do méi investéieren.

De SIGI, och do geet d'Participatioun an d'Luucht, dat ass duerch d'Entwécklung vun deem neie SIGINOVA. Firwat geet et an d'Luucht? Ma ganz einfach, do gëtt zousätzlech Personal gebraucht an ech betounen et souwuel intern wéi extern, dat ass ganz wichteg fir och kënnen an d'Gemengen ze goen an den Aarbechter sur place ze weisen, wéi et funktionéiert, musse mir do Personal recrutéieren an et ass och - mat enger Enthaltung - dee Budget gestëmmt gi vun 100 Gemengen.

City App, dat ass eppes wat ëmmer méi genotzt gëtt, do sinn de Moment scho 4 575 Leit, déi déi City App erofgelueden hunn, wou Pushmeldungen vun eis kréien, dat ass eppes, wat sech natierlech weiterentwéckelt a wou d'Leit gär notzen, well et einfach ass.

Mir hunn eng weider Entwécklung virgesinn, déi betrëfft mäi Kolleg, de René Manderscheid, dat si Klimapaktmesuren, do wäerte mir eng Rubrik bäimaache fir dass d'Leit ganz schnell kënne kucken, wéi eng Mesuren hu mir, wou kann ech déi ufroen a méi wäit si mir nach net ob se do och online kënnen de Formulaire erfleeden, dat kann ech elo net soen, mee dat ass ganz flott, dass esou Mesuren einfach an accessibel si fir d'Leit.

Internetsite, do krut ech elo just virun enger hallwer Stonn d'Meldung, dass deen de 15. Dezember online geet. Mir freeën eis doriwwer, dass mir konnten e ganz neien Internetsite op d'Bee setzen an dëst a kuerzer Zäit. Vu Juli bis Dezember hunn se an eisem Service

informatique an eisem Service Communication alles dru gesat fir dass deen Internetsite elo online geet, mir kënnen elo do och online Inscriptiounen driwwer maachen dat nächst Joer. Ech freeë mech, lech deen dann ze weisen, deen ass ganz flott a ganz einfach.

Cours informatiques, do war net esou vill well einfach duerch déi Situatioun, et waren eenzel Coursen, mee insgesamt huet et e bëssen erfroeschräuft well viles net konnt gemaach ginn. Voilà, dat war et.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir d'Presentatioun vu senge Ressorten an da ginn ech d'Wuert weider un d'Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci fir d'Wuert, ech schlësse mech da fir d'éischt de Virriedner un, déi eisem Service Comptabilitéit mat un der Spëtzt dem Pascale Poull, Merci gesot hunn. Vu dass ech déi lescht Riednerin sinn, hutt Dir scho ganz vill Informatiounen zum Rectifié an zum Initial kritt, ech wäert probéieren, esou gutt wéi méiglech kuerz op meng Ressorten anzegoen, lech och net mat Zifferen an Zuelen erschloen, déi Dir alleguerten am Dokument souwi-sou erëmfant.

Ech fänken u mam Verkéier, Dir wësst, dass mir Mëtt Oktober, ganz rezent also, eise Parking résidentiel op dat ganz Gemengegebit ausgedeeent hunn an dofir wäerte mir och 2022 nach eemol ronn 30 Horodateuren nobestellen, Dir wësst och, dass mir virun ongeféier 3 Joer d'App agefouert hunn, wou Dir kënnt de Parking domadder bezuelen, den OPnGO, déi hu mir natierlech och op ganz Diddeleng ausgedeeent an ab Oktober, wou de Parking résidentiel agefouert gouf, ass d'Zuel vun den Transaktiounen geklommen an si huet sech am November verduebelt, wat en Zeechen ass, dass déi App och ugeholl gëtt vun de Leit, wann déi Zuel vun den Transaktiounen sech verduebelt huet innerhalb vun nëmmen engem Mount.

Zum ëffentlechen Transport, eng grouss Partie vun eise Bushaisercher sinn endlech ukomm. Ech hat lech gesot, alles wat esou geliwert gëtt ass net nëmme fir mäin Domaine mee dat zielt och fir den Domaine fir all déi aner déi ukommen. An déi hu mir opgestallt. Si hu Solarpaneelen um Daach fir hiren eegene Stroum ze maachen an eng Partie dovunner sinn och begrängt.

Dir wësst och, dass d'CFL hire Modell Flex, also mat de Flexautoen hei zu Diddeleng zanter enger Rei Joren hei ubitt an och hei eng kleng Zuel, 2021 goufen zu Diddeleng 1 600 Faarte gemaach, dee System wäert also och weidergefouert ginn.

Den TICE bestellt och 13 nei Busser fir d'nächst Joer, 5 Gelenkbusser an 8 Stéck vun 12 Meter, déi normal Bussen, an alles am Gas.

De Flexibus, de René Manderscheid ass scho kuerz drop agaangen, dee gëtt och méi wéi gutt genotzt. Bis Mëtt November, dat sinn déi rezentst Zuelen, déi ech hunn, hate mir ronn 65 000 Km duerch Diddeleng mat deem Bus zeréckgeluecht. Dir wësst jo och, dass de Bus ab

dësem Joer gratis ass an, dass och elo mat engem Elektrobus gefuer gëtt. Mir haten dëst Joer och eng Ausschreibung gemaach fir d'Joeren 2022 bis 2024 inclus, dat heescht op 3 Joer, och do wäert dat natierlech weiderhin en Elektrobus sinn. Gewonnen huet d'Soumissioun d'Firma Voyages Vandivinit. Dat eenzegt wat fir den Usager wäert änneren, dat ass d'Telefonnummer a soss bleift alles genau selwecht wéi gehabt a mir wäerten an den nächsten Deeg Pub maache mat der neier Telefonnummer, wou d'Leit mussen uruffen.

Dann hate mir och den Impfbus op de Belval fuere gelooss, do hate mir bis den 1. Dezember ronn 550 Persounen, déi den Impfbus genotzt hunn a mir wäerten och domadder weiderfueren.

Zanter 2019 hu mir och ugefaangen, all eis Foussgängersträifen op de Leescht ze huelen, fir dass déi all sécher sinn a gutt beliicht an dass se och de Virschléi, déi déi staatlech Verkéierskommissioun a Ponts et Chaussées an Adapt virginn, gerecht ginn an do wäerte mir 2022 och domadder weiderfueren.

Och de Vélo si mir säit 2019 amgaangen, méi genau ze analyséieren an en Réseau, respektiv éischt Routen auszeschaffen an déi och ze zeechnen. Dir wësst, dass zanterhier vill geschitt ass, sief et wat de Marquage ubelaangt, sief et och nei Schëlter an dass ee kann am double sens fueren a mir wäerten och 2022 mat deem Projet weiderfueren. Fir villäicht e puer Beispiller ze nennen, de Véloswee Route de Luxembourg soll bis d'Rue Jean Simon weidergefuert gi fir eng besser Verbindung un déi national Vélospist vu Beetebuerg op Diddeleng oder ëmgedrëint ze gewährleeschten. Ech sot et, nei Vélosschëlter fir eng besser Signalisatioun sinn opgestallt ginn an 2022 schaffe mir och un der Rue Madame Mayrisch de Sainte Hubert fir ze kucken ob mir do eng definitiv Pist kënnen bauen. Dir wësst, dass mir do eng Pop-up Pist während dem leschte Vélossummer haten a mir kucke fir do eng Etüd ze maache fir ze wësse wat mir do definitiv kënnen installéieren. An dann och Vélosiwweeféierunge vun der Rue Abbé Lemire op d'N31 a vun der Rue des Genêts an d'Route de Zoufftgen, respektiv Kräizbiereg, ginn analyséiert.

Da maache mir och an der Rue du Parc e Raclage vum Schwarzelag a maachen hei en neie Belag, en helle giele Belag, dat ass esou e Belag wéi mir och am Shared Space, respektiv an der Rue Dominique Lang hunn, do wou Tempo 30 reglementéiert ass. Dat ass eng Doleance vu Vélo Diddeleng gewiescht well domadder gëtt den Automobilist drop higewisen, dass sech eppes un der Situatioun ännert an dass een eben hei nach besser muss oppassen. Dir wësst, dass och eis Véloszielstatioun, déi mir bestallt haten, déi hat och vill Retard, déi kounn net u wéinst dem Covid. Si ass elo ukomm, mir hunn se opgestallt a bis den 30. November si ronn 65 500 Véloen am Park Mayrisch gezielt ginn, wou déi Statioun steet.

Wat och erwänenswäert ass a puncto Vélo, dat ass eise Vélostreff fir plus 55-Järeger, dat ass e ganz ganz grouesse Succès, dat gëtt vum Service des Sports organiséiert an déi dréinen all Sonndegmoien hiren Tierchen an hunn 2021 bis Enn November ongeféier 910



Km erfogehat, esou dass dat e grouesse Succès ass an dofir och dem Service des Sports e grouesse Merci fir dat ze organiséieren.

Esch 2022 sinn amgaangen zesumme mam Office national du tourisme ORT Süden, wou mir och dra sinn, déi sinn amgaangen un engem Véloswee duerch déi ganz Südgemengen ze schaffen. Dat ass de Minett Cycle Tour an den Tour wäert dann och bei eis duerch d'Gemeng lafen. Dee Véloswee soll natierlech fir d'Kulturjoer 2022 fäerdeg sinn, mee dee soll awer och doriwwer eraus bestoe bleiwen, dat heescht et ass net esou, dass wann d'Kulturjoer fäerdeg ass, dass dann agepak gëtt an da war et dat, neen, dee bleift bestoen.

Ech hat virdrun de Vélossummer kuerz genannt, mir hunn dat lescht Joer do matgemaach, et kounn elo déi nei Circulaire vum Ministère a mir wäerten dann natierlech och dat nächst Joer dobäi sinn. Dofir wäert de Service Circulation och nach eemol Récksprooch huele mat Vélo Diddeleng, dat Ganzt wäert dann och wéi d'lescht Joer a Verkéierskommissioun kommen an och musse mir d'Verkéiersreglement heibanne stëmmen, esou dass jidderee wäert informéiert sinn, wat do wäert geschéien am Vélossummer 2022.

Ech sot elo schonn e puermol, Vélo Diddeleng, de Schäferot an och Service vun der Circulation an och de Service des Sports sinn am reegelméisseg Kontakt an am Austausch mat hinnen, ech mengen, ech hat dat d'lescht Joer och scho gesot, dat ass och dëst Joer esou weidergefuert ginn a wäert och dat nächst Joer weidergefuert ginn. Ech wëll awer och vun der Geleeënheet profitéieren fir och dem Service de la Circulation, Dir gesitt se heiansdo moies um 8 Auer hei wa mir Gemengerot hunn, dat ass awer net nëmme hir Aarbecht fir hei ze si fir lech Ried an Äntwert ze stoen, déi hu ganz vill Aarbecht an dofir wëll ech hinnen hei och emol en décke Merci soe fir all déi Aarbecht, déi se gelescht hunn, net nëmme puncto Vélo.

Wann ech da beim Service de Circulation sinn, déi hunn och dëst Joer gekuckt wou een iwwerall bei ëffentleche Plazen a Gebaier Vélosstänneren nach kann opstellen, wou der gefeelt hunn an hunn natierlech do och nogëst. Do villäicht och e kleng Message un iech, wann Dir elo gesitt, dass nach iergendwou der feelen oder der net genuch sinn, entweder mir e Message maachen oder am Service uruffen, da kucke mir ob mir do kënnen norüsten.

Och eis Vélosfläckstatiounen, nodeems se ukomm sinn, sinn se installéiert ginn an zwar op der Haard bei der

Vëloswäschstatioun, am Park Mayrisch an op NeiSchmelz beim Verkéiersgaart.

Mir haten och am Service de circulation eist traditionellt Vëlosfuere mam LVI fir Kanner organiséiert, zanter dësem Joer huet dat awer elo de Service des sports an d'Médecine scolaire iwwerholl, dat heescht, si wäerten dee Projet weiderféieren.

Zum Vël'OK, ech hunn lech d'lescht Joer gesot, dass der endlech neier erauskommen an dass lues a lues déi al Vëloë géint déi nei ersat ginn. Dat huet sech ëm Méint verzögert wéinst dem Covid an déi nei Vëloën, déi sinn elo rezent - a wann ech soe rezent, dann ass et wierklech ganz rezent - zu Esch ukomm. D'Unzuel vun den Abonéierten ass ëm 27% geklommen an hei zu Diddeleng nach méi krass, mir hunn hei e Plus vu 75% un Abonéierte gehat. Erkläre léisst sech dat duerch d'Covidsituatioun, villäicht Leit, déi wollten op de Vëlo ëmklammen amplaz mam ëffentlechen Transport ze fueren, villäicht och well manner dobausse lass ass. Egal wéi d'Erklärung ass, eis freet et op alle Fall an et sinn och am ganze Süden 31 nei Statiounen dobäi komm, dat bedeit och 30% méi Vëloën a 24 Leit schaffe beim CIGL fir de Vël'OK an och nach ëmmer een Diddelenger, dat hat ech lech déi lescht Kéier gesot, mir hu keen Afloss dorobber, wien d'ADEM schéckt, mee mir si ganz frou, dass och do en Diddelenger dobäi ass.

De Projet Nightrider mam PROSUD gëtt weidergefouert, den Nightlife Bus gëtt weidergefouert, den TICE wäert och weider op den Haaptachsen an op den normale Linne freides a samschdes owes an och d'Virowender vu Feierdeeg s'ganz Nuet duerch fueren, esou dass mir kucken, dass jidderee gesond a monter erëm zeréck op Diddeleng ka komme wann en nuets ënnerwee ass.

De Mobilitéitsdag huet dëst Joer mam Tour de Lëtzebuerg stattfonnt, wou mir och eng Partie aner Leit konnten domadder erreechen, dat nächst Joer ass vläicht keen Tour de Luxembourg, mee de Mobilitéitsdag wäert hei awer 2022 weider stattfannen.

Dir wësst, dass mir mam Projet SUMP amgaang sinn, Sustainable Urban Mobility Plan oder op Lëtzebuergeresch en Nohaltegkeetsplang fir d'Mobilitéit an enger Gemeng a mir hunn dat weidergedriwwen a fueren natierlech och 2022 domat weider. Mir haten dëst Joer véier Aarbechtssitzungen, hu produktiv geschafft, mir hunn elo e Leitbild a sinn aktuell amgaangen, Mesuren auszeschaffe fir déi nohalteg Mobilitéit an ech géif och gären op dëser Plaz all de Verrieder aus de verschidde Parteien aus dem Gemengerot och emol Merci soen, well déi ëmmer bei de Reuniounen dobäi waren an hiren Input ginn hu fir dass mir gutt weiderkommen an dofir e grouse Merci an ech hoffen, dass se weider bei der Staang bleiwen. Mir hate jo hei och eis Awunner agebonnen, de Loris Spina ass laang a breet op d'Biergerbedeelegung agaangen, dofir just kuerz zu mir, mir haten am Kader vum Bierger-Panel, eng ganz Partie Froen zu der Mobilitéit hei an Diddeleng gestallt an déi Äntwerte wäerten natierlech och an de SUMP mat era fléissen.

Mir hunn och fir de Verkéier ze berouegen an dat wësst Dir well mir hunn dat hei am Gemengerot gestëmmt,

eng ganz Partie Zon 30 gestëmmt an och eng Tempo 20 Zon gestëmmt fir dass manner séier duerch Quartiere gefuer gëtt. Mir maachen och eng Etüd fir erauszefannen, wat néideg ass fir an der Rue Gaffelt, dat heescht dat Stéck bei der Schoul, wou mir schon e puer Mol doriwwer diskutéiert hunn, d'Kräizung Rue Gaffelt / Rue Sainte-Barbe bis d'Rue de la Vallée, wat mir do kënnen a musse maache fir dass mir dat och an eng Zon 30 ëmgeännert kréien a mir dat dann och gestatt kréien. 2022 maache mir awer och de Parking beim Stade Aloyse Meyer, deen ale Stadesterrain, deen an engem ganz schlechten Zoustand ass, muss komplett neigemaach ginn. Wann ech soen, an der Rue des Champs, dat ass also hannert dem Stadesterrain.

Dir wësst, wann ech Voirie soen, dass dat mat Baggeren ze dinn huet an et gëtt gebuddelt, mir müssen dat awer maachen, well Dir wësst et, déi Leitungen ëmmer nëmme eng begrenzte Liewensdauer hunn an d'Leit verlaangen och haut séieren Internet, Glasfaser, an dofir hu mir hei och déi néideg Sue wéi all Joer am Budget agesat fir dass mir kënnen och matmaachen, wann an deene Stroossen opgerappt gëtt. Mir maachen awer och eng Partie Stroossen net nëmme ënnerierdesch, mee och dat wat d'Leit gesinn, nämlech och d'Strooss selwer erneieren, an natierlech hu mir och Râclagë vun enger Partie Stroosse virgesinn. E grouse Stroosseprojet - an de Buergermeeschter war scho kuerz drop agaangen - vun der Ponts et Chaussées ass d'Butschebuerger Strooss, wou mir als Gemeng och matmaachen dat wësst Dir spëtstens no eisem informelle Gemeengerot vu virun e puer Wochen an Dir wësst och spëtstens zanter dem Gemengerot, dass do eng Partie Froen ze kläre sinn éier mir do kënnen urappen.

D'Josiane Di Bartolomeo-Ries ass op d'City App agaange, just vu menger Säit aus nach eemol de Rappel vun dem Deel "Report it", dat heescht wann d'Leit dobaussen eppes gesinn oder feststellen, wat net gutt ass, wat muss gefléckt ginn, da kënnen se dat direkt iwwer déi App mellen. Ech widderhuelen dat och nach eemol, et bréngt näischt, sech d'Fangere wond ze schreiwen op iergendwelleche soziale Medien, ech hu keng Zäit, dat ze kucken an eis Leit vum Servicer hu warscheinlech nach manner Zäit, wann Dir e Problem feststellt, léif Leit, mellt et do, mellt et direkt bei deene richtegen, da gëtt och eppes ënnerholl a wann Dir Froen hutt, da kritt Dir do och déi richteg Äntwerten, amplaz dass do Spekulationen opkommen, wou ganz dacks kee Kapp a kee Schwanz hunn.

Am Kloertext widderhuelen ech dee Saz, wou ech d'lescht Joer scho sot, amplaz ze meckeren, soll een et mellen an e grouse Merci un déi Leit, déi dat och gemaach hunn, dat ware bis Mëtt November 425 Saaichen, déi gemellt gi sinn.

Gi mir bei Museksschoul, Dir wësst, dass mir eng ganz aktiv Museksschoul hunn déi all Dag um Dill si fir iwwer 1 300 Kanner, Jugendlecher an Adulten e qualitativ héichwäerteg Museksunterrecht ze bidden. Ech ginn do net op all Detail an, Dir wësst, mir hunn am Oktober eréischt hei déi definitiv d'Schoulorganisatioun gestëmmt, wou och den Direkter dobäi war a wou Dir konnt Är Froe stellen. Dat eenzegt wat ech als Bemier-

kung wëll soen, dat ass, wann ech soen, an ech sot dat wéi mir hei déi definitiv Schoulorganisatioun gestëmmt hunn, dass mir eng Partie méi Schülerinnen a Schüler bäikruten a wa mir soen, méi Schülerinnen a Schüler, da bedeit dat och méi Ausgaben, méi Instrumenter, déi et ze geréiere gëtt an den Entretien vun deenen Instrumenter ze assuréieren. Mir hunn dëst Joer e flotten a ronnen Anniversaire gefeiert, virun e puer Deeg, déi meescht vun lech waren dobäi, dat war ganz flott an et koum e flott Buch eraus vum Historiker Jean Reitz iwwer d'Geschicht vun der Museksschoul. D'nächst Joer am Mee wäert dann eis Museksschoul beim European Music Mix Festival 2022 matmaachen, deen hei zu Lëtzebuerg stattfënnt, während deem Weekend wäerten sech Jonker aus allen europäesche Länner zesumme mat 1 500 Schüler aus Lëtzebuerg treffen a wäerten do de Süden zum musikaleschen Zentrum aus Europa maachen.

Wann ech soen, 1 500 Schüler aus Lëtzebuerg, da wësst Dir, dass natierlech och eis Diddelenger Leit dobäi wäerte si bei deem Projet vun der EMU, dat ass den Europäeschen Daachverband vun de Museksschoulen. Wat maache mir do? Engersäits wäerte Concerten an Diddeleng organiséiert ginn an och eis auslännesch Partnerschoule wäerte mir empfänken a mir bidden och eisen eegene Schülerinnen a Schüler d'Méiglechkeet fir un deem Festival ze participéieren an domadder och bei deene groussen Eventer wéi bei der Cérémonie d'ouverture an der Rockhal oder um Festival am Fond de Gras kënnen derbäizesinn an dat ass virun allem fir jonk Leit eng eemoleg Geleeënheet.

Eisen neien Departement de Danse, dee kënnt Dir och bewonneren, fir déi Leit déi dobäi waren um Anniversaire, deen huet en enormen Zouwuess kritt, dee kënnt super gutt un an dofir wäerte mir en neit Doheem fir d'Coursen um Site NeiSchmelz musse fannen.

Zum Tourismus, Dir wësst, mir organiséiere weider eis Visites guidées, déi d'Leit hei an der Gemeng kënnen buchen a mir hunn heifir en neien aktualiséierte Flyer erausginn. Ech mengen, dass de Loris Spina an och de Buergermeeschter genuch op den Tourismus am Kader vum Kulturjoer 2022 agaange sinn, sou dass ech mech hei kuerz faassen.

Villäicht just, mir schaffen natierlech weiderhi mam ORT Süden zesummen a wat d'Kulturjoer ubelaangt, ass et dat wou si sech momentan drop fokusséieren. Dir wësst vläit och, dass den ORT en neie Guide erausginn huet, e Guide Zoom Minett, deen ass net méi spéit wéi d'lescht Woch virgestallt ginn, dat ass e Guide iwwer d'Südregioun, dee ganz flott ass, an natierlech och hiren Internetsite www.visitminett.lu, wou Dir ëmmer alles drop erëmfannt.

Zum Tourismus, bei dem Jumelage, do muss ech soen, dass duerch Covid och dëst Joer net ganz vill konnt lafen. Dir wësst, eis Partnergemeng Feltre sollt schonn d'lescht Joer fir d'Buergefest erofkommen, dunn sollten se dëst Joer erofkommen, bon, mir hoffen, dass mir eng vun eise Partnergemengen dann d'nächst Joer, wann et net um Buergefest ass, da wéinstens bei enger anerer Geleeënheet hei kënnen empfänken, wann d'Mesuren och méi labber sinn, wann een net méi muss 300 For-

mulairen ausfëllen an 10 Tester maache fir kënnen ronderëm ze fueren.

Op alle Fall géif et eis freeën an ech wëll drun erënneren, dass wann eis Clibb, wann déi interesséiert sinn, och mat enger Partnergemeng en Austausch ze maachen an och wann se e Projet hunn, da sollen se net zécken, un d'Gemeng erunzetrieden, mir wäerten eis do net scheie fir kënnen eng kleng Ënnerstëtzung ze ginn.

Vum Jumelage ass et net wäit bis bei d'Integratioun, mir hunn hei zu Diddeleng déi ganz grouss Chance, dass mir iwwer 100 verschidden Nationalitéiten an eiser Gemeng hunn, dofir ënnerstëtze mir natierlech och ëmmer eis Integratiounskommissioun, net nëmme fir weiderhin d'Fête des cultures ze maachen, déi dëst Joer nees konnt stattfannen, wann och ënnert méi enger graffer Form.

D'Integratiounskommissioun huet sech ganz vill aner Saache virgeholl fir d'nächst Joer, mee dat iwwerloossen ech der Presidentin fir drop anzegoen.

Wann ech bei dem Volet Integratioun sinn, falen do och eis Sproochecoursen drënner, mir haten d'lescht Schouljoer iwwer 400 Participanten an de Course fir Lëtzebuergesch, Franséisch, Englesch a Portugisesch. Et ass e bësse manner wéi dat Schouljoer virdrun, wéinst Covid, dat huet domadder ze dinn, dass eis Klassen net méi dierften esou grouss sinn ewéi dat virdu war, wéinst den Distanzreegelen, déi mir missten anhalen. Niewent eisen eegene Coursen, wësst Dir, dass och Italieenesch ugebuede gëtt vun der Association Italo-Luxembourgeoise Beetebuerg-Diddeleng an déi wäerte mir och weider ënnerstëtzen. Dir wësst, dass mir säit dësem Joer eng Konventioun mat der Gemeng Kayl-Téiteng hunn, mir hunn déi hei am Gemengerot gestëmmt, an da wëlle mir eis Indemnitéite fir eis Sproochecoursen eropsetzen. Mir bidde weider iwwert de Service Ensemble och nach de Café des Langues un, dat si kreativ Projeten, déi mir och wëlle weiderféieren.

Wann ech beim Service Ensemble sinn, déi maachen natierlech eng ganz Partie aner Saachen, de Loris Spina hat se och kuerz ernimmt, wou se matschaffen, dat geet iwwer Permanence sociale iwwer Sproochecoursen an Informatiounsversammlungen. Si wäerten natierlech de Programm d'nächst Joer weiderféieren an Dir wësst, si loosse sech ëmmer all Joer nei Saachen afalen, mat deenen se am Laf vum nächste Joer dann och wäerten op den Terrain goen. Eng nei Aktioun dovunner sinn d'Spillnomëtteger vu Kanner, déi se wëllen organiséieren, mee do gehéiert viles méi dozou an si wäerten dat au fur et à mesure virstellen. Si sinn och op NeiSchmelz aktiv, si maachen do Workshops a Pause-caféen, Dir wësst dat well si maache genuch Reklamm.

Ech sot, ech géif mech kuerzfaassen, dofir wëll ech elo och ofschléissen. Ech soen et all Joers hei bei de Budgetsdebatten, datt mer en Budget presentéieren deen den Prinzippien fir déi meng Partei d'LSAP d'Sozialisten asteet, gerecht gëtt - an déi mir och perséinlech als Sozialistin um Häerz leien - nämlech Fräiheet, Solidaritéit, Gerechtegkeet an Sécherheet. Dat ass fir 2022 net anescht, ech kann et just widderhuelen an ech

weess, dass e gudden Deel hei am Sall dat och esou gesäit an dofir soen ech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol och fir déi Presentatioun. Mir sinn zum Schluss ukomm vun der Presentatioun vum Budget 2022 duerch d'Membere vum Schännerot an da Rendez-vous fir den nächste Freiden, wat d'Stellungnam vun de Gemengerotsmamberen ugeet an de Vote. Da gi mir elo op dee normalen Ordre du jour iwwer.

2.3. Approbatioun vu Modifikatiounen am Kapitel X - Waasser – vum Allgemengen Taxeregelement

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mir wëlle bei de Finanze bleiwen, do geet et ronderëm dat neit Taxerelement wat Waasser an Ofwaasser ugeet. Am Kader vum Budget hate mir dat jo schonn e bëssen annoncéiert, dass eng Rei Adaptatiounen musse gemaach ginn, do begrëssen ech och eise Chef-Ingenieur, den Nic Krumlovsky, hei an eiser Ronn a gi fir dee Punkt d'Wuert weider un de Loris Spina.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci, effektiv ass et de Moie jo schonn an Ärer Ried ugeklungen, dass mir de Waasserpräis och hei zu Diddeleng mussen hiewen an dat wëlle mir elo an eise Taxerelement hei diskutéieren an herno ofstëmmen. Wéi et dann och hei steet hu mir op Grond vun der neier Tarifkatioun vum SES, wou ronn 25% de Präis an d'Luucht gaangen ass, musse mir dann hei nozéien. Mir mussen natierlech käschendeckend sinn, do spillt de Präis ee Volet bei deem Calcul awer och dee ganzen Instandbréngen an -hale vun eise Réseau, de Personalvolet ass hei net ze vergiessen an iwwerhaapt allegueren déi Infrastrukturen, déi eben domat ze dinn hunn an da kënnst eben dee Präis eraus. Mir hunn dann elo missen opdeelen a véier Secteuren, den Horeca-Secteur ass dobäi komm, dat hutt Dir de Moie jo och matkritt. Also engersäits hutt Dir déi normal Menagen an d'Institution-publiques, dat wat dann doraus net drénner fällt also wat en eegene Secteur ass, dat ass de Secteur industrieel awer och de Secteur agricole, an nei ass elo den Horeca-Secteur hei erëmzefannen.

Et ginn ëmmer zwou Partie bei deem Reglement, engersäits d'Partie fixe a béid Tableaux oder béid Rechnungen sinn op Grond vun engem Tableau erstallt, wou mir dann och zur Verfügung kréien, wou mir dann och eis eenzel Donnéeën gespeist ginn an da späit dee seng Zuelen hannen eraus fir dass mir da mat deenen Diddelenger Donnéeën déi entspriechend Zuelen hunn an hei ass et d'Partie fixe, déi ass och ofhängeg vum Diameter vun de jeeweilege Réier an deene Compteurs, un déi se ugeschloss sinn, do hu mir 5 Euro fir Menagen ze proposéieren, 12,5 Euro dann ebe fir de Secteur industrieel, en Domaine agricole ass da mat 11 Euro hei virgesinn an den Horeca-Secteur mat 6,90 Euro. Et ass jo kloer, dass déi och mussen hiren eegene Secteur hunn, dass een do ka getrennten Oflesungen maachen. Änlech ass et an der Partie variable, wéi gesot, do gëtt et och en Tableau, dee muss mat den Diddelenger Donnéeën gespeist ginn éier en dann Zuelen erausspäit. Do hu mir dann 2,70 Euro ouni TVA fir de Meterkipp virgesi bei de Menagen, de Secteur industrieel 1,80 Euro, de Secteur

agricole 2 Euro an den Horeca-Secteur och mat 2,50 Euro.

De Buergermeeschter hat et virdru scho gesot, éier dat doten den 1. Juli en place gesat gëtt, gëtt awer virdru en Dekont gemaach, d'Compteur ginn ofgelies, esou dass do alles säi korrekte Wee wäert goen. Dat betrëfft natierlech dann och eng Hausse bei de Fraisen vun den eenzele Menagen an dofir wäerten eis Servicer si och drop opmierksam maachen an hinnen Institutiounen ugin, déi do hëllefen, notament den Office Social, deen do awer opgestallt ass fir de sozial schwache Stéit a Familien, och wat déi Hausse ubelaangt, ze hëllefen. Voilà, dat gesot, dann ass d'Diskussioun op.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Loris Spina. Madamm Erpelding.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, also de Waasserpräis geet an d'Luucht well d'SES d'Präisser hieft, d'Gemeng zitt no an hieft hir Tariffer och well se muss de Käschendeckungsprinzip anhalen, dee vum Gesetz virgeschriwwen ass, mee dëst spieren dann alt erëm d'Bierger a Biergerinnen am meeschten, déi souwisou scho sozial méi schlecht do stinn. Et ass net just d'Waasser wat méi deier gëtt, mee och d'Energiepräisser sinn enorm geklommen, ech mengen, doriwwer ass geschwat ginn. déi Léng hunn am Dezember 2016 eng Motioun am Gemengerot agereecht, wou et ëm d'Waasser, méi genau ëm d'Recht op Waasser, d'Spuere vum Waasser an och de Waasserpräis gaangen ass. Déi Motioun ass leider deemools net ugeholl ginn, d'LSAP, déi Gréng an den ADR waren dogéint, d'CSV huet sech enthalen an och wann dat elo 5 Joer hir ass, ass dat Thema nach ëmmer aktuell, et ass nach ëmmer dat selwecht. Ech ginn elo net op den Detail dovunner an, wëll awer nach eemol kloer soen, dass déi Léng der Meinung sinn, dass d'Waasser en universaalt Mënscherecht ass an dass den Zougang fir jiddereen garantéiert muss sinn, onofhängeg vu senger sozialer Situatioun. Mir leenen de Käschendeckungsprinzip of a mir froen d'Gemeng, endlech op de Wee vun engem gestaffelte Waasserpräis ze goen. De Prinzip wier en éischten Deel gratis, duerno e reelle Präis vum Marché an ab enger gewësse Quantitéit den duebele Präis, wat dann och sozial Gerechtegkeet wier a kéint och zum Spuere bäidroen. Dëst géif net nëmme vill Stéit entlaaschten, mee eben och zum Spuere vun Drénkwaasser bäidroen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, weider Stellungnamen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hunn am Fong just zwou Froen: Mir iwwerhuele jo d'Waasser vun der SEBES an do ass de Präis an d'Luucht gaangen, dann, de Syndicat des Eaux du Sud SES erhéicht säi Präis, meng Fro ass: Wéi ass et an deenen anere Syndikater, ginn déi op dee selwechte Wee wéi mir? A virdru gouf gesot, dass och Wäert drop geluecht gëtt opzepassen op de Quellschutz, elo ass meng Fro: Ass do eng Méiglechkeet, dass mir och zum Beispill an eise Réseau nach d'Utilisatioun vun eise Quelle kënnen ausweiden? Géif dat en Impakt hunn op de Präis wa mir net alles missten akafe goen? Wéi

sinn do d'Potentialitéiten, wa mir dat géife méi riguréis verfolgegen? Dat ass villäicht eng praktesch Fro wat och de Moment en Impakt hätt op de Präis, da bräichte mir net ëmmer déi 1 zu 1 -Verdeierung vum Akaf vum Waasser weiderzeginn un d'Bevëlkerung. Dat ass dat wat déi Léik soen, dass een do ka kucken, wou een do nach Potential huet fir déi Leit, déi an der Necessitéit sinn, fir déi e bëssen ze entlaaschten. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach weider Stellungnamen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, ech hätt eng konkret Fro zum Tableau well ech do eppes net verstinn. Dat ass deen Tableau, wou d'Part fixe ass, do ass d'Part fixe vum Joer - ech huelen elo de Menage - do steet da 5 Euro an da steet enne beim Diameter och nach eng Part fixe mensuelle, dat gëtt da mol 12, dat geet jo dann och pro Joer an da kënnt nach uewen déi dobäi, ech huelen un, dass dat dann esou ass, ech si jo selwer am SES-Syndikat an do gouf dat alles erkläert an dass mir de Waasserpräis elo mussen erhéijen, dat lichter an. Ech wollt just drop hiweisen, dass een dat soll no bausse gutt kommunizéieren, well jo awer och vill Waasser verschwent gëtt, dass d'Leit dann och ugehale gi fir Waasser ze spueren a fir déi sozial méi schwach Stéit ass virgesinn, 200 Euro pro Menage kënnen déi jo ufroen, esou dass dat awer kann ofgefiedert ginn.

Dann hätt ech och nach eng Fro zu eise Quellen: De Fierschter hat deemools am Forstplang gesot, dass mir jo och eege Quellen hunn, déi net als Drénkwaasser genotzt ginn, fir ze nätze kéint een déi notzen, fir eis Planzen am Summer iwwer d'Gemengeservicer an den Här Netgen hat eemol gesot, dat Waasser kéint een net huelen. Ech wollt do nofroen, net dass dann Drénkwaasser geholl gëtt fir am Summer ze nätzen, iwwer eis Servicer. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Heinen.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci fir d'Wuert, viles ass gesot ginn och Merci dem Här Spina fir déi Prezisiounen, wat d'Zuelen ubelaangt, ech si ganz bei menger Kolleeigin vun de Gréngen, fir dass mir dat mussen no bausse gutt kommunizéieren, firwat mir dës Decisioun mussen huelen, dofir ass et ganz wichteg, dat an de richtege Kontext ze setzen. De Comité SES huet an hirer Sitzung vum 16. Juli 21 unanime festgehalen, dass d'Präisser musse fir 2026 ëm 25% an d'Luucht gesat ginn, dës bestëmmt net einfach Decisioun kënnt dohier, dass den SES muss käschendeckend funktionéieren, hire Präis gëtt duerch Chargé festgesat an si maachen och kee Boni, wier dat net de Fall géif dem Syndicat des Eaux déficit opweisen den dann erëm misst vun de Gemengen déi do Member sinn also och mir missten ausglach ginn.

D'Gemenge selwer sinn och gehalen hire Waasserpräis käschendeckend un de Verbraucher weider ze ginn. Am Gesetz 19. Dezember 2008 ass de Käschendeckungsprinzip explizit festgehalen do heescht et am Artikel 12 "les coûts des services liés à l'utilisation de l'eau sont supportés par les utilisateurs". Ëm esou méi wichteg

ass et, dass all Utilisateur säi Waasserkonsum iwwerdenkt a säi Bäitrag doriwwer iwwerleet well mir stinn hei um Ufank vun enger Entwécklung, wou mir musse vill méi nohaltege a vill méi responsabel mat eise Ressourcen ëmgoen, net nëmme mam Waasser, mee mat allen anere Ressourcen, déi eis zur Verfügung stinn.

Wat mir haut hei maachen, ass also näischt wéi d'Gesetz vun 2008 ze exekutéieren et ass also net d'Gemeng Diddeleng oder d'LSAP, déi d'Waasserpräisser fir d'Leit an d'Luucht gesat huet, mee hei gëtt soss näischt gemaach wéi Gesetzer agehalen. Et ass eng batter Pëll fir Famillen, besonnesch déi, deenen et finanziell net esou gutt geet wann och nach d'Waasser méi deier gëtt an dat léisst eis als Sozialisten net kal. Dat war sech och dës Regierung bewosst där och LSAP ugehéiert do ass reagiert ginn an Allocation de vie chère ass substanzuell an d'Luucht gesat ginn, ab 2022 gëtt dës Kompensatiounsmoossnam fir all eenzel Persoun ëm 200 Euro an d'Luucht dat heescht vun 1 452 Euro op 1 652 Euro fir eng Famill ëm maximal 400 Euro vun 2 904 Euro op 3 304 Euro.

Hei kënnt dobäi, dass d'Gemeng Diddeleng sech dann automatesch mat erunhänkt well mir och nach domadder eis Allocation compensatoire pour taxes communales ëm 45% an d'Luucht setzen a mir setzen dat drop wat de Staat accordéiert fir auszebezuelen, dat mécht da fir eng eenzel Persoun eng weider 90 Euro aus, eng Zomm, déi mir an eisem Budget ageschriwwen hu mat weider 75 000 Euro, wat dann eng Zomm mécht vun 825 000 Euro, gerechent op ronn 825 Demanden, déi géife gemaach ginn. Mir als LSAP stëmmen des Mesure mat, et ass e Gesetz wat agehale muss ginn a mir si frou, dass mir op där anerer Säit kënnen de Leit duerch eis Allocatioun ënnert d'Äerm gräifen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madamm Kohn, da géif ech d'Wuert weiderginn un den Nic Krumlovsky fir déi méi technesch Sachen an dann un de Loris Spina.

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DIDDEL-LENG): Moien, ech wollt op déi éischt Fro agoen, also d'Syndikater hei am Land, déi mussen alleguete laut dem Käschendeckungsprinzip rechnen an dat ass och d'Ursaach firwat heiansdo verschidde Präisser an d'Luucht ginn a anerer méi laang nach konstant bleiwen, dat hänkt och just dovunner of wat den Invest war an de Jore virdrun. Da war gefrot ginn, ob mir Quellen am Betrib hunn, mir hu keng méi a Betrib awéi mir se nach a Betrib haten, virun 25 Joer, do hate mir 4-5% vun eisem Drénkwaasser, wou mir do konnten erausschöpfen, et ass awer esou, dass entretemps d'Gesetz geännert huet, de Quellschutz ass méi streng ginn an déi Ronnspuerquell, déi haut nach existéiert, dat ass am Fong d'Route de Thionville, déi stéiert fir dass mir déi dierfe weider a Betrib huelen, do dierf laut dem neie Gesetz keng Strooss driwwer goen. Wat och villäicht nach ze soen ass, mir hu virun 25 Joer 1 300 000 Meterkipp Waasser am Joer verbraucht a sinn haut, trotzdeem dass d'Bevëlkerung vu 14 000 op bal 22 000 Awunner an d'Luucht gaangen ass, si mir nach ënnert dem Verbrauch vun 1,3 Milliounen Euro, dat heescht d'Bierger hunn alleguerten zesumme versicht, ze spueren, a mir

och als Gemeng versichen als Servicer fir déi Fuiten all-
eguerte kleng ze halen.

Da war d'Fro komm iwwer déi Prime-fixen, wat d'Waas-
serzieler ubelaangt, den Tableau ass e bëssen irrefüh-
rend, et ass e bëssen einfach, et sinn déi Proposen hei,
dat sinn 5 Euro pro Millimeter pro Joer, eng Taxe déi ge-
schellt ass a wa mir dann e Rechebeispill huele mat en-
gem Haushalt, dat sinn déi Zieleren, déi am heefegste
sinn, dat sinn dann déi 20mm wann een déi mol 5 hält,
dann ass ee bei 100 mm an dann deelt een déi duerch
12 an da kennt een op dee Wäert pro Mount. An dann
ass d'Fro komm mat de Quellen, wéi gesot déi sinn net
méi a Betrib et kéint een sech eemol iwwerleeën, mir
haten och esou Etüde gemaach fir Quellen a Betrib ze
huelen da misst op der Säit vum Boulodrome eng Ho-
rizontal Quellenerfaassung gemaach ginn an soulaang
d'Präisser esou wéi elo relativ bëlle sinn, géif sech den
Invest do net rentéieren, dat ass awer och eng poli-
tesch Decisioun, do kann ech mech net esou wäit aus
der Fënster leeën.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci Här Krumlovsky.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, prinzipiell ass -
mengen ech - alles vum Nic esou kloer wéi et méiglech
ass duergestallt ginn, ech wollt awer och nach enchaî-
néierewat Madamm Heinen gesot huet ech mengen,
dass zesumme mam Gréngen Haus ass Informatioun
extrem wichteg si maachen dat am Allgemenge mat
der Energie awer och hei am Waasser ass eis bewosst,
dass dat eng kostbar Ressource ass déi net dierf ver-
bëtzt ginn an dass de responsablen Ëmgang domadder
an allen Hisiichten och hei an de Finanze Sënn mécht,
dofir wäerte mir déi Schinn reegelméisseg weiderfue-
ren, ugefaange bei deene Klengen an de Schoulen awer
och am Allgemengen d'Kommunikatioun no baussen, do-
fir kann ech dat och nëmmen ënnerstëtzen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, just eng kleng Fro
fir anzehake bei deem wat d'Madamm Heinen gesot
hat: Eis war an der Ëmweltkommissioun, ech mengen,
bei der Bëschbegehung gesot ginn, dass mir eng Quell
hunn, wou mir kënne mat eisem orange Camion optan-
ken, fir nätzen ze goen. Wou ass déi? Déi gëtt et awer
nach? Well ech hunn den Nico Krumlovsky esou verstan-
nen, wéi wann do keng méi wier, ech hunn do eng Kon-
tradiktioun gesinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci, den Nic Krumlovsky gëtt do Opschloss.

**NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DIDDE-
LENG):** Jo, et ass esou, also mir hu keng Quelle méi fir
Drénkwaasser a Betrib, dat ass richteg awer déi Quell
huele mir a Betrib an dat ass déi Quell, déi mir huele
fir nätzen ze goen an och wann eis Kanalmaschinn er-
ausfiert, all dat Waasser wat mir hei an der Gemeng
brauche fir ze botzen oder ze nätzen, dat gëtt do er-
ausgehol.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Voilà, Merci fir déi Diskussioun, sachant que wa mir dat
stëmmen et net onwichtig ass, déi néideg Kommunika-
tioun dorëmmer ze maachen, et schéngt mir e wichte-
ge Volet ze sinn.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Dierft ech eng Fro drun
hänken? Kéint een sech déi Quell virstelle fir dass
d'Pompjeeën hir Camionen do optanke ginn?

**NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DIDDE-
LENG):** Do schwätzt näischt dogéint, et ass esou, och
Entrepreneuren hu mir d'Offer gemaach, dass wann se
Bëtong maachen oder soss Waasser brauche fir ze be-
schwéieren, dass se kënnen op déi Plaz higoen, wou se
d'Waasser kënne séier zapen an dat gëllt och fir jidde-
reen den interesséiert ass, Pompjeeë wuel verstanen,
et ass also ëmmer besser si huelen dat dote Waasser
wéi dass se Drénkwaasser aus dem Réseau huelen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
**Da géif ech proposéieren, dass mir zum Vote iwwer
ginn, wien ass mat dem Taxereglement wat d'Waas-
ser ugeet averstanen? Dat ass déi Gréng, LSAP, CSV
wien enthält sech? Déi Lénk.** Merci villmools.

2.4. Approbatioun vu Modifikatiounen am Kapitel XI - Ofwaasser – vum Allgemengen Taxereglement

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da
fuere mir mam nächste Punkt weider a ginn op d'Off-
waasser, do ass de selwechte Prinzip, den Impakt vum
Waasserpräis den natierlech akeeft, respektiv den zwee-
te Volet, dat ass am Kader och vum Verwaltungskont
vun 2019 wou jo och den Innenminister am Controle
eis gesot huet, dass mir eis misste par rapport zu dem
selwechte Gesetz konforméieren also zum Waasserge-
setz awer dann hei wat Ofwaasser ugeet, dass mir do
och eng Tarifikatioun aféiere fir den Horeca-Beräich, dat
hu mir och deementspriedend hei gemaach mat den
néidege Calculen, well mir och dann e System zur Ver-
fügung hunn, wou mir dat kënnen ausrechnen. Dat ass
natierlech e bësse méi schwierig well hei och den Equi-
valent muss berécksiichtegt ginn, wat e ganz schwie-
rige Calcul ass an do ka villäicht och den Nic Krumlovsky
drop agoen, wéi dat gerechent gëtt, well dat net esou
evident ass, mee och do eng Redevance fixe an eng Re-
devance variable, och fir déi 4 Kategorien, fir d'Ménagen
ass do d'Redevance fixe 44 Euro ouni TVA, de Secteur
industrielle 64 Euro ouni TVA, de Secteur agricole 68
Euro ouni TVA an de Secteur Horeca, dee mir aféieren,
64 Euro ouni TVA, an dann d'Redevance variable ass bei
2,25 Euro ouni TVA fir d'Ménagen, de Secteur industriel
1,80 Euro ouni TVA, de Secteur agricole 1,70 Euro ouni
TVA an de Secteur Horeca 1,80 Euro ouni TVA.

Dat zu den Erklärungen zu deem Reglement an ech géif
villäicht d'Wuert weiderginn un den Nic Krumlovsky fir
kuerz ze erläuteren, wat dee ganze Calcul, deen drun-
hänkt mam Equivalent habitant, deen och Partie inté-
grante ass vun deem Taxereglement, dass déi ganz kuerz
a plausibel erkläert, wat dat op sech huet.

**NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DIDDE-
LENG):** Et ass esou, wat nei ass, et sinn 4 Tariffer, dat

heescht Ménagen, Industrie, Agricole an dann och den Horeca-Secteur, de Präis gëtt och par analogie zum Drénkwaasser mat enger Partie fixe an enger Partie variable gerechent. D'Partie fixe an Ofwaasser, dat ass den Equivalent habitant moyen, dat ass den Einwohnergleichwert, den ass vum Gesetzgeber fir Eefamilljenhaiser op 2,5 festgesat ginn. Wéi een elo op déi 2,5 kënnt, dat ass dann awer eng länger Diskussioun, déi ech wëll op der Säit loossen. Do gëtt dann eng gewësse Quantitéit Litere geholl, et gëtt gekuckt wéi vill Phosphor, dass am Ofwaasser ass, et gëtt gekuckt wéi vill Schwiefel dran ass an da ginn déi schwéier Stoffe wéi elo Sand oder Buedem, dat gëtt och ausgerechent an da gëtt dovunner ee Fënneftel geholl an dat entsprécht dann engem Equivalent habitant moyen an dee Wäert gëtt pauschal fir Awunner allgemeng am ganze Land op 2,5 gesat. Dat ass den Normalfall.

Dann hu mir Industrien, do fänkt et un, méi tricky ze ginn, d'Industrie do hu mir der, déi ganz vill Waasser ofleeden, wat awer net extrem knaschteg ass a mir hunn aner Industrien, déi wéineg Waasser ofleeden, wat awer zimmlech knaschteg ass, also huet do d'Kläranlag Problemer fir dat ze botzen. An dofir hu mir proposéiert, an der Deliberatioun, well mir vun den Industrien drop higewise gi si, mir hunn equivalent Moyennen, ech soen elo einfach eng Zuel vun 1 000 fir iergendeng Industrie ugeholl an dann hunn déi reklaméiert a gesot, mir leeden net esouvill an, dat ass net richtig, dee Wäert ass net richtig gerechent, dee Wäert baséiert nämlech op enger theoretescher Rechnung. Do hu mir dann hinnen d'Méiglechkeet gelooss fir dass se selwer kënnen d'Ofwaasser quantitativ wéi och qualitativ moossen. Wuel verstanen eng Miessung, déi iwwer e Joer geet, fir ze vermeiden, dass während enger Woch oder engem Mount de Knascht net ageleet gëtt an duerno alles matenee kënnt, a mam Averständnes vun der Agence de l'eau vum Waasserwirtschaftsamt, dass do eng korrekt Miessung gemaach gëtt an dann erlaube mir hinnen och, hir gemiesse Wäerter korrekt ze vermoossen. Dat ass och eppes wat nei ass.

Bei der Agricole ass et esou, dass déi normalerweis den Tarif vun de Ménagen hunn, wann se awer elo eng Mëllechkummer hunn, da gëtt dat e bësse méi technesch, dann ass d'Ofwaasser méi belaascht an si kréien equivalent Moyennen. Déi ganz equivalent Moyenne wie wéi vill verrechent kritt, dat ass an engem Tableau, deen de Büro d'études eis gemaach huet, festgeluecht. Do hu mir awer elo fundamental näischt zum Joer 2016 geännert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Nic Krumlovsky fir déi technesch Froen, si Remarquen oder Froen dozou?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech wollt just nofroen, ech hu jo do richtig verstanen, och beim Ofwaasser gëtt et jo dann eng Part fixe an dann och eng Part variable an dat ass d'selwecht wéi de Waasserverbrauch? An da wollt ech och soen, dat misst een dann och kommunikéierewat ech méi Waasser verbrauchewat dat och méi deier gëtt, dat hunn d'Leit net ëmmer esou um Schierm. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo, absolut.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, Merci Här Buergermeeschter, ech wëll just eng Bemierkung maachen zum Tarif agricole. Do ass jo oft driwwer geschwat ginn, dass am Fong geholl Béischte vill Waasser saufen, mee et kënnt net ëmmer oder ni an d'Kanalisation eran, an ob do net eng Méiglechkeet wier, an deem Kontext wéi s du Nic virdru soss mat der Quell, wou och dann eventuell kéinten d'Bauere vun der Quell profitéiere wéi d'Entrepreneuren? Ech denken, dass dat Waasser fir Béischten drénkbar wier, oder?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Remarquen, wat d'Ofwaasser ugeet? Dat ass net de Fall, da ginn ech d'Wuert weider un den Nic Krumlovsky.

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DIDDLENG): Fir op déi éischt Fro zeréckzekommen, wann de Waasserverbrauch an d'Luucht geet, dann ass et och esou, dass dat Waasser wat gezaapt gëtt, dat geet dann och an de Kanal. Dofir, wa méi gezaapt gëtt an et méi deier gëtt, da gëtt och, wann et an de Kanal ofleeft, dat gëtt och méi, dat ass d'Ursaach firwat mir dat och mussen erhéijen. Dann ass et esou, dass déi Partie fixe dat ass just mat dem Equivalent de temps moyen, wou déi gerechent ginn, dat huet näischt mam Debit ze dinn. Wat och wichteg ze wëssen ass, wat am Fong entre guillemets gratis ass, dat ass Reewaasser, dat gëtt vum Gesetz hir net betruecht, dat gëtt also awer duerch de Kanal ofgeleet, dat muss traitéiert ginn an et kënnt awer net an d'Rechnung well et net ze erfaassen ass.

Dann, fir op déi zweet Fro zeréckzekommen, et ass kee Problem, jiddereen, deen e Waasserfaass huet an dee sech wëll op déi Quell bedénge kommen, dee kann dat gär maachen, wuelwëssend, dass et keen Drénkwaasser ass. Wéi wäit elo d'Béischten dat verdroen, déi hu warscheinlech e bessere Mo wéi mir, mee do ass hinnen dat iwwerlooss.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Et kéint een Analyse maache fir ze kucken ob et méiglech wier. Et kann ee jo elo net einfach dohinner zape goen. Et muss een awer wëssen, dass ee keng Garantie huet, net dass op eemol am Park 2-3 Béischte mat de Féiss no uewen do leien, dat geet jo awer och net.

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DIDDLENG): Neen, et ass esou, dass déi Analysen, mir hu jo selwer fréier déi Quell exploitéiert oder d'ARBED, do si keng Schwéiermetaller dran, et ass och soss näischt dra wat schiedlech wier, ausser d'Bakteriologie, déi net an der Rei ass, beim Mënsch ass dat net erlaabt a bei den Déieren, do sinn ech elo iwwerfrot, dat weess ech net.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen, ech géif da proposéieren, dass mir iwwer déi Taxe hei ofstëmmen.

Wien ass domadder averstanen? Dat ass déi Gréng, LSAP an CSV, wien enthält sech? Dat sinn déi Lenk. Merci villmools och dem Nic Krumlovsky Merci fir seng Presenz an Erklärungen.

2.5. Geschäftslokal an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte 31-35

2.5.1. Approbatioun vum kommerzielle Mietvertrag mat der Kooperative "Maison du Peuple "

2.5.2. Approbatioun vum kommerzielle Souslocatiounsvertrag mat der Societét Album S.A.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mir op den nächste Punkt weidergoen, hei geet et ëm e Geschäftslokal op 31- 35 an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte, wou mir als Gemeng wëlle lounen a weiderverlounen, also Locatioun a Sous-locatioun, dat ass am Fong – fir et ze situéieren - dat Gebai, respektiv dat Geschäftslokal, dat direkt niewent dem OGBL ass, respektiv niewent dem klengen Bistro ass, fir et geographesch ze situéieren an et ass hei e Contrat de bail deen d'Stad Diddeleng mécht mat der Maison du peuple, hei vertrueden duerch den Här Réideng, de Président vum Verwaltungsrot vun der Maison du peuple.

Dat Geschäftslokal, wat mir hei ulounen, dat huet 320 Quadratmeter an e Stock vu 50 Quadratmeter. De Contrat de bail ass fir 9 Joer an dat ab dem 1. November 2021 an, wéi gesot, dat fir e Präis vun 2 200 Euro ttc, also e ganz korrekte Präis ënnert 8 Euro de Quadratmeter, wann ee jo weess, dass hei zu Diddeleng d'Präislag tëschent 18 a 25 Euro de Quadratmeter ass, mee déi heiten Approche ass och gaangen, well dat heite méi en aalt Lokal ass wou nach mussen Aarbechten dra gemaach ginn, mee ech géif soen, dass mir als Gemeng - fir mat der Finanzwelt ze vergläichen - den Triple A hunn als Locataire an d'Gemeng an deem Sënn e gudden Locataire ass an ee muss hei nach eng Avance vun 100 Euro à titre d'avances sur charges bezuelen. An am Contrat de bail steet, dass mir dat Gebai och kënne weiderverlounen also eng Sous-locatioun maachen an natierlech, dass mir och géint Risque locatif eis musse versécheren. Dann, wéi gesot, wëlle mir dat weider verlounen, dat heite schreift sech generell och vum Principe hir dran an, dass mir nei Commercen hei zu Diddeleng wëllen usidelen.

Location, Souslocatioun, ech mengen, dass dat heiten och e Projet ass, wou eise City manager an ech selber och scho säit annerhallwem Joer amgaang sinn ze kucken, dass mir och do déi Diversifikatioun vun eiser Geschäftswelt kënne weiderdreiwen an hei ass elo d'Konkretisatioun vun annerhallwem Joer, wou mir dru geschafft hunn, dass dësse Projet Realitéit ka ginn an dofir hu mir dann hei dee Contrat de sous-location, dee mir maachen als Stad Diddeleng, mat Album S.A. hei engersäits vertrueden an der Societét CV Invest S.A. duerch d'Madamm Wickler an dann och d'Madamm Hottua, déi am Fong dat heite sous-louéiert kréie fir déi selwecht Surface an effektiv mat der Ausrichtung, dass dann hei e Commerce gemaach gëtt den engersäits op eng Rei Aspekter fousst, sozial Aspekter, Ëmweltaspekter, Circularitéit och virun allem geet et hei ëm

déi Ausrichtung fir e Second Hand Kleederbuttek ze maachen an engem mëttel bis héijem Segment soll sinn, Männer wéi Fraen.

Et ass awer och deementspreechend hei vermëscht mat Bicher, also e bëssen a Richtung Concept Store awer och dat eent oder anert wat een do ka consomméieren, also eng Rei Aspekter, wou och Zesummenaarbecht soll bestoe mat der lokaler Geschäftswelt respektiv mat dem anere Geschäftsmann/Geschäftsfra, fir do och Synergien ze maachen an respektiv de Sozialen Aspekt, dass och soll an déi Richtung goe fir dass Leit, déi op der Sich no Aarbecht sinn oder eng Formatioun brauchen an dem dote Beräich, dass se och do ugestallt ginn, also dat ass eng Rei Elementer déi hei an Uklang kommen. Dee Contrat de bail soll fir 3 Joer mol hei lafen, dat vum 1. Dezember 2021 bis den 30 November 2024 awéi gesot, mir sinn hei elo net am Principe wou mir progressive Loyer maachen, mee an der Approche, dass mir de Loyer 1 zu 1 am Fong weider verrechnen.

Hei ass et natierlech dann och esou, dass wann iergendwellech Enseigné proposéiert ginn, dass dann natierlech och do d'Autorisatioun vun der Gemeng, dass mir do all Moment kënne kucken an och kontrolléieren, dat ass dat klasescht wat och hei stattfënnt, wat mir als Locataire eis kënne als Recht huele par rapport zum Souslocataire, ech mengen, dat ass dann och hei net anescht wéi mat deenen anere Gebailechkeeten, déi mir och weiderverlounen.

Dat doten ass e Geschäftslokal vun enger Gréisst, wou net oninteressant ass, 230 Quadratmeter, dat ass e Seltenheetswäert vun der Surface hier, dofir war et eis wichteg ufanks am Kader vun der Budgetsdebatt, grad wa mir esou grouss Surfacen ulounen, respektiv weiderverlounen, do kënne mir dann och ganz kloer steiere wat mir wëllen a wat mir net wëllen an dat heiten ass eng Surface, déi éischter e Seltenheetswäert huet hei an Diddeleng an dofir war et eis wichteg, säit enger Rei Méint, wou mir am Kontakt si mat der Maison du peuple, an déi hunn net gezéckt, eis dat dote weiderzeverlounen fir dass dësse Projet, wou mir schonn eng Zäitche amgaange si fir ze kucken, dass dann och deen Invest hei ka getäteg ginn, dass deen dann och hei Realitéit gëtt an dee kann och Realitéit ginn, wann de Gemeengerot hei gréng Luucht gëtt. Voilà dat zu den Erklärungen, d'Diskussioun ass op. Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci, dat heite wier bal eng Faute grave gewiescht wa mir dat net esou ugelount hätten, et ass excellent, dass mir dësse Wee ginn, dat hu mir schonn oft gesot, mir ënnerstëtzen och weiderhin déi Geschäfte, déi mir ulounen. Fir dat doten alles kënne ze ënnerstëtzen, wéi mir et maachen, et ass just dësse Wee, iwwer dee mir kënne fuere fir déi Geschäfte op Diddeleng ze kréien, fir dass mir net Geschäfte kréien, déi mir net wëllen hunn. Wat mir wëllen a wat net, dat ass e bëssen esou d'Perceptioun vun all Eenzelen, mee mir wëllen awer zu Diddeleng a Richtung goe vun naturbewosst, Reuse, Second Hand, dat sinn alles Saachen, déi mir an der Vergaangenheet scho gesot hunn, och Saachen, déi ech déi lescht Kéier schonn am Budget gesot hat, do hat ech och proposéiert fir e Second Hand ze maachewou Leit kënne schaffen, déi

eppes wëlle renovéieren, esou wéi den Occasionsbuttek, deen um Belval grouss opgaangen ass, do wou ee Saache ka kafe goen, déi renovéiert gi sinn, déi restauréiert goufen, dat geet e bëssen an déi Richtung mat Kleeder, wann ech dat richteg verstinn, och mat anere Produiten, déi da kënnen dra kommen, dat ass absolut vun eiser Säit mat ze ënnerstëtzen. Hoffe mir, dass et klappt.

Eppes wat ech scho gesot hat a wat ech ëmmer erëm wäert soen, et dierf net schlecht opgeholl ginn, dat ass, mir musse kucken, dass mir och Leit hunn, déi konsuméieren. Wann s de nämlech Produite verkeefs, déi laang halen an déi restauréiert gi sinn, vun enger gudder Qualitéit, ma da muss ee méi Leit hunn, déi dat kënnen kafen, well wann s de e puer Strëmp keefs, déi wou s de all 6 Méint muss wiesselen, da muss de méi oft deng Strëmp kafen, wann s de awer Strëmp keefs, déi wou 2 Joer halen, da géifs de méi oft.. an et ass dat wat ech déi lescht Kéier wollt soen. Mir musse kucken, dass mir méi Geschäfte op Diddeleng kréien, awer och, dass mir wéi virdru gesot, dass mir den Tourismus fërderen, dass mir vill Leit kréien, déi dann och déi Produiten do konsuméieren, well just esou behale mir déi Geschäfte, well soss kréie mir Schwieregkeeten. Also, wéi gesot, mir si ganz hannendrun, mee et ass e bëssen eist Gedankespill hannendrun, dass mir vill Leit hunn, déi dat doten och kënnen konsuméieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Martini, mir féiere keng Diskussioun iwwer Strëmp, déi een all 6 Méint wiesselt oder net well da kann een d'Fro stellen iwwer d'Qualitéit an dat ass och e wichtege Kritär: Ceci dit, mir verstinn eis, villmools Merci fir déi doten Zoustëmmung, sinn nach weider Froen? Madamm Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter, mir stëmmen dat och mat well mir wëllen och, dass esou mann wéi méiglech Leerstand ass an der Niddeschgaass an, dass eise Zentrum e liewegen Zentrum ass an, bon, et ass eng grouss Verkafsfläch, et ass och e ganz korrekte Präis, dat soll fonctionéieren ewéi e Concept Store, dat heescht, mir lounen et an da verloune mir et an eise Souslocataire kann dann och nach eemol verlounen, da si mir erëm an der Sous-Souslocatioun wa mir dat richteg verstanen hunn. Mir hate jo schon esou änlech déi Concept Stores, de Cube, do waren och Büroen dra komm, also éischter no hannen, dat ware Büroen, mee hei wäert dat jo net esou sinn, wann ech dat elo richteg verstanen hunn, et war e bësse vague, déi ganz Beschreiwung. Circular Economie, Ecological, dat gefällt eis ganz gutt, Social och, Human och, wat elo do genau dra kënnt, hu mir nach ëmmer net richteg verstanen. Second Hand, dat heescht, kënnen dann och elo Leit Kleeder dohinner bréngen an da gëtt dat weiderverkaf, esou wéi dat do soll fonctionéieren, wier et interessant gewiescht, e bësse méi Informatiounen do ze kréien. Dann hu mir eis och gefrot, wie war den Demandeur? Also, d'Madamm Wickler an d'Madamm Hottua, si sinn op Diddeleng komm fir hei e Geschäft opzemaachen? Mee ech mengen, den Här Buergermeeschter huet elo gesot, Dir waart si siche mam City manager an esou ass eis Fro och do beäntwert, Voilà, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci, léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, ech si frou, dass dat heiten och nees allgemeng op Akzeptanz stéisst, dee Schratt, dee mir hei wëlle maachen, an et ass wéi schon uklängt, wier et en No go gewiescht wa mir e Lokal, wat mir zu ënner 7 Euro de Quadratmeter kënnen lounen fir et och nach iergendwou ze steieren, well mir jo och probéieren, eise Commerce am A ze halen. Wat feelt eis, wat beräichert eis, mir sinn och säit enger Zäit op der nohalteger Schinn a wien dat Konzept vun Album SA gelies huet, dee gesäit, dass dat wierklech op der nohalteger Schinn sech baséiert an ech mengen, mir kënnen dat als LSAP nëmmen ënnerstëtzen. Wann een elo och nach bedenkt, dass dat Lokal eng gutt Zäit zou war an eis wierklech gefeelt huet a mir hei d'Hand drop kruten, dann evitéiert dat eis och, op anere Plazen, wou mir d'Hand net drop kréien, wou sech dann, wéi mir elo an de leschte Méint gemierkt hunn, Dokterer nidderloossen, hei riskéiert een, dass op eemol eng Immobilière 320 Quadratmeter, wéi soll ech soen, blockéiert, oder en Architektbüro, an zum anere gi mir hin, dass mir Start-upen oder Pop-upen hei eng Chance ginn a fir dass déi längerfristeg kënnen eppes opbauen a steieren, wou mir staark Geschäfte hikeréien, déi Leit an Diddeleng zéien, domadder stärke mir och déi jonk Geschäftsleit, déi am Opbau sinn an ech mengen, an deem Fall ass et eis gelonge fir e staarke Geschäftspartner op eis Säit ze kréien an dofir ënnerstëtze mir dat als LSAP zu honnert Prozent. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Clement.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, wéi gesot, dass mir alleguerten et net flott fanne wann en Geschäft eidel steet, dat ass eis kloer. Ech war och erstaunt, dass den Här Clement gesot huet, hien hätt d'Konzept vun ALBUM S.A. gesinn, mir hunn et net gesinn, et wier nawell flott wa mir och d'Konzept vun der Enseigne virgestallt kritt hätten, dann hätt een sech e bësse kënnen eppes virstellen. Villäicht kënnt Dir eis dat nach zoukomme loossen, wann Dir dat hutt oder den Här Clement villäicht huet hien dat och, da kann hien eis dat zoukomme loossen. Mee wat ech awer, a firwat ech awer hei nach eemol de Fanger ausgestreckt hunn, wou mir müssen oppassen, dat ass, dass mir mat eiser Iddi vun de Geschäfte, dass mir trotzdeem de besteeënde Geschäfte kee schlechten Déngscht leeschten.

Ech erkläre mech, ech krut zougedroen, wann elo zum Beispill e Bail vun engem Geschäft ofleeft, wou een 20 Joer schon dran ass, wou de Loyer manner héich war wéi dat wat mir elo froen, dann ass och de Risiko do, dass da villäicht de Propriétaire seet, oh dann erhéijen ech de Loyer, villäicht ass dat fir de Geschäftsmann da schwéier ze droen, net, dass deen da seet, majo, da ginn ech bei d'Gemeng an ech ginn deenen dat well do mussen mir oppassen, dat ass eng Gratwanderung, déi mir musse maachen an effektiv do müssen oppassen, net dass mir eis al agesiesse Geschäfte, déi elo do sinn an déi e Bail vun esouvill Joer zeréckgeluecht hunn, also déi scho laang e Bail hunn, dee leeft, a wou de Loyer

fix ass, net dass mir deenen e schlechten Déngscht leeschten, dat war just dat wat ech wollt mat op de Wee ginn, wou mir müssen oppassen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Ech muss mech korrigéieren, ech hunn net vun iergendengem e Konzept kritt, ech hunn eben am Contrat de bail dat nogekuckt an do sinn ech dorobber gestouss wat fir Iddien do sinn, ech hu mech domadder selwer e bëssen ausernee gesat, gell. Well ech hunn näischt vum Buergermeeschter oder vum City manager kritt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villäicht wëll den Här Clement dat mat lech deelen. Oder wann d'Ouverture ass, da kommt Dir dohinner an da gesitt Dir et.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, ech gesinn, mir müssen dann alleguerten nach vum Här Clement léieren, well ech hunn och näischt fonnt, mee dat gi mir jo da gewuer. Also, heibäi handelt et sech ëm e grousst Lokal an am Allgemenge kann een sech froen ob et wierklech der Gemeng hir Missioun ass, de Propriétaires hir Geschäfte ze verlounen. Et ass natierlech hei e bëssen anescht wat de Propriétaire ugeet an och de Präis ass ganz korrekt an am Allgemenge begréisst mir trotzdeem, dass de Schäfferot vill ënnerhëlt fir d'Diddelenger Geschäftswelt ze beliewen an attraktiv ze maachen. Et ass esou e kleng Bemol, wou een sech freet, wou gi mir hin, wann herno alles, et ass e bëssen dat wat och Madamm Kayser gesot huet, einfach fir dat am Kapp ze behalen. Mir wieren natierlech frou, déi Lenk, wann sech esou aktiv an äifreg géif fir de soziale Wunnensbau agesat ginn, just als Klammer.

Da wëll ech awer ganz speziell agoen op de Contrat de bail. Ech net direkt fonnt, em wat et genee geet, dat klenkt awer interessant, dat Konzept do, ech hunn net alles verstanen an et wier flott wa mir méi Detailer hätten. Da géif ech awer gär wëssen, wéi eng Kritären eigentlech gesat gi sinn, wa gekuckt gëtt wien an e Geschäft gesat gëtt a mat wien e Contrat de bail gemaach gëtt. Dat ass guttzeheeschen, wann ee seet d'Gemeng ënnerstëtzt jonk Createuren, Startups, fir sech op d'Been ze setzen, natierlech mam Konzept hannendrun, an da gläichzäiteg nei flott an interessant Geschäfte op Diddeleng ze bréngen. Ech muss awer soen, an dësem Fall trifft dee Kritär zumindest net zou, wann deen sech gesat ginn ass, op d'mannst een Administrateur vun der Société Album S.A., d'Madamm Wickler ass elo keng Ufängerin, hir gehéiert e ganze Centre commercial, an do si mir eigentlech der Meinung, dass et net d'Missioun vun der Gemeng ass fir esou gestane Geschäftsleit ze ënnerstëtzen. Aus deem Grond wäerte mir eis Zoustëmmung net gi fir dee Contrat de bail. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da géif ech op déi verschidde Punkten agoen. Mir hunn eraushéieren, dass och mat verschidden Nuancen d'Gemeng awer generell ënnerstëtzt gëtt an hire Be-

striedunge fir Geschäftslokaler unzelounen, respektiv weiderzeverlounen. D'Zil ass fir eis Geschäftswelt als Stad Diddeleng weider ze stäerken an och an der Stärkung éischstens eng Diversifikatioun vun Offere mat eranzekréien, respektiv awer och verschidde Profiller an Type vu Geschäftsleit ze hunn, och an der aktiver Demarche, déi mir maachen.

Par rapport zu der Madamm Heinen, hei gouf et eng kloer aktiv Demarche virun annerhallwem Joer, wou Gemeng, Buergermeeschter a City manager mam Chef vum Geschäftsverband eng Demarche gemaach hunn, fir unzeklappe bei der Madamm Wickler fir nozefroen, well et awer eng Persoun ass, déi e Geschäftsmodell huet, deen awer, mengen ech, seng Friichte gedroen huet a gutt implantéiert ass an dat ass d'Äntwert op d'Madamm Erpelding, net nëmmen ze kucken, dass ee Jonken d'Méiglechkeet gëtt, sech niderzeloossen, wéi mir et maache mat engem progressive Loyer, mee och eemol Leit sichenzegoen, déi ganz staark a fest Assisen hunn an déi och schonn e gewëssen ekonomesche Succès hei zu Lëtzebuerg hunn a wann déi sech zu Diddeleng etabléieren, dann ass dat jo och e positivist Zeechen, dat weist jo och, dass fir een, dee potentiell steet fir e Geschäftsmodell, dee seng Preuvë gewisen huet an deene leschte Joren, och bereet ass, vun enger méi grousser Fläch déi en effektiv huet, och an e méi kleng Modell ze investéieren, wou manner Quadratmeter ass a mat der néideger Erfahrung hei mat erabrénge, och do ass eng Mixitéit ganz wichteg an dat setze mir och heimadder ganz kloer ëm an, wéi gesot, d'Konzept ass, ech hu probéiert et ze erklären, e Segment mat eranzebringen am Second Hand, Kleeder vu mëttel bis méi héich Gamme am Second Hand an dat verbonne mat sozialen Aspekter an och Ëmweltaspekter.

Wat ech virun net gesot hunn, wat awer och net onwichtig ass, well dat awer eng Persoun ass déi hei de Betrib wäert leeden, Madamm Hottua och decidéiert huet aus hirem Beruff erauszeklamme fir sech dorobber ze konzentréieren. Dat heescht, wann een eng komfortabel Situatioun huet mat engem Salaire wou en dat opgëtt fir sech hei als Independant anzebréngen, och dat ass am Volet 'Trau dech' net oninteressant, wann een dat wëll maachen. Par rapport och zu deem wat d'Madamm Kayser, den Här Clement an och d'Madamm Erpelding ugedeit hunn, ech mengen, dass et wichteg ass, dass déi ëffentlech Hand hei en aktive Rôle hëlt an dat hu mir gemaach. Ech sinn awer och absolut ganz Ärer Meinung, dass déi ëffentlech Hand net soll, net dierf an net kann alles maachen, et ginn och Limiten.

Och an eiser Geschäftswelt an dat ass e generelle Message, musse mir och der Privathand en Deel iwwerloosen. Mir wëssen natierlech, wann een der Privathand en Deel iwwerléisst, da kommen och Situatiounen, déi mir net gären hunn, dat kënne mir hei esou soen, ouni dass dat elo pejorativ ass, mee an enger Agence immobilière déi net de Flux generéiert oder déi Attraktivitéit bréngt oder eng aner Aktivitéit, dass dann do Privathand sech eens ginn, dat ass dat eent, hei kënne mir effektiv en Afloss hunn an natierlech mengen ech, dass e gewëssen Equilibre brauch do wou déi ëffentlech Hand agräift an do wou déi ëffentlech Hand net agräift an ech sinn der Meinung, dass mir als Gemeng net kënnen all eidel-

stoend Geschäftslokaler weider verlounen, ech mengen, dass een do en Equilibre huet dat ass richtig mee et dierf net ausarten an déi aner Richtung, och déi Privathand muss hei eng gewësse Fräiheet hunn an eng gewësse Responsabilitéit mat hunn, well mir kënnen als Gemeng dat net fir jiddereen an och net aleng maachen.

Déi Suerg deele mir allegueren hei an awer ass et wichteg, dass wa mir hei en aktive Rôle iwwerhuelen, dass mir eng Diversifikatioun an der Offer matbréngen, dofir kënnen mir dat jo steieren, wat mir wëllen a wat mir net wëllen, an et ass ëmmer gutt wann een e Mix huet tëschent Jonker, déi sech engagéieren, déi nach net déi Sécuritéit hunn, wat hiert Konzept ugeet, wou se dat probéieren a wou se net déi finanziell Ressourcen hunn avilläicht nach net an der Situatioun sinn, wou se kënnen Garantië ginn, dass mir do als Gemeng asprangen an op der anerer Säit awer Leit hunn an dat schwätzt fir d'Stad Diddeleng wa Leit, déi awer e gewësse Bagage hunn, decidéieren sech hei zu Diddeleng nidder ze loos- sen an och hei eppes ze woen, dat schwätzt och fir Diddeleng an dofir ass et wichteg, do eng Balance ze behalen.

Ech mengen, ech hätt probéiert, op déi verschidde Punkten anzegoen, ech géif also elo froen, wien ass mam Contrat de bail mat der Maison du peuple averstanen? **Dat ass unanime.**

Wien ass mam Contrat de sous-location mat der Sociéitét Album SA averstanen? Déi Gréng, LSAP, CSV. Wien enthält sech? Dat sinn déi Lénk.

Merci villmools, an dann, wéi gesot, mir kënnen lech déi eng oder aner Informatioun noliwweren a bei hinnen nofroen, respektiv wann d'Ouverture ass, da kritt Dir d'Invitatioun gär fir derbäi kënnen ze sinn.

2.6. Approbatioun vum Devis fir d'Instandsetzung vum lessraum an de Sanitäranlagen am Gebai "Niewegebai vum Spidol" (Mehrzweckteam).

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir op deen nächste Punkt iwwer an dat ass den Devis estimatif fir d'Annex beim Spidol fir dat Gebai frëschzemaachen, dat ass 182 000 Euro an am Fong, dat maache mir well mir do en Deel vun eise Leit déi notzen dat Gebai, dat wëlle mir einfach frësch maachen dat ass fir eng gutt Dose Leit dat si Leit aus eisem Espace Vert dat ass eng Ekip vum Revis, déi do deelweis jo och dee Quartier botzen an awer och d'Gäert ënnerhalen, d'Zär ënnerhalen, an d'Iddi ass hei fir en Refectoire ze maachewou eng Toilette ka kommen dat heescht sanitär Saachen, respektiv e Raum, wou se sech kënnen ee Moment dann och nidderloossen, fir eppes ze iessen, fir also dat Gebai einfach anstänneg ze amenagéieren. Dofir 182 000 Euro fir Sanitaire, Chauffage an, wéi gesot, e bësse Mobilier an en Dësch mat Still, wou se kënnen setzen. D'Diskussioun ass op. Madamm Erpelding.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo ech hu just eng Fro, ech war eemol ronderëm trëppelen, ech weess net genau wéi ee Gebai et ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et ass hanner dem Spidol, lénker Hand. Et gouf fréier de Schwäistall genannt.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, d'Lokalitéit vun där mir hei schwätzen, gëtt nach ëmmer de Schwäistall genannt, dat war en Numm, dee vun do hir kënnt, dass d'Spidol Diddeleng do fréier op där Plaz Schwäi gehalten huet, wéi et üblech war, déi da Kichenoffall an Offall aus dem Gaart ze friesse kruten. 1997 huet de Claude Zieger, deen d'Equipe polyvalente, -fréier Ekip RMG genannt – ab 1995 geleet huet, den deemolegen Direkter vum Spidol, de Lucien Sturm drëm gebieden, de Schwäistall, dee béis verfall war an eigentlech sollt ofgerappt ginn, nees opzebauen. No laangem hin an hir huet de Lucien Sturm schlussendlech seng Awëlleegung ginn a vu dass de Claude deemools handwierklech begaabt Leit an der Ekip hat, hunn si aus dem Schwäistall dat gemaach wat elo do steet, dat heescht en einfachen Openthaltsraum fir d'Equipe polyvalente.

De Claude hat och zum Schluss e Baueremuseum draus gemaach, well hie bei verschidde Plänneraktiounen flott a selte Stécker do mat hiegeholl huet. En huet déi och elo mat an d'Pensioun geholl. Dës Lokalitéit gëtt elo ganz iwwerholl an dës hu mir gesinn, fir e ganz beachtliche Montant vun 182 000 Euro. De Grond dofir ass, den Här Buergermeeschter huet et gesot, d'Zuel vun de Leit, déi dës Raimlechkeete notzen, déi ass nees gewuess.

Op där enger Säit hu mir 6 Leit aus der Equipe polyvalente, déi sech ëm den Entretien bekëmmern ronderëm d'Spidol an op där anerer Säit sinn duerch de Bau vun der Zär d'lescht Joer eng vun eise Gäertnerinnen responsabel fir 4- 5 Dammen, déi an enger Mesure sociale sinn, bäikomm. En plus komme méi oft Leit aus der Gäertnerei hir Mëttespaus heihinner halen, wann se an der Géigend schaffen.

Wann een d'Analys vun den eenzele Poste mécht, da stieche Saache wéi Sanitär, Chauffage, Elektrizitéit an Ustrach an den Daach an d'A, dat si gréisser Montanten, déi ze erkläre sinn doduerch, dass zum Beispill d'Heizung ganz ersat gëtt, grad wéi de Sanitaire, dee ganz frëschgemaach gëtt. Am Moment ass och just eng Toilettekabinn do an de Moment ass e separaten Toiletteraum fir Männer a Frae gemaach ginn an en plus ass eng Behënnertentoilette mat Noutrouff virgesinn. Dës Behënnertentoilette ass awer an eischer Linn net fir déi Leit, déi do schaffen, mee fir déi eeler Patienten aus dem Spidol, wéi och déi aus dem Haus vun der ALA, déi spadséiere gefouert ginn an déi dann net brauche séier zeréck an déi Haiser gedréckt ze ginn.

Och eng nei Kiche gëtt agebaut vu dass eis Leit hir Mëttespaus och hei kënnen maachen an sech hiert lesse virbereeden. Fënsteren an Diere ginn ersat. Wéi mir da wëssen, ass Aluminium wéi allegueren eis Rohstoff 30% méi deier ginn, wéi virun engem Joer. Den Ustrach ass am Devis dra fir de Moment, deemno wéi, wäert dës vun eisem Usträicher-Service gemaach ginn. An eisen Aen ass dat e gudden an néidege Projet a mir stëmmen natierlech dësen Devis estimatif mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, also ech weess wou d'Gebai ass an ech hätt e kleng Wonsch, do hänkt nämlech esou e schéint Schélt drun, Schwäistall, dass dat kann hänke bleiwen, well ech fannen dat wierklech flott, vir dat Schélt. Ech wollt awer och nach soen, do ass jo dann d'Spidol a fir d'Madamm Dall'Agnol, beim Spidol do sinn nach keng Vélosstänneren, dat ass mir opgefall an déi Plaz wou de Schwäistall ass, ech fannen dat mat de Gäert ronderëm a mat de Schof eng ganz idyllesch Plaz an ech fannen et schued, dass déi Leit do am Spidol net richteg do kënne spadséiere goen an ech géif et flott fannen, wann een dat als Recreation fir déi Leit, déi am Spidol sinn, kéint amenagéieren. Dat war e Gedanken, dee mir komm ass, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Suggestioun, déi géife mir mat ophuelen. Soss weider Froen? Dat ass net de Fall, da géif ech proposéieren, dass mir dësen Devis stëmmen, wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.**

Da soen ech villmools Merci an da gi mir op den nächste Punkt iwwer, dat ass en Devis fir de Wifi an do geet d'Wuert un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries Di Bartolomeo Ries.

2.7. Approbatioun vum Devis fir d'Installatioun vun der Communication sans fil (Wifi) a Multimedia an de Schoule a Maison Relais.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Merci, den Devis den Dir hei virleien hutt ech hat virdru beim Budget schonn driwwer geschwat, mir hunn elo iwwer Jore probéiert, Installatiounen an de Schoulen gemaach, Wifi ass hei ëmmer mol hei am Gebai an dann do erëm en Deel an an an. Mir sinn elo mat EducDesign amgaang, déi Miessungen ze maachen, wéi vill Antenne gebraucht ginn an de Gebai. De Joël Freitas huet dovunner eng ganz Bestandsopnam gemaach, wou si mir drun, wat felt eis. Just fir e puer Chifferen ze nennen, hei am Devis, ech hunn den Detail kritt, déi Héichrechnung, do sinn 99 Antennen dran, 77 Tëleëen an interaktiv Tafelen och zum Deel an iwwer 700 verschidde Preisen, déi musse gesat gi fir all eis Gebaier wierklech an en Zoustand ze kréien, dass et do gutt fonctionéiert. Mir wëllen do iwwer eng Soumissioun maachen, wat normal ass, dann huet een déi Chifferen an da muss een net ëmmer soen, OK, elo maache mir dat Gebai, mee da gëtt do eng Soumissioun gemaach an da wäerte mir déi néideg Installatiounen hunn an dat fannen ech immens wichteg, well wéi gesot, mir ginn ëmmer méi an de System era fir dat vill informatesch Installatiounen an eis Schoule kommen, dat kënnt de Kanner zegutt, dat ass alles wat ech zu deem Devis ze soen hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dofir.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, mir hate schonn, also all Joer bei den Diskussiounen vun den Investor an de Schoulen hunn ech ëmmer gesot, wéi ass et mam Reseau an hei an do

an d'Reklamatiounen vu verschiddenen Enseignanten, déi ware jo effektiv och ëmmer méi pertinent ginn a virun allem d'lescht Joer, wou mir vill op den Homeschooling eriwuer gaange sinn, huet ee wierklech gesinn, dass et wichteg ass, dass mir dat maachen.

"Besser spät als nie", et hätt een et och kënne éischter maachen, mee bon, et si vill al Gebaier wou d'Maueren déck sinn, wou effektiv och de Wifi Reseau net gutt ass dann ass et esou, dass bei den Antenne verschidde Qualitéiten dobäi sinn, dofir ass et gutt an ech hat mech och beim Léierpersonal renseignéiert, si soten och d'Presidente si mat abezu ginn an d'Diskussiounen, wat ganz gutt ass a virun allem mat EducDesign hu mir e Partner, dee wierklech esou topp weess, wat genau wou gebraucht gëtt an deen sech och auskennt wa Soumissiounen mat erakommen, dass mir och mat hinne eemol Dossieren duerchkucken an och dee Beschte fannen, well et ass effektiv och wéi Dir sot, mam Ënnerhalt, dat ass net eemol gemaach an, dann ass et gutt, well eise Service informatique ass total iwwerlaascht a wéi soen si ëmmer hei am Service Informatique, déi éischt, déi moies uruffen, dat sinn d'Schoulmeeschteren, wann eppes net geet, dofir ass et gutt wa mir do och e Contrat de maintenance maachen an och do villäicht eng Disponibilitéit an de Kontrakt dramaachen, well dat hunn ech schonn héiere vun anere Gemengen, dass dat net alles ëmmer esou schéin a gutt ass, mee da sinn dat outgesourcte Mataarbechter an da muss awer de Gemengeservice asprangen, do muss een da kucken, dass een dat och gutt ficeléiert, sech dann ëmfreet, déi Firmaen, déi sech melle fir bei der Soumissioun, wéi zouverlässeg dass déi och sinn, fir duerno den Entretien ze maachen.

Meng Fro ass also, mir hate rieds mat den Tëleëen, interaktiv Tafelen, dat ass virdrun ugeklonge ginn an de Presentatiounen vum Budget, dass effektiv am Cicle 4 geduecht ass fir mat interaktiven Tafelen ze schaffen. Ech denken och, eist Schoulpersonal ass ëmmer méi op de Wee gaange fir sech ze forméieren, well et geet net duer, eng interaktiv Tafel ze hunn, du muss och kënne domadder schaffen an eens ginn, du muss kënne déi Programmer, déi ugebuede ginn, notze fir de Kanner eppes bäizebréngen, et geet net duer, e Screenshot ze maachen an dann ze presentéieren, mee dat ass eppes wat wichteg ass, och fir de Kanner herno an hirer spéiderer Lycéescarrière, do brauchen se dat och, dass se musse mat den neie Medie bewusst an awer och gutt kënne ëmgoen. Meng Fro ass: Wat ass elo bei de Maison Relais, do sinn och e puer Gebaier dran opgezielt, wat ass do ugeduecht? Geet et do haaptsächlech ëm Wifi Installatiounen oder ginn do och Tëleëen ageriicht? D'Fro ass: Wéi geréiere mir do dat an der Fräizäit, mir soen ëmmer d'Kanner sollen net ze vill virum Ecran stoen, wéi ass dat ugeduecht?

Dann nach eng aner praktesch Fro: Wéi ass et mam Léierpersonal, et war am Ufank e Problem bei dem Homeschooling, dass hir eege privat Laptoppen net esou kompatibel ware mat verschiddene Reseauen, do huet et geheescht, dat ass eng Saach vun der Sécherheet hei an do, aner Schoulen, do kritt d'Léierpersonal e Laptop vun der Schoul gestallt, deen se och kënne mat heem huelen, deen dann och méi mobil ass. Hu mir

dee Problem geléist? Well dat war och eng Doleance vu vill Léierpersonal, dass et geheescht huet, du muss an d'Schoul kommen, du kanns net vun doheem aus schaffen, well den Intranet oder de Réseau vun de Schoule kéint soss Faillë kréien, dofir war eng grouss Demande, dass dat och soll gekläert ginn. Do wollt ech nofroen ob mir do op dem richtige Wee sinn, fir dat ze klären? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser, weider Stellungnamen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt just kuerz soen, déi Gréng stëmmen dat mat, dat ass de richtige Wee, ech selwer schaffe jo och an der Schoul an ech mierken och e risegen Ënnerscheid wann een, d'lescht Joer hunn ech an enger neier Schoul geschafft wou ganz ekipéiert ass an dëst Joer sinn ech erëm an enger Schoul, wou näischt ass, also dat ass dee Wee, deen een haut muss goen an d'Madamm Kayser huet de Rescht scho gesot. Also, mir stëmmen dat mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Heinen.

BOB CLAUDE (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, zanter Joren huet d'Gemeng Diddeleng dofir gesuergt, de Schoukanner mat hirem Léierpersonal den Zougang zum Internet ze erméiglechen. An éischter kleng Schrëtt ass d'Installatioun vum Wifi Réseau averschiede Schoule mat mobilen a mat fixen Antenne realiséiert ginn. Sait der Pandemie ass een sech mat der Aféierung vum Homeschooling der Wichtigkeet an der Noutwendegkeet vun der Digitaliséierung am schoulesche Beräich ëmmer méi bewosst ginn. Eng logesch Konsequenz ass, datt an den nächsten zwéi Joer de Wifi Réseau an de Schoulen a Maison Relais ausgebaut gëtt. Esou hu mir en Devis estimatif vu 550 000 Euro virleien, dovunner sinn am Budget 2022 250 000 Euro ageschriwven. Domadder soll d'Installatioun vum Wifi a Multimedia, dat heescht Tëleen an interaktiv Tafelen an de Maison Relais, Schwämm, Waldschoul, Strutzbiërg, Gaffelt, Deich an Italien souwéi an de Schoulen Italien, Wolkeschdall, Deich, Baltzeng, Gaffelt, Strutzbiërg A a Strutzbiërg B erfollegen. Mat dësem héije Montant wäert den definitive Schratt an déi net méi ze ëmgohend Moderniséierung vun eisen Diddelenger Schoulen a Maison Relais gemaach sinn. D'LSAP wäert dësen Devis approvëieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Claude an da ginn ech d'Wuert weider un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Merci, ech menge mir sinn eis eens, dass dat eppes ass wat mir musse maachen, et ass vill hei ugeklungen, effektiv bis virun der Pandemie huet en dann ëmmer nëmmen esou gepléischtert elo ass dat awer méi konkret, wat awer ass an dat huet och bëssen dozou bäi gedroen, net jidderee schafft mat den Installatiounen, déi mir maachen, dat ass eng Entwécklung bei eise Léierpersonal, bei eise Maison Relais, si mussen och domadder schaffen. Dat ass och e Schratt, wou sech d'Leit e bësse méi schwéier dinn. Dofir huet d'Direktioun och eng Per-

soun agestellt, also deen ass bei hinnen, deen och ëmmer, wann se eppes froen, mol hannerfreet wat maacht Dir da mat de Saachen, déi do installéiert ginn? Well d'Gemeng bezitt ëmmer, a mir wëssen och net, setzen se et wierklech am Alldag esou ëm dofir fannen ech dat och wichteg.

Ech wëll och soen déi Diskussioun mat Laptoppen am Réseau, dat geet jo net, et si wéineg Gemengen déi Education.lu an hir Réseauen huelen. Do si mir amgaangen a mir fannen do och eng Léisung, mir hunn e Comité wou d'Direktioun dran ass, eis Leit vun der Informatik, EducDesign a jeeweils déi zoustänneg Leit vun dem Gebai wou mir da grad sinn do hu mir e Comité de pilotage mir si sur place, mir kucke wat ass méiglech an EducDesign, déi beroden eis gutt, dat muss ech soen, well effektiv eis Informatiker, déi sinn um Enn ukomm well Schoule plus d'Gemeng wou ëmmer méi Personal kënnt, dat ass net méi ze maachen dofir huele mir dann EducDesign mat. Maison Relais firwat brauchen déi Tëlee mat dat eicht Beispill ass Elterecafé, Medieraum all déi non-formal Raim, wou een och eng Tëlee brauch, do sollen der och kommen an och fir déi ass et wichteg, dass si mol, wann se d'Saache gesinn, wann d'Eltere kommen an si hunn eng Presentatioun vun der Lenkeschléi do ass d'Maison Relais vill agebonnen an och si si kréien elo net jiddereen an de Büro. Also et ass schonn hannerfrot firwat awou. Interaktiv Tafelen do hu mir gesinn, C4 wäert sech an de nächste Jore weiterentwéckelen et wier gutt wa jiddwereen eppes huet, dat fannen ech ewichtige Message an dat hei geet séier.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Josiane Di Bartolomeo-Ries och fir déi doten Erklärungen. Ass de Gemengerot mat dem Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2.8. Approbatioun vum Devis fir d'Sécherheetsmesuren, verschidden Uschlëss a Balustraden an der Anlag NeiSchmelz

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mir op den nächste Punkt iwwergoen, hei hu mir en Devis estimatif virleie vun 350 000 Euro an et geet ëm de Site NeiSchmelz, awer och ëm d'Kulturhaaptstad 2022. Ech begrëissen an eiser Ronn eisen zoustännegen Techniker, den Ivica Repusic, deen sech ëm de Projet och bekëmmert, respektiv hei aner Projeten, déi am Ordre du jour stinn, ronderëm NeiSchmelz, hei geet et drëm, ech probéieren dat esou gutt wéi méiglech ze erklären an Dir hutt jo och déi Dokumenter dobäi gehat an ärem Dossier.

Et sinn e puer Elementer, engersäits geet et drëms, déi Plaz, déi tëschent dem Vestiaire Wagonage ass, wou mir de Moment déi Renovatiounsarbecht maachen, déi Plaz méi oppe kënnen ze maachen, engersäits ze securiséieren, déi zwéi Gebaier, respektiv awer och kënnen déi Plaz méi oppen ze maachen an dann och do Garde-corps kënnen ze installéieren, well de Moment jo déi zwou Gebaiecheete komplett zou sinn duerch e Grillage an am Kader vun den Aarbechten, déi do stattfannen, respektiv am Kader vun 2022, wou déi zwou Gebaiecheete genotzt ginn ass einfach d'Iddi, dee Site

do méi opzemaachen, fir dass den Espace an dem een sech do befénnt an den zwee Gebaier, dass dee méi breet ka genotzt ginn. Dofir, mengen ech, musse mir déi Grillagen anescht verleeën an dann och Garde-corpsen do maachen. Dat ass den éischten Deel a mir wëllen awer och d'Geleeënheet notze fir dann awer och den Eclairage public vum Parking Centre culturel Richtung Vestiaire Wagonage auszebesseren, well wann deen och méi genotzt gëtt, dass deen dann awer och e besseren Eclairage public kritt, wéi dat de Moment de Fall ass, well dat och méi Fluxe wäert generéieren.

Dir wësst, do wou de Floater hikënnt, do gëtt et de Moment just een Accès an deen Accès fir an de Waassertuerm, mir mussen hei e separaten zweeten Accès maache fir och an de Floater eran. Dat muss deelweis och securiséiert an ofgetrennt sinn, dee Passage, an dofir ass et wichteg, dass mir eis do déi néideg Kredit-ter gi fir engersäits deen Deel, wou de Parking ass, hannert dem Centre culturel, deen Deel ofzeséchere par rapport zum Floater, respektiv um Terrain selwer, wou de Floater ass an awer och eng zweet Entrée ze maache fir an de Floater en tant que tel, well dat jo awer separat gemaach gëtt, dee gëtt jo da vum CNA geréiert fir an de Waassertuerm an dat anert gëtt geréiert vum Exploitant, respektiv vum Floater, deen am Kader vum Minett Trail all déi Schlofgeleeënheete wäert generéieren, dofir muss een dat separat maachen an dat och geréieren, fir dass ee vum Floater eriwwekënnt op d'Passerell fir an de Waassertuerm, well dat - mengen ech - och zousätzlech Risike kéint biergen, wou mir net Propriétaire si vun der Passerell a vum Waassertuerm.

Dofir ass et néideg, sech déi Kreditter ze gi fir déi Aarbecht kennen ze maachen a fir dat och ze securiséieren. Dat ass dat wat hei gemaach gouf, ech géif nach d'Wuert un den Ivica weidergi falls ech eppes vergiess hätt.

IVICA REPUSIC (TECHNIKER VUN DER GEMENG): Am Prinzip ass alles gesot, ech mengen, de Problem, deen ass esou, wéi ech alles gesinn hunn ass de Kredit néideg och an där Héicht well wann een do uewe schafft, da mierkt een direkt esoubal een nëmmen e bësse kraze geet, dass et ëmmer méi wäit geet an dat ass eng Diskussioun, déi mir och haten, iwwer déi Héicht vum Kredit, mee et ass esou, dass dat duergeet, mengen ech.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ok Merci, d'Diskussioun ass op, falls Froe sinn.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir déi Erklärungen, ech hunn net verstanen, also wann et ëm Sécherheet geet, dann ass et keng Fro, dass dat muss gemaach ginn. Dat heescht, sinn dat definitiv Saachen, déi installéiert ginn oder sinn déi Saache provisoersch a ginn duerno erëm ewech? Wat de Wee zum Floater ubelaangt, op de Floater komme mir herno ze schwätzen, mee da misst ee jo eigentlech déi Käscht bei de Floater dobäi rechnen, wann de Floater net wier da misst een dee Wee och net maachen oder awer?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, also mir sinn domadder averstanen ech wëll awer vun der Geleeënheet profitéiere fir eppes ze soen, wat ech bestëmmt schonn zéng Mol gesot hunn an zwar: Mir hunn elo jo och en plus déi wonnerbar Vëlospist vum Centre Culturel bei d'Skaterpist an dann hu mir déi schrecklech Bréck, déi den Iwwergang mécht vun der Skaterpist bei d'Kapell, déi Bréck ass tipp topp an näischt géint déi Bréck, mee de Belag, deen hunn ech vun Ufank un immens kritiséiert. Et kann een einfach net mam Vëlo driwwer fueren, dat ass en onméigleche Belag, och fir d'Hënn ass en net gutt an och net deemno wéi eng Schong een unhuert an ech wollt dann awer eemol hei erëm en Appell maachen, ob een dee Belag net kann änneren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mir hunn eis där Saach ugeholl, d'Claudia Dall'Agnol ka villäicht op e puer Punkten do agoen, ech géif awer als éischt d'Diskussioun féiere ronderëm d'Mise en sécurité an da kann een op dee Punkt sécherlech zeréckkommen. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, wann een do elo Weeër amenagéiert, an do ginn da Barrikaden opgericht, wéi ass et da mam Accès vu schwéierem Material, wat zum Beispill esou e Floater muss bauen? Gëtt dat elo esou e Wee, wou mir als éischt eng Ballustrad setzen an da komme mir net méi laanscht mam Material fir ze bauen oder ass dat zäitlech verschoben?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Froen? Neen, da géif ech dem Ivica Repusic d'Wuert ginn, da kann deen op déi technesch Saachen agoen an da ginn ech d'Wuert dem Claudia Dall'Agnol.

IVICA REPUSIC (TECHNIKER VUN DER GEMENG): Also, wat déi Balustraden an esou betrëfft, spéiderhi gëtt vum Fonds du Logement nach ëmmer amenagéiert, esou dass verschidde Saachen erëm opgehewe ginn. De Wee zum Floater wäert allerdéngs bleiwen. Dat technescht fir de Floater ze bauen, do ass d'Iddi esou, dass mir op de Parking hannert dem CNA fueren an da gëtt këschteweis, also deelweis de Kran eriwwe ge- hewen an de Weier, dass mir do kee Wee mussen amenagéiere fir de Floater ze bauen, dat ass net néideg, mir géifen do och net laanscht komme vun der Gréisst hir, mir mussen do iwwer de Parking fueren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da si mir op déi verschidde Froen agaangen an da géife mir nach de Volet Passerell NeiSchmelz erklären.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, just ganz kuerz, dat doten ass eppes wat eis och opgefall ass a Vëlo Diddeleng huert eis och schonn dorobber opmierksam gemaach genau esou wéi dat mat de Vëlosstänneren hannert dem Spidol Dir sidd also e bessen d'Sprachrohr vu Vëlo Diddeleng mee alles dat hu mir och, mir wëssen dat a mir sinn amgaangen drun ze schaffen. Wat elo d'Vëlosstänneren ubelaangt, dat huelen ech mat, dat brauch ech dann net duerno ze soe beim Spidol, do si mir an Diskussioune beim CHEM, do si mir amgaangen, ze kucken, wou mir se hi maachen. Wa mir do bis eens sinn, wäerten se séier kënne gestallt

ginn, wann d'Wieder besser ass an de Congé eriwwer ass a wat de Belag op der Pist ubelaangt, do gëllt dat selwecht, do ass et e bësse méi schwéier well do muss ee kucken, wéi ee Belag kanns de iwwerhaapt huelen.

Mir hunn eis elo bei der Stad Lëtzebuerg informéiert wou mir mengen déi hätten e Belag, wou mir fir déi Bréck kënne gebrauchen, well et geet net nëmmen drëms, dass de Vëlo driwwer kënnt mee et dierf een net rutsche wann et naass ass oder wéi haut wann et schneit. De Foussgänger muss och uerdentlech driwwer goen, et muss eppes sinn, wat net schmëlzt wann et waarm ass. Voilà, mir mengen awer, mir hätten an der Stad Lëtzebuerg e Kontakt, deen eis mat op de Wee ginn huet, wat een do ka gebrauchen, mir huelen elo do Kontakt op a mir kucken ob dat wierklech dat ass an da kéinte mir dat maachen, mee fir d'éischt musse mir all d'Informatiounen hunn an da rüste mir no.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ok, Merci fir déi doten Erklärungen.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Ech hu just nach eng Fro, ech hat dee Saz ewechgelooss, mee et ass mir elo opgefall, wann déi Balustraden net definitiv sinn, sinn dat da Saachen, déi duerno kënne weider verwäert ginn oder op anere Plazen oder net?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo.

IVICA REPUSIC (TECHNIKER VUN DER GEMENG): Am Prinzip schonn, jo.

SEMIYAH AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, ech hat genau déi selwecht Fro an ech wollt froen ob mir scho kënne gesinn, aus wéi engem Material a wéi et herno ausgesäit, well och wann een duerch den Dossier geet, fënnt een net richteg eraus wat fir Material et ass. Ass et Holz oder Metall? Also, wann een do kéint weider Erklärungen kréien.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo, Merci.

IVICA REPUSIC (TECHNIKER VUN DER GEMENG): Also mir wäerten e Grillage, dee mir elo schonn hunn deelweis, dee gëtt deplacéiert, also déi Staangen, déi mir schonn hunn, déi ginn erausgeholl a geréckelt, wou mir se brauchen. Mir hu laanscht de Vëloswee an dem Hall Lokomotive, do hu mir eng Mauer, déi ee muss ofsetze fir 30 Zentimeter, do maache mir e Gelänner drop wat bestoe bleift, do maache mir spéiderhin, dat hale mir, an op der Plaz selwer ass virgesinn, dass mir Saache maachen, esou wéi de Kollektiv dat virgemaach huet, do si jo scho Saache gemaach aus Holz, aus Lëtzeburger Kieferholz oder Dänneholz, wat mir hunn, alles wat och esou Rekuperatiounssaache sinn. An deem Sënn soll déi Plaz tëschent den dräi Gebaier erneiert gi mat Saachen, déi recuperéiert sinn an héchstwahrscheinlech esou Paletten an esou Saachen, déi awer och keng éiweg Liewensdauer hunn, dat muss een och soen. Et ass näischt am Metall, et soll mat liewegem Material sinn, dat ass d'Iddi vun dem ganzen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi Erklärung da komme mir bei de Vote: Wien ass mat deem Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

2.11. Approbatioun vum iwwerschaften Devis (Devis remanié) fir de Bau vun engem "Floater" - Gîte Red Rock Trail fir d'Kulturjoer "Esch2022".

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): A vu dass eise Mataarbechter elo och hei ass, géif ech virschoen, dass mir op d'Punkten 11 an 12 aginn, fir net ze sprangen, wann de Gemengerot domadder averstanen ass. Mir hunn hei den Devis remanié vum Floater, dat ass 1 310 000 Euro. Et ass jo esou, dass mir hei de 25. September 2020 am Gemengerot en Devis gestëmmt huvun 990 000 Euro, esou dass mir de Projet hei ausgeschriwwen haten, also mir wollten ursprüngelech eng Soumission négociée maachen, dat ass eis refuséiert ginn, dofir hu mir dann eng Soumission publique gemaach, mat dem Resultat, wou Dir allegueren hei kennt, dass mir dann eng Offer haten, déi bal dat Fënneffacht vum Präis war.

Du si mir bei Soumissiounskommissioun gaangen do ass de Marché och annulléiert ginn a mir hunn och do gréng Luucht kritt par rapport zu der Initialer Demande, mir haten dann eng Soumission négociée a mir hunn dann eng Soumission négociée gemaach, dräi Offeren erageholl an och de Präis mat engem Devis vun 1 310 000, dat ass deen Devis, den 30% méi héich ass dat ass natierlech, mir leien an de Paragen, wou vill Projeten hei am Land, 30- 40% méi deier kaschte mee mir si wäit vun deem Fënneffachen ewech, wou et deemools war, an d'Iwwerleeung ass, dass dann hei mam Zouschlag och deen dote Floater ab dem Abrëll-Mee do soll kënne stoen, well och wierklech dee ganzen Assemblage gemaach gëtt wa mir och den Zouschlag ginn hunn, der Firma Langer, esou dass si dat doten och maache kann.

Dat ass eng Lëtzeburger Firma a mir hunn och eis schlau gemaach, dass mir och, quitt dass mir elo hei e Kredit méi stëmmen, deen Devis méi stëmmen, dass mir och mat deem wat mir méi ze bezuelen hunn, dass mir och do op 320 000 Euro, dass mir dann och do déi 50% Subsid vum Tourismusministère ginn, et gi jo 50% wou mir musse selwer bezuelen, 50% den Tourismusministère do hu mir och elo d'Ufro gemaach, mee mir sinn net déi eenzeg Gemeng, et sinn aner Südgemengen, déi och déi Ufro gemaach hunn un den Tourismusministère, ob déi dann och bereet wieren, de Surplus vun 50% och en charge ze huelen, esou dass mir hei awer e Projet hunn, dee mir kënnen ëmsetzen an och zäitno well d'Kulturhaapstad steet virun der Dier, dat brauch ech lech och net ze soen, d'Zäit leeft, mir hu scho genuch Zäit verluer duerch déi ganz Soumission publique, déi mir misste maachen, mir hunn hei probéiert, esou schnell wéi méiglech déi Zäit anzehuele fir dass mir och zäitno dee Projet, deen awer hei flott ass, deen op enger insoliter Plaz ass, deen awer kënnen ëmsetzen an ze securiséiere mat dem Devis, dee mir hei gestëmmt hunn. Voilà, dat zu den Erklärungen, déi ech wollt gi par rapport zum Floater. D'Diskussioun ass op. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, wéi mir am September 2020 dee flotte Projet vum Floater virgestallt kritt hunn do war allgemeng Begeeschterung hei am Sall, bal unanime, mir hunn och gesot als CSV mir wëllen eng visibel Bedeelegung vun Diddeleng am Kader vum Kulturjoer 2022 a mir hunn déi Iddi immens flott fonnt, och de Site an do wou et sollt hikommen an och d'Iddi vum Floater wéi e sollt gebaut ginn, dat war wierklech eng cool Saach, dee Floater, dee Projet hat och e Concours deen dee gewonnen huet wou och initial 600 000 Euro virgesi waren, do war en 850 000 Euro eropgaangen an dunn hu mir gesot, dann huele mir dat a Kaf an Zäit hu mir verluer, net nëmme duerch d'Soumission publique, mee déi gëtt och néideg duerch den Refus vum Ministère de l'Environnement, deen en cours de route seng Approbatioun zu der Installatioun vum Floater zeréckgezunn huet, wat eis effektiv guer net an d'Kaarte gespillt huet an do huet sech net mat deenen diskutéiere gelooss.

Wat wierklech onglécklech ass, wann een esou e flotte Projet virgestallt kritt an och déi Argumentatioun war e bëssen net ganz einfach nozevollzéie vum Refus. Bref. Ech wollt elo froen: Hu mir dann elo, gëtt dee Floater d'selwecht wéi mir eis e virgestallt haten, wéi mir e virgestallt kritt hunn? Ech hunn hei och vermësst, dass mir eng Presentatioun kritt hunn, wat dann elo och gemaach soll ginn an et sinn einfach plakeg Chifferen, et wier do och flott gewiescht, de Projet nach eemol virgestallt ze kréien, ech hunn elo eng Firma Langer, déi dat mécht, déi steet elo awer net als Gewënner virun dem Concours, wéi ass et mat deene Leit, déi de Concours gewonnen haten? Kommen do finanziell Belaaschtungen op eis duer well déi kruten accordéiert, dass se de Floater dierfe bauen, well dat ass eng Fro, déi een och soll am A behalen, net dass do aner Fraisen op eis duerkommen.

Do wier ech nawell frou fir ze wëssen, éischstens, wéi gesäit de Floater aus, wie mécht dat a wat soen déi Leit, déi d'Iddi vun deem Floater haten, well déi hu jo och en Droit d'auteur dorobber. Wéi geet dat elo oder gëtt et eppes komplett aneschtens? Ech weess, änlech Problemer haten och aner Gemengen, déi och mat hirem Projet net viru komm sinn. Eng aner Gemeng huet de Projet fale gelooss an si wollten en Zirkusweenche kafen als Hébergement local, wat ech awer och ganz witzeg fonnt hätt, dat hätt och nach gutt do gestanen. Mir si jo natierlech frou wa mir op deem flotte Site eppes këne maachen, wat do d'Verbindung mam Waasser huet, dofir si mir elo traureg, dass keng méi konkret a genau Virstellungen do komm sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser.

WALTER BERETTINI (LSAP): Merci, mir hu jo schonn héieren, firwat de Budget elo muss ugepasst ginn, sief dat duerch déi Präiserhéijung wéi och d'Adaptatioun. Wéi d'Madamm Kayser et elo ugeschwat huet, et ass net flott wann een, a mir alleguerten heibanne sinn net frou doriwwer, dass dat muss erhéicht ginn, mee ech wëll nach eemol drop hiweisen, wéi wichteg de Floater wäert sinn, dat souwuel am Kader vum Kulturjoer 2022, mee och am Kader vun der touristescher Entwécklung

vun eiser Stad an domadder eiser Regioun an dat iwwer 2022 eraus. An alle Gemengen aus der Südregioun gi Refugé gebaut, Plazen, wou ee kann iwwernuechten, dat Ganzt op engem Parcours, dee sougenannte Redrock Trail, deen ongeféier 70 km laang wäert sinn.

Bei eise Floater handelt et sech ëm eng Zort Hausboot, wat um Baseng beim Waassertuerm opgeriicht gëtt. Wéi mir aus dem Projet erausliesen, steet en op Pilieren, originell an nohalteg. Eis Regioun brauch och dee Coup de pouce am Tourismus. De Minett huet laang als Stéifkand gegollt, wat d'Fräizaitgestaltung an den Tourismus ubelaangt. Dobäi hu mir souvill ze bidden, net nëmme a Saachen Natur, mee och eisen industrielle Patrimoine ass enorm. Dese muss a wäert an deem heite Konzept seng Plaz fannen, des Majoritéit huet sech op alle Fall ëmmer agesat, dass souvill wéi méiglech vun ale Gebaier erhalen, restauréiert oder renovéiert gi mat den Touristen, wat haut méi wéi nëmme Maueren, och originell Iwwernuechtungsméiglechkeeten, interessant Wanderweeër, innovativ Konzepter.

All dat wat mir kréien aus eise Floater an dem Redrock Trail, hei wäert sech, wéi Dir sécher och de Moien héieren hutt, och déi Mikrobrasserie afügen. Do huet d'Gemeng elo kierzlech en Opruff gemaach fir dass sech Interessente melle sollen. Des Investissementer sinn also absolut noutwendeg fir den Tourismus unzekuerbelen an d'LSAP wäert deem zoustëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Berettini, weider Stellungnamen?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, just ganz kuerz, ech mengen, mir sinn eis eens, dass dat néideg ass, mir hunn der zwee op der Plaz mais jamais deux sans trois, ech mengen, de CNA ass zimmlech bekannt fir Diddeleng an de Waassertuerm an do wäert dat Ganzt sech uschléissen, par contre meng Fro: Hu mir elo alleguerten d'Baugenehmegungen an alles wat mir brauche fir unzefänken? An dat anert ass: Här Buegermeeschter, Dir hutt gesot zäitno, mir verstinn alleguerten, dass do Problemer waren, mee wat ass zäitno, well d'Kulturjoer fänkt muar un an et wier interessant ze wëssen, wéi mir dat geplangt hunn a wéini mir do kënnen konkret ufänke mat bauen. An déi lescht Fro war, wéi d'Madamm Kayser och gesot huet: 2020 war ech net am Gemengerot, ech weess awer, wéi de Projet ausgesäit a fir do um leschte Stand ze gesinn, wéi déi Pläng ausgesinn? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo, Merci fir d'Wuert, et deet mir e bësse leed, mee ech muss elo queesch schéisse bei där grousser Freed, déi hei bei jidderengem ass. Wéi dese Projet am Gemengerot am September 2020 diskutéiert a gestëmmt ginn ass, ass ganz vill gesot a gefrot ginn an ech ginn elo och net méi op alles an. Wa mir de Präis elo mol einfach ganz kuerz op der Säit loossen, da wier et e flotte Projet gewiescht, de Floater, mee elo ass et jo kee Floater méi, wann ech dat richteg matkritt hunn, well e schwëmmt net méi, mee e steet fest am Waasser. Elo ass dat wat dat Hai-

schen eigentlech flott an interessant an extra gemaach huet, net méi do. Et schwëmmt net méi, et misst am Fong och en anere Numm kréien, fir richtig, an et gëtt elo nach eemol wesentlech méi deier, 30% méi. Also, mam beschte Wëllen, dat kënne mir esou net matdroen, nach eemol een Drëttel drop an da si mir bei iwwer 1,3 Milliounen Euro. Da rechne mir nach de Wee dobäi, deevilläicht souwisou hätt misse gemaach ginn, ech weess et net, also dat ass och kee risege Montant, de Wee mengen ech.

D'Iddi war gutt, et soll een och an d'Kultur investéieren, awer fir alles ginn et Schmerzengrenzen, déi een huet, an déi ass bei eis hei kloer iwwerschratt an och déi ekonomesch Nohaltegkeet vun där den Här Thill deemools geschwat huet, ass wierklech net ginn. Wat misst dann do eng Nuecht kaschten, fir dass et sech iergendwann eemol géif lounen? Ok, Invest an d'Kultur muss sech net ëmmer ganz bezuelt maachen, trotzdem awer zu engem Deel an ech fäerte ganz, dass dat dann effektiv just fir e klengen Deel vu wanderbegeeschterte Leit zougängeg ass, well eng Nuecht einfach ze deier ass, wat een do misst froen. Ech weess och net ob elo scho Saache gekläert sinn, Froen, déi nach ware beim éischte Vott vu Saachen, déi nach opstoungen deemools, wat och normal war.

D'Subventioun, hu mir erkläert kritt, déi geet dann och mat erop, dat ass mol gutt. Mat der Gerance, wéi funktionéiert dat, ass dat scho gekläert, wien sech drëm këmmert, wéi dat alles gemaach gëtt fir dat ze botzen an an der Rei ze halen? Voilà, beim éischte Vote hunn déi Lenk sech enthalen, mee elo wou de Floater kee Floater méi ass an net schwamme kann an nach vill méi deier ass, wäert ech dann awer dogéint stëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, gutt da wëll ech mol deenen, déi sech hei dem Projet-Phare uschlëssen, deen awer en Alleinstellungsmerkmal hei zu Diddeleng an hei am Süden huet, Merci soe fir d'Zoustëmmung fir dass een erkennt, dass een do eng eemoleg Chance huet fir esou eppes ëmzesetzen oder och net, mee dat ka jo jidderee mat sech selwer ausmaachen. Käschendeckungsprinzip bei esou engem Projet, Madamm Erpelding, ass komplett deplacéiert, mir probéieren net iwwer Nuechten dat eranzehuelen, wat mir hei u méi Depensen hu par rapport zu deemem Projet. Et ass och net esou, wéi dee Projet ugeduecht war an där ganzer Süddregioun. Wat hei gesot gouf, Dir hutt Recht, mir schécken lech déi Fotoen, déi adaptéiert Fotoen no, mir hunn se jo, den Architekt huet se iwwerschafft, effektiv hätt een dat hei kënne mat bäileeën, mir loosse lech déi nokomme fir dass Dir et och gesitt, well et ass jo och un deem Projet weidergeschafft ginn.

Zwou Saachen: Et war e Concours d'idées, wou och an deem Concours d'idées eng Rei Architekten sech melde bei de Gemengen a Projeten areeche, deen Architekt, deen dee Projet hei ëmsetzt ass nach ëmmer dee selwechten, deen huet net geännert, dat hu mir jo respektéiert, dat ass deen éischte Moment, hei ass den Architekt Jos Dell, deen och Adaptatiounen gemaach huet och nodeems mir de Refus kritt hu par rapport

zum Environnement an dofir si mir op de Wee gaangen, dass hei am Fong déi Struktur hei, dee Floater, ech géif soen, dass deen op Stolträger oder Piliere gesat gëtt. Wat herno awer ausschlaggebend ass fir déi Leit, déi dohinner ginn, dat ass, dass se op enger Plaz sinn, wou se eng super Vue hunn, dat ass dat wat déi Leit interesséiert wann se op dësen Terrain kommen, dass se op enger Struktur sinn, op engem Waasserbaseng op der Schmelz mat enger Vue op d'Natur an de Wassertuerm, et ass dat wat ze verkafen ass an d'Biller an och als Standuert Tourismus Diddeleng dann ënnerscheet, Madamm Erpelding.

Dat gesot, hu mir déi éischt Soumissioun annulléiert, elo huet dann eng aner Firma den Optrag kritt, déi setzt dat och ëm, do ka villäicht den Ivica Repusic drop agoen. Mir brauchen awer am Fong keng Baugeneemegung, ausser d'Gemeng, déi sech selwer eng Baugeneemegung muss ausstellen, dat maache mir, mee vu dass mir elo dat Ganzt op Stelze setzen, brauche mir keng Autorisatioun méi vum Ëmweltministère, virdru war jo d'Iddi, well déi Fläch jo mam Waasser am Kontakt ass, brauche mir eng Autorisatioun vum Ëmweltministère, do hu mir de Projet jo modifizéiert, elo gi Stelzen an d'Waasser gemaach, wou déi Struktur dann drop ass an da brauche mir och keng Geneemegung vum Ëmweltministère, well dat elo net als Plan d'eau unzegesinn ass. Dat hu mir och schrëftlech matgedeelt kritt esou dass dann am Fong hei och de Buergermeeschter der Gemeng selwer eng Baugeneemegung wäert ausstellen an da kënne mir de Projet och ëmsetzen.

Dat mat der Gerance, wat d'Madamm Erpelding och gefrot huet, do ass den ORT Sud nach ëmmer amgaangen ze kucken, wien dat kéint maachen, ech mengen den ORT Sud huet och elo mol gekuckt wéi vill Projeten iwwerhaupt ëmgesat ginn, well do eng Rei Gemenge gesot hunn, mir maachen dat an eng Rei Gemengen, déi et net gemaach hunn an dat hänkt dovunner of wou d'Gerance soll maachen ob deen och eng Masse critique huet fir dat Ganzt ze droen, ech mengen, do war deen een oder aneren déi interesséiert waren, ech sinn elo net bis an dee leschten Detail ageweit, ech kann dat awer nofroewéi si d'Reckmeldung kritt hu vun deenen anere Gemengen.

Ech denken ech hätt probéiert op déi verschidde Punkten anzegoen, da kéint och den Ivica Repusic op déi Punkten agoen, wat den techneschen Deel ugeet.

IVICA REPUSIC (TECHNIKER VUN DER GEMENG): Merci, um technesche Plang wäert sech net vill änneren, ausser dass mir d'Gebai aus dem Waasser eraushuelen, dat eenzezt wat elo net méi do ass, dat ass den Aquariumsdeel, wou mir mam Waasser wollten, mir hunn do kee Kontakt méi zum Waasser, dat ass dat eenzezt wat geännert huet, de Rescht ass op Féiss gesat ginn, vum Rescht bleiwe mir bei deem wat virgesi war. Mir hu probéiert, dat ze behale wat mir deemools ausgeschriwwen hunn an am Concours haten. Ech krut och gesot, den Datum vum 1. Abrëll dee steet nach. Wéi gesot, et gëtt op der Plaz assembléiert, si maachen do eng Këscht, déi wäert ganz komme vun der Firma eraus, och de Skelett kënnt vun der Firma aus eraus, si kommen dohinner, et gëtt eng Woch laang agestellt, da

kommen se zeréck no enger Woch a schaffen drun, esou ass de Werdegang dovunner.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hu just eng Fro: Wéi héich gëtt et iwwer dem Waasser, ass et awer waasserno oder ass et vill méi héich? A wéi vill Pottoe musse mir an d'Waasser setzen?

IVICA REPUSIC (TECHNIKER VUN DER GEMENG): D'Pillieren, déi an d'Waasser kommen, dat gëtt eng metalle Struktur, déi mir an d'Waasser setzen a mir hu probéiert, esou no wéi méiglech un d'Waasser ze kommen och drun denkend, dass awer, wa mir Pech hätten an et géif verstoppt ginn hannendrun an d'Waasser sech hieft, dass mir am Prinzip bei deem Wee, deem Dir gesitt op der Foto, dass mir do 10 cm iwwer deem Wee sinn, well mir haten do d'lescht Joer eemol de Fall, dass wéi déi Böschung gebotzt ginn ass, do war eppes verstoppt an dunn ass d'Waasser eriwergelaaf. Schued wa mir et dann awer am Waasser stoen hätten. A mir probéieren och, d'Këschten an d'Fassad esou nozezéien, dass een awer denkt, dass et schwëmmt awer.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci nach eemol fir déi doten Erklärungen.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Merci, just e klengt Wuert dozou, ech fannen, dass et e ganz flotte Projet ass, well dat Ganzt op engem Site ass, wou dat Ganzt awer ofgeronnt gëtt, wou vill Manifestatiounen sinn, wou ganz vill ronderëm ass a wann een da gesäit, dass een am Waassertuerm ganz oft do Evenementer huet an et huet een dann de Floater do amplaz en Eck, deem net benotzt ass, dann ass dat schonn eng Plaz, wou een sech herno nach vill méi doheem fillt a wou fir Diddeleng natierlech nach eemol d'Kiischt um Kuch ass op där Plaz, well ech fannen einfach, dass et eng Plaz ass, déi immens vill genotzt gëtt a leschter Zäit an och duerch d'Fête de la Musique, déi déi leschte Zäit do war, aner Evenementer déi do waren, wéi och den Open Air Kino an da gesäit een herno och de Floater hannendrun, dat ass eng aner Saach wéi wann een do eppes gesäit wat net genotzt ass, dofir fannen ech einfach, dass dat eng ganz flott Saach ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mir de Gemengerot froen iwwer den Devis estimatif remanié ofzestëmmen. **Wien ass domadder averstannen? Dat sinn déi Gréng, LSAP an CSV, wien enthält sech? Wien ass dogéint, déi Lénk.** Merci villmools.

2.12. Approbatioun vum iwwerschafften Devis (Devis remanié) fir d'Neigestaltung vun der Hal vum Lokomotivtelier um Standuert NeiSchmelz.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ok, da gi mir op deem nächste Punkt iwwer wa mir da bei NeiSchmelz bleiwen, dat ass den Atelier Lokomotive, wou mir hei en Devis remanié proposéiere vun 3 250 000 Euro fir déi ganz Renovatioun ze maachen. Mir haten och hei den 11. Dezember 2020 en Devis gestëmmt vun 590 000 Euro an hei den Devis wou méi deier ausfällt, respektiv eis war et wichteg lech dene hei ze presentéieren an och déi néideg Erklärungen ze ginn, firwat mir hei en Devis remanié maachen. wéi mir

deemools den Devis hei gestëmmt hunn dat war parallel de Lokomotive-Vestiaire an och de Wagonage, mir sinn dovunner ausgaangen, dass mir déi ganz Renovatioun an 2 Etappewéilte maachen déi 1. Etapp wat dat Gebai ugeet, eng éischstens méi soft méi eng einfach Renovatioun en vue vun 2022, déi 2 Gebaier ass de Prinzip, dass am Moment de Fonds du Logement Propriétaire ass, dass den eng Rei Aarbechte mécht wou och subventionéiert gëtt an och mir eng Rei Aarbechten als Nutzer a Locataire maachen an ab 23 mir komplette Propriétaire vun den 2 Gebailechkeete ginn, dat ass nach ëmmer kloer.

Et huet sech awer erausgestallt, eben och am Kader vun den Aarbechten, déi gemaach goufen, dass mir all Interêt hätten éischter eng komplett Renovatioun ze maachewell wann ee mat den Aarbechte bis amgaangen ass, dat heescht dat net dat an 2 Etappen ze maachen, mee vun den 2 Etappen eng Etapp ze maachen an dat an Ugrëff ze huelen, well och dat néidegt Material op der Plaz ass a bei esou Gebailechkeeten déi e Passé industriel hunn, wou och en cours de route nei Elementer zum Virschäi kommen, do huet een all Intêret dat direkt ze renovéieren an dofir war et eis wichteg den Devis remanié ze presentéiere par rapport zum Gebai.

An op der anerer Säit war déi Iwwerleeung, dass mir do eppes sollen usidelen um Niveau vun der Restauratioun vun der Gastronomie an do war och d'Diskussioun mat der Rei Leit mat deene mir Kontakt opgeholl hunn, wat Gebai géif virginn en vue vun deem Projet, och drop opmierksam gemaach, dass et natierlech net gutt wier wann een an 2 Etappen dat géif maachewann een effektiv op der Plaz selwer schonn eng Exploitatioun wier, wann dann och nach e Chantier géif nokommen, dann ass et besser, mir maachen dat an enger Etapp an dofir hu mir och hei am Devis net nëmmen de Volet vun der kompletter Renovatioun, deem dran ass, wou mir och subventionéiert gi vu Sites et Monuments, awer och dee Volet vun der Mise, dee mir ginn als zukünftege Propriétaire vun deem dote Gebai.

Wat de Volet Restauratioun ugeet, do gesäit een och am Devis an och unhand vun deene Fotoen, dass do technesch Installatiounen kommen, Sanitären, respektiv awer och eng Kichen awer och e Container, esou dass mir an deem Devis déi 2 Voleten hunn, engersäits de Volet komplett Renovatioun, déi mir virhuelen awer och de Volet wat Restauratioun ugeet wou mir eng Première mise maache fir dass d'Exploitatioun herno ka stattfannen a parallel hu mir jo deem Appell lancéiert fir d'Exploitatioun wou dann herno dee wou den Zouschlag kritt, alles, säi ganze Mobilier muss matbréngen, dat ass dann de Rôle, niewent dem Konzept, vum zukünftegen Exploitant vun deem doten Hall, dofir war et eis wichteg an déi zwee Voleten, de Volet Exploitation technique, dat mécht awer 49% aus vun deem doten Devis, dass mir och dat heite mat eranhuelen, dass mir och dat kënnen an Ugrëff huelen, fir dass mir och am Laf vun 2022 dat dote kënnen ëmsetzen.

Net méi spët wéi des Woch war d'Visite op der Plaz, wat deem dote Projet ugeet ronderëm Gastronomie do waren eng Rei Leit do, déi waren interesséiert déi hu bis dese Mount nach Zäit hire Projet ofzeginn, esou dass

mir dat och nach parallel wëlle steiere wat d'Ëmsetzung ugeet, engersäits Renovatioun an dann direkt grefféiert sech dann duerno och de Volet vun der Gastronomie, respektiv vun der Mikrobrasserie, well mir hei och e groust Lokal hu vu 25 Quadratmeter an och hei eng Plaz ass, wou iwwer 150 Persounen kënnen higoen an dat ass jo e Ganzt, dofir och déi lwwerleeung, wou mir den Devis gestëmmt hunn, dass mir de Wee och méi bellichten, wou eppes op déi ëffentlech Plaz ka gestallt ginn, niewent dem Vestiaire Wagonage an och de Lokomotiv-Atelier, dass een do och déi néideg Konvivialitéit huet an dofir ass den Devis hei och wichteg, dass mir déi 2 Voleten do och kënnen ëmsetzen.

Dat zu der Erklärung wat den Devis ugeet an ech mengen Dir hutt och gesinn unhand vun de Pläng, déi mir bäigesat hunn, wéi dat kann ausgesi mat Etagen, mat Containeren, wou een de Sall kann notzen an déi aner lwwerleeung, déi ee e bësseweider dreift, dass d'Lokomotiv renovéiert gëtt, dass déi och op där dote Plaz kann hi gesat ginn, esou, dass et e Ganzt ass fir de Site herno ze beliewen. Voilà ech hu probéiert esou gutt wéi méiglech eng Rei Erklärungen ze ginn, Dir hutt bestëmmt Froen och technescher Natur an dofir d'Diskussioun ass op. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, ech hunn eppes net verstanen: Déi Mikrobrauerei, ass déi elo scho feste Bestanddeel vun deem Projet oder soll dee wou d'Exploitatioun do herno mécht, bréngt den de Mobiliar mat? Kéint et virkommen, dass en Exploitant kënnt, dee seet, Neen, ech maachen do keng Brauerei dran. Ass dat scho fest?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir d'Fro.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, eis Fro wier u sech, ech mengen, dat ass e konsequente Budget an ass dat esou virgesinn, dass do dee ganze Site vun NeiSchmelz, dass dat, wann et amenagéiert gëtt, wat bleift oder ass dat temporär an herno wäert et ofgebaut ginn a wa mir richtig verstinn, ass dat e Restaurant-Café, dat heescht et kann all Mënsch dohinner goen? An déi aner Fro ass: Wann ech d'Pläng richtig interpretéieren, si mir hei am ale Gebai, wat wierklech begrëssenswäert ass, mee dat Gebai gëtt net isoléiert, do ginn einfach bann Containeren agebaut an do ronderëm soll eng Restauratioun da stattfannen? Dat heescht vun deem Energieeteschen hier, gi mir net un dat aalt Gebai drun? Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, ech hunn och e puer Froen, villäicht ass et fir lech kloer, fir mech awer net, wéi dat mat der Propriétéit ass, firwat si mir net direkt Propriétaire, firwat eréischt 2023? Vläch hutt Dir dat schonn hei geschwat. An ass dat wierklech sécher, well ech denken, elo investéiere mir jo awer e grouse Montant, dat wier déi éischt Fro. Déi zweet Fro: Och ech hu mech immens gefreet, eng Mikrobrauerei, dat ass eppes wat mir gutt gefällt awer um Plang gesäit een elo näischt, do misste jo awer dann e puer Braukessele sinn oder esou wéi ech et kennen, ausser ech stelle mir et elo ze grouss vir, ech weess et net,

dat wier och eng Fro. An da leien ech villäicht falsch mee: Soll déi Lokomotiv och do dra kommen? Oder kënnt déi baussen hi stoen a wann se dra kënnt, da gesinn ech se och net op de Pläng an da froen ech mech ob genuch Plaz dobannen ass fir se eranzesetzen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, wéi gesot, mir haten dee Projet och mat gedroen, well mir wichteg fonnt hunn, dass mir eng Valorisation an de Schutz vun eisem Patrimoine weider féieren dat ass all Mënsch wichteg hei an och ganz konsequent an och fir der Madamm Erpelding e bëssen ze äntweren, et war jo esou, mir haten déi Konventioun mam Fonds du Logement gehat an déi sollt jo intervenéieren um Niveau Struktur, Statik, Dallen an den Daach a mir sollten duerno déi Renovatioun maachen. Esou war et ugeduecht an duerno sollte mir dann - wann alles fäerdeg ass - no 2022 solle mir Propriétaire gi vun deem Ganzen, elo ass meng Fro: Wéi wäit ass de Fonds du Logement mat senger Aarbecht? Well ech hat deemools gesot gehat ob mir net an eiser Aarbecht hypothekéiert sinn, wann si virumaachen, well d'Statik an den Daach ass dat wichtegst éier mir eppes anescht kënne maachen an d'lescht Joer war jo gesot ginn, mir hätten Ausschreiwunge gemaach. Elo ass meng Fro: A wéi eng Richtung hu mir déi Ausschreiwunge gemaach? Musse mir elo erëm nei Ausschreiwunge maachen, bezéiungsweis ass de Projet elo komplett gekippt ginn, elo wou mir eng konsequent Renovatioun maachen, wat am Ufank awer éischer ugeduecht war fir eng Renovation minimum plus oder Renovation douce? Dann awer, wat ech och nach hannerfroen am Budget, do ass och Reamenagement vum Hall Vestiaire Wagonage festgesat. Steet och dran, dass och do nach eemol 450 000 Euro Crédit supplémentaire 2022 an de Budget erakommen?

Ech war elo erstaunt, dass mir iwwer de Budget elo net geschwat hunn, well dat ass jo awer och e bëssen e Ganzt, ass et do dann och esou, dass mir do an déi Richtung ginn, mir hu jo do den DKollektiv, déi schaffen do ganz fläisseg am Atelier dran - Vestiaire vum Wagonage - do waren 950 000 Euro d'lescht Joer virgesinn an do kéime laut dem Budget nach eemol 450 000 Euro dëst Joer dobäi, wat ass elo do ugeduecht? Et wier villäicht och flott gewiescht wa mir dat hei erzielt kréien an och do Pläng gewise kritt hätten, wenn si denn da sind. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, wéi elo grad d'Madamm Kayser scho gesot huet déi zwee Gebaier, déi hanken uneneen, dofir géif ech da gären eemol d'Klammer opmaachen an dat an dee richtige Kontext setzen. Och hei, ech mengen, deem Dossier ass eis bekannt, de Quartier NeiSchmelz ass ee vun de gréisste Projeten, déi hei zu Diddeleng jee ëmgesat gi sinn an dat ass eis als Majoritéit hei ëmmer ganz wichteg gewiescht, dat ass eis DNA, also déi Bréck ze schloe vu fréier op haut a muar an dofir ass dee Quartier e wonnerbaart Beispill. Ëmsou méi wichteg war et eis och ëmmer, dass deem Quartier eng Të-

schennutzung gelooss ginn ass an dass d'Bevëlkerung, déi Diddelenger Bierger partizipativ un enger Tëschen-
nutzung deelhuele konnten. Et ass decidéiert ginn, Vëlo-
spisten ze installéieren, Open gardening an esou weider,
dat kenne mir alles an déi dynamesch Entwécklung vum
Site ass och méiglech gemaach ginn duerch en Engage-
ment vun dem DKollektiv, déi vu jeehier d'Ënnerstëtzung
kritt huet vun dëser Gemeng.

Säit 2016 haten si sech provisoresch op NeiSchmelz
niddergelooss an ab 2017 waren si dunn am Hale Fon-
douq. Esou war dat entstanden an de Public konnt u
verschidden Atelierer deelhuele fir Konstruktioun, Aar-
bechten am Eisen, Schräinerei, Photographie oder och
philosophesch Owender, Konscht a Performancen. Eng
Zesummenaarbecht ass entstanen mat Schoulen a mam
Lycée. Wéi fir den Hall Fondouq nom Kulturjoer deci-
déiert ginn ass, dass e muss ofgerappt ginn, ass den
Atelier D eriwuer geplënnert an de Wagonage, dee sou-
genannte Schmelzkéis, wou si mëttelfristeg en Doheim
sollte fannen. Eng provisoresch Renovéierung huet de
Gemengerot am Dezember 2020 gestëmmt an esou
sollten hir Aktivitéit weidergoen un déi partizipativ
Atelierer etc. dat alles iwwer d'Kulturjoer eraus. Mir
hunn elo hei de Cahier de charges virun eis leien, vum
Hall des Locomotives an do ass awer och am Kapitel 5
Exploitation commerciale an do ënnert Punkt 5 steet,
dass de "Concept à soumettre demande également le
développement de synergies et de collaboration avec la
ville de Dudelange ainsi que le collectif d'artistes DKol-
lektiv également présent sur les lieux" an och do ass
duerno vu Manifestations culturelles rieds, dat nëmme
fir ze soen, dass dat heiten och eent ass an de Buer-
germeeschter wäert elo schonn drop agoen, dass dat
och esou ugeduecht ass an dass jidderee kann dovunner
profitéieren.

Ech géif just vu menger Säit aus drop hiweisen, dass
dës Majoritéit et fäerdeg bruecht huet, deem Ganzen
hei e Konzept ze ginn an zwar och eng kloer Perspektiv
deene Gebaier iwwer Esch 2022 eraus, elo mat der Mi-
krobrasserie, wat och en Deel vun eiser Geschicht ass,
d'Brasserie vun Diddeleng, dat ass villäicht deenen Ee-
lere méi wéi deene Jonken e Begrëff an, dass dat hei en
neien Ulaf kritt, dat ass begrëssenswäert an och ganz
sympathesch. Wat mir haut elo hei maachen, dat ass
de Budget ze stëmmen fir dass dat an engem Goss elo
renovéiert gëtt an dat huet e sozialen Hannergrond an
zwar fir den Horeca-Beräich, well déi hunn och vill gelid-
de während der ganzer Kris, déi mir de Moment matmaa-
chen an ech mengen, et ass kengem zouzemudden hei,
wann een sech schonn engagéiert an investéiert, dann
ass dat eng grouss Gefor wann een dann an esou Pro-
jeten investéiert an dann no enger Zäitche heescht et,
sou elo geet et weider mat der Renovéierung, elo fänke
mir erëm un, mam Bagger ze kommen an Dir musst elo
erëm eng Paus aleeën. Also, ech mengen, jiddereen ass
frou wann hei Rou erakënnt an déi zwee Gebaier an dass
dat an enger Kéier fäerdeg ass an dass ee richtig ep-
pes kann doranner maachen amplaz dass een zweemol
ufänkt, dat bréngt nëmme Onsécherheet eran an déi
Investissementen an dat wollt mir hei op alle Fall ver-
meiden an dat ass och eppes wat erwänenswäert ass
an dat hu mir un déi gesat déi sech hei investéieren,
dass déi net mam kale Fouss erwëscht ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci villmools fir alleguerten déi Remarquen, do waren
e puer technesch Froen, ech géif dann d'Wuert un den
Ivica Repusic weiderginn.

IVICA REPUSIC (TECHNIKER VUN DER GEMENG): Jo,
et ass jo geduecht gi mat der Ausschreiwung, dass mir
eng Mikrobrasserie solle kréien et ass elo net gedue-
echt, dass ee soll kommen den déi matbréngt, dat ass
eppes wat mir wëllen hunn, dann ass natierlech, dass
déi energetesch Beaarbechtung vun deem Gebai, dat
ass richtig, et steet ënner Denkmalschutz, dat ass
vum Sites et Monuments, mir kënnen do näischt dru
maachen. Mir maachen awer verglaste Fënsteren dra
vun der Gemeng aus wou mir och e Subsid drop kréi-
en, de Fonds du Logement isoléiert den Daach awer, do
kënnt dann en neien Daach drop mat Isoléierpaneeler,
esou dass mir probéieren, dat wat mir kënnen, fir do
eppes ze maachen. Vill kënne mir net do maachen, mee
dat bëssen, wat mir maache kënnen, dat probéiere mir
awer ze maachen, och wéi dat Energieetescht, do wä-
erte mir elo och mussen eng provisoresch Chaudière
dohinner stellen, well mir ebe spéiderhin eis wëllen op
Geothermie uschléissen, wann se kënnt, wann se ee-
mol do ass oder d'Niddertemperatur soll kommen, dass
mir eis do uschléissen an déi éischt Jore mat engem
Gascontainer do schaffe wäerten. Fir eng Wärmepom-
pel dohinner ze setzen, do ass d'Puissance ze grouss,
dat kréie mir net hin, dat ass bal onméiglech fir do ep-
pes hinzekréien. Panneauen um Daach kënne mir net
maachen, well et ass ze schwéier, déi Statik léisst et
net zou fir do Panneauen dropzemaachen. Bei den zwee
Gebaier.

Dann ass gefrot ginn, mat der Lokomotiv, déi steet um
Plang mat drop. Wann een de Plang kuckt, riets uewen
am Eck, do steet esou eng kleng rechteckeg Këscht,
do steet "Lok" dran, dat soll u sech d'Lokomotiv sinn,
do musse mir herno awer mam Exploitant kucken ob
een déi wierklech kann dohinner setzen an d'Hal selwer,
planzlech wéi dat herno ausgesäit. D'Lokomotiv gëtt
awer esou an d'Rei gesat, dass se och kéint bausse
stoen.

Wat d'Ausschreiwungen ugeet, do war eng Fro, déi la-
fen zum Deel, mir sinn am Kontakt mat Firmae well et
ass esou, wa mir elo eng grouss Ausschreiwung maa-
chen, da gi mir net fäerdeg, dat ass kloer, dofir si mir
amgang, mat Firmaen ze kucken, wéi mir dat Ganzt
wierklech fir eise Stéchdatum, dee mir hunn, fir dat och
hinzekréien, dat wat virdru gelaaf ass, wat och d'Tech-
nik betrëfft, mir hunn do Foussbuedemheizung dra ge-
maach, déi misste mir elo maachen, well de Fonds du
logement eng Dall gemaach huet, spéider ass dat dann
och méi schwéier fir ze maachen, well d'Ofwaasserlei-
tungen, déi sinn och dra gemaach ginn, dofir sinn all déi
technesch Saache probéiert mat eranzekréien, mee wéi
gesot...

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci nach fir déi Erklärungen, wollt soen, dass déi Iw-
werleeung fir eng Mikrobrasserie, dass dat e kloeren a
bewusste Choix ass well dat dote Gebai dat och hier-
gëtt, fir dat do kënnen opzeriichten och niewent dem
Stade, dass mir ëmmer eng Brauerei hei zu Diddeleng

haten an déi och aktiv war a mir probéieren, dat erëm oplewen ze looszen. Et muss ee kucken ob mir en definitiven Dossier kréien, mee am Kader vun der Visite, déi mir kruten, do waren der dobäi, déi och hei zu Lëtzebuerg eng Mikrobrauerei exploitéieren, dat heescht, den Interessi vun deenen, dat sinn der net vill, mee déi wou an deem Domaine sinn, déi sinn dann och frou wann se kënnen eng zousätzlech Geleeënheet kréien, dofir mengen ech, dass mir net allze falsch louche fir dat doten an d'Weeër ze leeden. Dofir mengen ech gëtt een ecartéiert wann een de Projet géif ouni Mikrobrasserie hei presentéieren, dat ass nämlech e Bestanddeel vun der Ausschreiwung an dee muss och déi dote Mise matbréngen, dat heescht wann een hei Interesséiert ass dann déi Leit déi déi néideg Erfahrung hu fir dat och kënnen hei ze maachen.

Par rapport zu der Fro déi d'Madamm Erpelding hat, ech mengen do gouf och drop geäntwert, déi Konventioun wou mir hate mam Fonds du Logement, datt mir Propriétaire ginn. Wat ech nach wollt soen, wat eis wichtig war, dat ass, dass mir Koordinatioun hunn tëschent den Aarbechte vum Fonds du Logement an der Stad Diddeleng, an dat klappt. Mir hunn do de selwechte Bureau d'études, dee Saache kuckt well och de Fong Interventioun muss maachen, dat heescht, dat probéiere mir ze steieren an ofzeschwätzen, et si reegelméisseg Reuniounen um Site selwer mat de Koordinatoren, dat ass dat wat wichtig ass a wat gutt geet.

Dann nach déi Fro wou d'Madamm Kayser gestallt huet et ass wichtig, dass mir dat virgesi fir 24 mee och am Ufank des Joers nach eemol komme mat engem Devis an Erklärung dat kënnt nach, spéitstens am éischte Gemengerot, dee mir am Februar 2022 wäerten hunn, well do och eng Rei Saache kommen, wéi hei och, wann een un esou engem Gebai schafft, mam Patrimoine industriell, do kommen nach verschidde Saachen. Voilà. Madamm Andrich.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, kuckt net esou, ech hu keng Fro, et ass just eng subjektiv Remarque well déi Saach vun der Mikrobrauerei ass eppes wat mir perséinlech ganz gutt gefällt a wann do villäicht eng Berodung oder en Tuyau néideg wier, do kéint een sech och un d'Béierbruderschaft wenden, déi hu villäicht och déi eng oder aner Rotschléi, déi se kënnen ginn an déi hunn och de Béiermusée zu Wolz ekipéiert, just eng kleng Suggestioun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ganz genau, zu Wolz kann een och säi eegene Béier brauen, wann een dat wëll. Ganz genau, Merci fir déi Suggestioun, déi huele mir mat. Madamm Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt just nach froen, dat ass jo e grousst Gebai, ass dat d'Gemeng Diddeleng, déi déi Heizkäschtchen droe muss?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Den Exploitant muss och en Deel droen, wann dat Ganzt exploitéiert gëtt, hei muss een sech och bewusst sinn, mir sinn an engem industrielle Gebai, wat och um Inventaire supplementaire ass dat heescht all Interventioun muss mat Sites et Monuments ofgekläert ginn an do

ass eben net alles méiglech, wann een do un d'Rénovation énergétique geet an engem esou grouss Gebai, do huet een déi selwecht Méiglechkeete wéi wann et net klasséiert wier, dat ass e grousst Gebai do wësse mir, dass wann een dat hëtz.. dofir probéiere mir do, wou mir kënnen, dat nozebesseren, do huele mir de Maximum eraus. Da géif ech froen ob Dir deem Devis do zoustëmmt, fir dass mir an engem hallwe Joer do eise Béier kënnen brauen an drénken. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime**, Merci.

2.9. Approbatioun vum Devis fir d'Norêschte vun de Feierschutzdieren an der Maison des Chercheurs

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mir hunn en Devis estimatif vun 45 000 Euro wat am Fong Konformitéit ugeet vun de Portes coupe-feu vun der Maison des Chercheurs, et ass esou, dass mir am Fong d'Maison des Chercheurs gebaut hunn, dass dat och alles konform war, et ass awer esou, dass Enn Dezember 2019 en neit Gesetz gestëmmt gouf mat enger Iwwergangsphas vun 2 Joer, wat déi ganz Logementer ugeet, wat d'Securitéit ugeet, wat Logementer an och Chambre-meubléeën ugeet an esou, dass dat wat deemools ënnert der aler Legislatioun nach gutt war, am Kader vun der neier Legislatioun net méi gutt ass a vu dass den Devis ofgelaf ass, wëlle mir dann hei e Kredit stëmme fir déi Aarbechtevirezuhelen, fir dass déi Portecoupe-feu kënnen änneren. Dat sinn 9 Stéck, déi mir misste wiesselen an der Héicht vun 45 000 Euro. Dat Gesetz gesäit et esou vir a mir mussen eis un déi Dispositiounen halen, et ass awer och esou, dass déi nei Dieren net verluer sinn, déi kënnen mir recuperéiere fir aner Chantieren, déi mir hunn, mir mussen eis awer hei zum Gesetz conforméieren, dofir deen dote Montant.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, also ech hat mir déi Fro gestallt wéi kann dat dote sinn, et ass jo nach guer net laang, dass déi Maison des Chercheurs gebaut ginn ass, op eemol kommen do Portecoupe-feuen dran, fir mech ass dat eng Selbstverständlechkeet, ech hunn doheem a mengem Haus och déi Portecoupe-feuen, esou war dat déi Zäit net virgesinn. Dir sot elo, do ass eng nei Bestëmmung am Gesetz, dann acceptéieren ech dat och, mee ech géif awer soen, am Prinzip misst do eng seriö Firma, déi e Bau plant oder eng Renovatioun plant, misst och souwisou op eng Portecoupe-feu goen, och wann et net am Gesetz stoung. Dat wier fir mech eng elementar Investitioun fir d'Sécherheet. Ech ka mech do ieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also, et ass jo esou, dass mir, Merci fir déi Remarque, et ass esou, dass déi Dieren, déi agesat goufen, waren net Dieren, déi net konform waren, si si respektiv jo och agesat ginn unhand vum Avis vum CGDIS deemools, dat war alles konform, hei huet dat och elo geännert. Dofir musse mir eis zu der neier Norm conforméieren, zu der aler Norm war et konform, par rapport zu der neier Norm ass et net méi konform. Dofir musse mir et einfach änneren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dann ergëtt sech nach eng Fro doraus: Wéi ass et da mat deenen anere Gebaier, déi mir hunn?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech kann lech éierlech soen, dass mir en anert Gebai, eis Maison d'étudiants, also bei anere Gebaier hu mir deelweis OK, zum Beispill an der Tattbuerger Strooss do hu mir effektiv e puer Saachen ëmgeännert, dat war kee groussen Invest. Wou de Moment eng Diskussioun ass, dat ass am Moment bei der Avenue Grande Duchesse Charlotte, bei de Studentewunnengen, dat ass e Gebai, wat aus dem Inventaire national ass, do schwätzt de Sites et Monuments mat an do ass et guer net evident fir dat virzehuelen, well mir engersäits an déi Richtung gi fir dem Gesetz konform ze ginn a punkto Sécherheet, dann ass Sites et Monuments dogéint well si da soen, dass verschidden Elementer, déi geschützt sinn, dann also do si mir net duerch, do si mir an Diskussiounen mat hinnen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dann ass jo do de Problem wa mir en Agreement gestrach kréien, dass mir da Studenten dierfen dra setzen. Wann déi eng soen et muss konform sinn an déi aner soen, du dierfs et net maachen,... schwätzt do kee mat deem aneren?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Also, dat wat mir hei erliewen, dee Problem ass am ganze Land an de Logementsministère ass sech dem Problem och bewusst, dat gëllt jo net nëmme fir eis Wunnengen, dat gëllt fir all Chambre-meubléeën. Mir probéieren do eben dat beschtméiglechst erauszuschloe fir d'Sécherheet ze garantéieren, et wëll jo net heeschen, dass déi nei oder déi al Dispositiounen, dass do sech Leit onsécher wieren, mee bon. Oder engem Risiko ausgesat. Ass de Gemengerot mat deem Devis averstanen? **Dat ass unanime**, Merci.

2.10. Approbatioun vum Devis für de Bau vun engem provisoiresche Gebai fir d'Schoul Brill a Balzeng a fir d'Danzschoul.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir eriwuer op de Punkt 2.10, dat ass den Devis estimatif fir eng provisoiresch Struktur oder éischer e Container also e Schoulcontainer fir d'Schoul Brill, Balzeng a Waldschoul an do ginn ech d'Wuert dann un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Jo villmools Merci, ech hat lech och schonn de Moien dovunner geschwat, dass mir am Brill d'Gebai, eng Misë en conformité vum Gebai Brill maachen an do hu mir ëmmer bëssen déi selwecht Diskussioun, Denkmalschutz, wat dierfe mir, wat dierfe mir net? Ech mengen, dat kënnt hei och dobäi, dofir wëll ech hei elo net ze vill am Detail soen zu der Maison en conformité well déi wäerte mir lech eenzel presentéieren, et ass ganz vill, wat awer sécher ass am Virfeld schonn, mir musse pro Stack fueren, mir kennen net soe mir maachen elo dee Kllassesall an dee Kllassesall, hei muss pro Stack, muss fir dat Gebai eng Mise en conformité gemaach ginn, dat heescht och d'Elektresch an esou muss nei gemaach ginn, mir sinn am Moment souguer an der Situatioun, dass mir keng Prisë kënne bäimaachen, well d'Elektresch dat net méi packt. Do kommen awer e ganze Koup Oplagen. Ech soen lech elo näischt, näischt wat extra wier mee do kommen dann esou Saache wéi, déi Plättercher muss

Dir awer halen a wannechgelift hannendrun nei Leitungen zéien also alles dat gëtt net evident, dat gëtt e schwéiere Chantier a mir kënnen do net all 14 Deeg oder all 6 Wochen an enger Vakanz schaffen.

Do ass dann d'Iddi komm fir Containeren dohinner ze setzen, wat de Schoulhaff eigentlech och hiergëtt, de Briller Schoulhaff ass relativ grouss, Dir hutt och elo hei en Devis virleien, dat si Containeren fir Brill a Balzeng, dat heescht am Endeffekt mir géifen elo eng Submissioun maachen nächst Joer maache mir déi Containeren an de Schoulhaff vum Brill setzen, dat sinn och net egal wat fir eng Containeren dat sinn héich qualitativ Containeren, déi hunn iwwer 910 Quadratmeter dat sinn 8 Kllassesäll, esou kënne mir pro Stack am Fong an där Schoul dann eng Mise en conformité maachen.

D'Froen, déi kommen, si warscheinlech firwat kaaft dir, firwat lount Dir net? Locatioun, ech kann lech dat soen, Locatioun vun deem Ganzen, si froe pro Mount 30 000 Euro Locatioun, da kënnt den Transport, deen se lech verrechnen, 100 000 Euro an si froen 540 000 Euro Raccordement, esou hutt Dir aleng fir d'Locatioun iwwer 600 000-700 000 Euro fir an engem Joer.

Dofir sote mir, OK, déi Containeren kann een ëmmer erëm gebrauchen, ech mengen och wa mir eng Schoul op NeiSchmelz plangen, déi kann een réckelen. Et ass elo net esou, dass déi mussen ëmmer op der selwechter Plaz sinn, mir kennen déi och anzwousch anescht hi stellen. Hei ass et esou, dass mir se brauche fir de Brill ze renovéieren dat wier 2023-2024 an dann, wa mir Balzeng bauen, kann een déi Klassen eriwuerhuelen, esou dass mir se iwwer 2024-2025 eraus brauchen, dunn si mir op de Wee gaangen, dass mir soen, da kafe mir se an da kënne mir se dohinner setzen, wou mir se brauchen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech hat jo scho kuerz am Budget gesot, dass eisen Département Danse en extrem grouss Succès ass an, dass mir kucken eis Museksschoul auszeweiden, och en alternative Site ze fanne fir den Département Danse, mee bis et souwäit ass, musse mir och eng provisoiresch Struktur hunn an dat doten ass eng gutt Geleeënheet bis dat anert fäerdeg ass, mee dat gëtt och eemol an der Museksschoulkommissioun virgestallt, mee bis et souwäit ass leeft nach vill Waasser d'Diddelenger Baach erof.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Just als Info, d'Emplacement vun deem dote Container vun der Danzschoul, dat kënnt am Fong hannert d'Gebai vum Lokomotivatelier, dat heescht ,et stéisst een drop wann een dee Wee hält, déi Piste cyclable, den Tréppelwee vum Parking Centre culturel CNA an éier een am Fong bei de Lokomotivatelier kënnt op der rietser Säit, direkt hannendrun op der rietser Säit, dat heescht den Accès ass garantéiert an do kéint een dat 2023 hi setzen. Voilà, ech mengen, mir hunn all d'Erklärung ginn, d'Diskussioun ass op wa Froe sinn.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, elo wou Dir sot dat kënnt do op déi Plaz beim Lokomotivatelier, komme mir do net a Konflikt mat eise Clôturen, déi mir do maachen an den Amenagement vun der Plaz oder ass

dat heiten nach eng aner Plaz? Ass dat mat de Clôture schonn agerechent, dass déi Struktur dohinner kennt?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, mir waren iwwerrascht ginn, well d'Renovatioun Brill war nimools richtig an der Visioun, wann ech elo nokucken am "Concept global Dudelange 2025 – Sport et Education" do war keng rieds vun der Renovatioun vun der Briller Schoul, wat ass dann elo geschitt, firwat musse mir dat elo maachen? Do steet, mir mussen d'Elektresch neimaachen, d'Fro ass: Och wa mir elo keng Detailer kréien, wéi ass et elo mam Desamiantage, ass do nach eppes dran, wéi ass et mat der Isolatioun vum Daach? Dir hutt gesot, d'Plättercher mussen erhale bleiwen, wéi ass et mam Sanitaire, wat kënnt do e bëssen op eis duer? Dir musst jo awer schonn e bëssen eng graff liddi hunn, wat mir do musse maachen an dann ass och d'Fro: Wéi laang dauert dat? Mir maachen dat Stack fir Stack, dat heescht, fänke mir do uewen um Späicher un a schaffen eis erof, wat och net evident ass wann am Haus gerappt a gemaach gëtt während der Schoulzäit, d'Kanner sollen an deenen anere Stäck Schoul gehale kréien, dat ass net esou super.

Dann zu dem trotzdeem substanzielle Budgetspostevu 4,2 Milliounen Euro, déi wéi gesot och nach a kengster Weis iergendwann eemol presentéiert gouf, do stellt sech d'Fro: Jo, dann ass dat och herno geduecht gi fir Balzeng, elo ass d'Fro: Mir huelen et eriwwer, huele mir d'Container eriwwer bei Balzeng oder huele mir d'Kanner vu Balzeng an de Container, dat si jo och nëmme 4 Klassen, dofir ass elo meng Fro: Ass de Container mat den 8 Säll wierklech néideg? Well wa mir all Stack huelen, mir hu jo net op all Stack 8 Klassen, wann ech mech richtig erënneren, do ass meng Fro ob mir do net héich gegraff hunn? Dann ass natierlech och d'Fro: Wou genau kënnt dee Container hin? Et wier och flott gewiescht wa mir do eng fachlech Presentatioun kritt hätten, fir dass een sech dat effektiv e bësse kéint virstellen, wéi et kéint sinn.

Mir hypothekéiere jo och den Haff vun dem Brill, wou awer ganz vill Kanner an d'Schoul ginn, wéi gëtt dat ofgeséichert, wéi ass et geduecht? Ech hu mech och e bëssen an der Stad rensignéiert, ech hunn d'Chance meng bescht Frëndin ass Architektin an der Stad Lëtzebuerg an zoustänneg fir d'Schoulen an hatt kennt sech gutt aus mat all de Containeren, well si hunn där der och ëmmer iwwerall stoen an ech hat gefrot gehat wéi et dann ass, wéi laang déi Containeren halen an hatt huet eis och drop opmierksam gemaach, dass et der ginn, déi halen 10 Joer an anerer halen 20 Joer, dass een do soll kucken, eng gutt Qualitéit vu Container ze kréien an onbedéngt oppassen - fir et mat op de Wee ze ginn - dass e Sonnenschutz do ass well dat ass e grouss Problem, an eng gutt Isolatioun vun der Fassade.

Dann en zweete Punkt, deen hat ech hatt gefrot: Wéi geet dat wa mir esou e Container herno anzwousch anescht transportéieren? Ech hat nämlech verstanen am Ufank wéi wa mir déi Containeren am Brill am Haff hätte

fir d'Brillschoul an d'Balzenger Schoul an duerno géife mir de Container huele fir d'Danzschoul dranzesetzen. Dat schéngt jo elo net de Fall ze sinn, dofir war meng Fro elo trotzdeem: Wéi ass et mat der Réckelbarkeet vun deene Containeren, wann déi 10-20 Joer halen, da kann een déi jo nach anerwäerts benotzen.

An duenn huet hatt awer gesot, et misst een onbedéngt oppassen, dass een an der Commande och dra schreift, dass den Transport vun engem Lieu op deen aneren, dass dat och sous la responsabilité du Fournisseur ass, soss kann dat dech eng ganz deier Wachs ginn, dat hate mir och gemaach beim Gaart an Heem, beim Hall polyvalent, do hu mir dat jo och am Bordereau dra stoen, dass den Transfer do och mat gekuckt gëtt, wien dat bezilt.

Dann, e grouss Problem ass och de Käschtepunkt wann s de Réseau, Waasser a Stroum etc. a Fondatioun wëlls maachen wou s de dee Container drop setz, do muss een och kucken ob dat richtig dra gesat ass, hei sinn esou 125 000 Euro, wou hatt mengt dat wier e bësse wéineg, dat wier e bësse Pi mol Handgelenk ausgerechent, dat wier e bëssen niddereg gegraff, dofir meng Fro: Si mir eis sécher, dass dat doten duergeet well dat ass e groussen Invest an do ass meng Fro, wéi mir et maachen, ass déi Kanalisatioun iwwerierdeg oder gi mir do erof a kucken, dass mir de Container dohinner setzen, wou ënnendrenner d'Kanalisatioun leeft? Dat sinn e puer wichteg Froen, déi ee muss stellen. Dann, zweetens, eng wichteg Fro: Wie surveilléiert déi Saach? Hu mir do en externe Büro, deen och kuckt ob d'Konformitéit richtig ass? Dee Schoulhaff muss och nei amenagéiert ginn, dat ass jo alles Investor, déi op eis duerkommen, wéi ass dat ugeduecht?

Dann nach eng Fro zu deene Containeren, déi mir fir de Ballet kafen: Firwat waarde mir net of bis 2023-2024, do gëtt de Brill gemaach, ech huele jo un 2024-2025 wäerte mir fäerdeg sinn am Balzeng, firwat waarde mir dann net fir déi Containeren ze huelen, fir domadder dem Ballet en Doheem ze ginn? Ass dat wierklech elo esou néideg? En plus hu mir eis Struktur Hall polyvalent beim Kierfecht, do war jo och ugeduecht fir dee mat ze transportéieren op NeiSchmelz, do hätt och de Ballet kënnen en Doheem fannen oder wa mir zwee Säll fir den Danz op NeiSchmelz maachen, hannert d'Hale vum Wagonage an esou weider, wat maache mir dann duerno mat deenen? Do stinn nach ganz vill Froen op an ech wier frou wa mir do Explikatiounen kréien, mir schwätzen ëmmerhivun engem Invest vu 4,2 Milliounen Euro, wou et och flott gewiescht wier wa mir dat och an engem informelle Gemengerot hätte kënnen am Detail beschwätzen. An déi Froen, déi ech opgeworf hunn, och, dass mir Pläng kritt hätten, do si mir ganz enttäuscht, dass do keng Referenze komm sinn, wou mir eis kënnen drop stäipen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, weider Stellungnamen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Also ech hu mech mol déi lescht Deeg beim Joël Freitas iwwer dese Projet informéiert awéi gesot och wann näischt am Pluriannuel iwwer déi dote Mise en conformité stoung, ass et eng Saach déi elo muss gemaach ginn. Mir hu virdru ge-

schwat, dass mir gären iwwe all Informatik oprüsten an hei an do, mee ech denkwann een an engem Gebai ass, wat esou al ass awou e grouse Manktem un allem ass, dann ass et net fir do ze piddelen an erëm Leitungen op Botz ze knuppen. Déi Mise en conformité erlaabt et och de Volet Erneuerung vun der Informatik mat eranzekréien. D'Aarbechte während de Vakanzen, esou wéi mir et fréier gewinnt waren an de grouse Vakanze surtout ze profitéieren, ass an dem Gebai net méiglech well d'Envergure vill méi grouss ass. Et ass e groust Gebai an et ass liiert un e puer Problemer wéi zum Beispill deen, dass dat Gebai klasséiert ass. Dat hate mir schon d'lescht Joer gesinn, wéi mir iwwe de Sanitaire geschwat hunn. Dat war net evident fir do einfach drun ze knuppen, do huet ee missen den ale Stil respektéieren, dee richteg Choix vun de richteg Plättercher ze treffen, asw. Dofir also muss op déi Manéier zeréckgegraff ginn op de Container aus Bëtong oder dee modularen Holzmodell, dat ass nach net fest, dat gëtt eng Ausschreiwung an da gëtt et do entscheet.

Et ass esou, dass déi 2 Projeten, och de vum Danzsall fir d'Museksschoul matenee géifen ausgeschriwwen ginn, fir dass se openeen ofstëmmen, dat bedeit, dass wann een herno eemol deen een net méi brauch, dass een e kann ënnert enger anerer Form mat dem anere kombinéieren. Dat heescht, dass e kombinéierbar ass. Et ass elo net, dass een enger Firma X d' "Struktur Brill" gëtt an enger anerer Firma d'Struktur Danzschoul gëtt. Déi Ausschreiwung muss, wéi gesot matenee gemaach ginn. Do muss een elo waardewéi d'Offer kennt, ob et Bëtong oder Holz ass, mir kenne jo d'Holz vun eisem modularen Bau, dee mir op der Beetebuerger Strooss maachen, dat ass Zukunft. Dass se och kaf ginn, fannen ech eng exzellent Iddi. Mir haten och schon de Fall, ech erënneren un d'Container, déi mir kaf hunn Ufank 2000, wéi mir d'Maison Relais Strutzbiere gebaut hunn. De Block steet nach ëmmer do, an engem gudden Zoustand, mee dee Containersystem, deen hautzudaags virgeschriwwen ass, also déi Konditiounen, déi vun der ITM virgeschriwwen sinn a vun der Fonction publique, dat ass eng ganz aner Qualitéit. Déi huet sech an deene leschte 15-20 Joer verbessert.

Containeren, déi Modullen oder wéi mir se wëllen nennen, mussen isoléiert sinn, vun ënnen an awer och vun dotëscht. En plus ass eng Wunnraumléftung, eng WMC virgeschriwwen. Dat hu mir do uewen um Strutzbiere an deenen ale Containeren nach net gehat. An dann natierlech och déi Héicht vun 3 Meter muss respektéiert ginn. Dat heescht mir sinn also net an dem klassischen aleviereckege Containersystem. Och ass de Problem mat der Accessibilitéit an dat ass och en Deel vun der Mise en conformité, nach net definitiv gekläert.

D'Accessibilitéitsgesetz ass gestëmmt givirun net alt ze laanger Zäit. Dat heescht mir mussen am Schoulgebai Brill souwisou a villäicht och herno fir déi Containeren am Schoulhaff -fir se net ze grouss ze maachen, mussen se op 2 Niveaue gebaut ginn-, musse mir och villäicht do e Lift bäibauen. Dat hänkt elo dovunner of wéi d'ITM a Sécurité dans la fonction publique eis gesënnt sinn. Well dat keng Structure fixe ass, mee well et eng provisoersch Struktur ass, kréie, mir villä-

icht eng Dispense fir do e Lift net mussen anzebauen. Dat eenzelt wou mir mussen oppassen, dat ass wou mir d'Struktur setzen an da musse mir rechnen, wéi vill Fläch vum Schoulhaff Rescht bleift fir d'Schüler. Mir musse wëssen, dass do eng Norm ass fir vu 5 Quadratmeter pro Schüler als Spill- an Openthaltflächen. Da muss villäicht wéi och an der Gafelt oder um Deich, Pausen zäitversat ginn, dat heescht, dass een Deel vun de Kanner erausgeet an 20 Minutte méi spët deen aneren Deel. Domadder si mir an der Vergaangenheet eens ginn. Wéi gesot, de Virdeel ass, dass mir herno och en eegenen Heizsystem hunn, deen un de Chauffage urbain ugeschloss gëtt; d'Kanalisation gëtt un d'Kanalnetz vun der John F. Kennedy Strooss ugeschloss. Mir hunn den Avantage, dass mir kennen d'Schüler vu Balzeng e puer Joer eriwwer brénge kënnen bis déi nei Schoul do steet, an duerno kann dann déi Struktur ofgeriicht ginn an zum Beispill op NeiSchmelz opgeriicht ginn, fir net ze waarde bis mir herno erëm d'Waasser zum Hals stoen hunn an da soen oh nee, hätte mir elo schon hei eng Struktur, da géife mir den Deich entlaaschten an esou.

Dat heescht, et ass eng Zukunft do fir déi Struktur! A wann dann déi 350 Quadratmeter vun der Danzschoul, déi awer nëmmen op engem Niveau sinn, eng Kéier net méi gebraucht gëtt, wann déi herno kombinéierbar ass mat der Struktur Brill, da kënnen mir doraus en Turnsall maachen. Dat ass einfach dat wat ech fannen, dass déi Struktur eng néideg Saach ass, eng gutt Saach ass. Wa mir se kafen a mir brauchen se wierklech eng Kéier net méi, dann hu mir nach ëmmer d'Méiglechkeet fir se ze verkafen. Fir eis ass dat eng wichteg Saach, och wann de Montant am Ufank héich klénkt. Mir mussen déi Mise en conformité maachen, mir hunn och nach Verwendung vun der Struktur fir aner Projeten hannendrun an duerfir vun eis jiddefalls Approbation fir den Devis.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESTER): Merci Här Zueng, weider Stellungnamen?

MONIQUE HEINEN (DÉ GRÉNG): Merci fir d'Wuert, mir kréien de Punkt 2.10 vun de Finanzen zougeschéckt, deen awer iwwe 4,2 Milliounen Euro geet an dann hu mir 2 Säiten a mir wësse guer net ëm wat et geet, dann telefonéiert een eemol lénks, da riets fir dat iwwehaupt gewuer ze ginn, wat eis Gemeng do wëlle huet an d'Informatiounen sinn nach relativ vag. Sou wéi mir et verstanen hunn, sinn et jo dann dräi verschidde Projeten, eemol Renovatioun, also d'Mise en conformité vun der Schoul Brill, do huet d'Madame Di Bartolomeo elo gesot, dat wieren 8 Säll an da kéim d'Danzschoul hannendrun, ech mengen awer, dass et 6 Säll sinn also... Jo mee da steet et awer falsch am Enoncé.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESTER): Nee nee nee, 8 + 2.

MONIQUE HEINEN (DÉ GRÉNG): Ah OK gutt, voilà, also Museksschoul hunn ech mech dann och beim Direkter informéiert, et ass ebe well den Danzdepartement e grouse Succès huet an nach ëmmer Coursen dobäi kommen an si fanne keng Plaz méi an de Sportsinfrastrukturen. Si sinn elo am Hartmann an op Lenkeschlei an et gëtt ëmmer méi schwieereg do nach Plagen ze

fannen an dann ass natierlech den Inconvenient, dass déi Distanz zu der Museksschoul mënschlech a geografesch net optimal ass an de Wonsch ass dann den Danz-departement méi no un d'Mesekschoul bréngen an dee géif dann an der déi ancienne Centrale électrique ënnerkommen. Dat Gebai muss renovéiert ginn, dofir wier déi Iwwergangsléisung mat de Container dat krut ech alles erkläert, dat fanne mir och alles an der Rei an och déi al Industriesitte mat Liewen ze fëllen, besonnesch mat Musek an Danz vu jonke Mënschen, wéi mir dat och den Dënschdeg gesinn hunn, dat ass formidabel.

Dann, de Container fir de Brill, do hu mir eis dann och Froe gestallt, wann deen an de Schoulhaff kennt, da geet och Plaz verluer, do ass den Här Zuang elo schonn drop agaangen, dass et do och Norme ginn. Wéi ass dann de Phasage, dat sinn 3 Stäck, dat heescht, all Stack géif nach eemol eriwwer plënnere, wéi laang dauert dat dann?

Dann och d'Iwwerleeung, do gëtt de Schoulbetrib och gestéiert, et ass jo ëmmer Knascht a Kaméidi. Während de Vakanzewier et net méiglech an da kéim duerno nach Balzeng, déi 4 Klasse géifen dann eriwwer kommen an de Container, wann ech dat elo richteg verstanen hunn. Do war och eemol d'Iwwerleeung vun eis, ech weess elo net wéi dréngend, dass déi Mise en conformité wier, mee Balzeng hätt een och kënnen als éischt elo drunhuelen, well mir sinn elo awer ëmmer virbäi an hannerwidder mat Schoulraum, wann iergendwann A Bëlleg ugefaange gëtt, dat dauert dann awer e puer Joer bis Balzeng dru kennt an da muss Balzeng nach gebaut ginn, dat zitt sech nach laang, a wa Balzeng dann als éischt géif vergréissert ginn, dann hätt ee villäicht dann déi Schouklassen aus dem Brill pro Stack eriwwer op Balzeng huele kënnen. Bon, et wier eng aner Iwwerleeung gewiescht. Mir hunn eis also schonn e puer Froe gestallt iwwer déi Container, well de Käschtepunkt ass och net näischt. Mir hunn och aner Schoulen, déi al sinn, ech denken u Butschebuerg, Deich, Strutzbiërg, wéi ass et dann do mat der Mise en conformité? Ass dat scho geschitt oder kommen déi och nach drun? Wéi dréngend ass dat? Voilà, also mir stëmmen dat heite mat, sinn awer net frou iwwer den Oflaf, wéi dat presentéiert ginn ass, mee wann ebe keng aner Méiglechkeet ass, wéi déi Container ze kafen, dann ass et eben esou a mir stëmmen et mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, ech ka mech un e Koup Saachen uschlëssen, déi elo gesot gi sinn. Et ass effektiv en héije Montant an et ass guer kee Projet dohannert. Et sinn elo Containeren, wann een elo seet et ass kee grouse Projet mee et wier awer scho flott gewiescht, wann een do gewosst hätt, wat alles muss gemaach ginn, wann een déi zwou Saachen zesumme presentéiert kritt hätt. Et geet jo awer och net ëm näischt an eventuell och an enger extra Sitzung. Mir haten an der Finanzkommissioun kuerz driwwer geschwat, ech hat dat och esou verstanen, wéi wann dat e Container wier, dee wandert. Mee dat liicht engem an, et géif och laang dauere bis dat fäerdeg ass, et wier wuel ze laang fir d'Danzschoul bis Brill a Balzeng fäerdeg wieren, et geet guer net.

Ech soen och dem Här Zuang Merci fir seng Erklärungen, dat liicht engem an, dass een déi matenee keeft, et liicht engem och an, dass een se keeft an net lount, dat ass alles gutt. Mee et sinn e Koup Froen, och de Briller Schoulhaff effektiv, ech denken dat wësst Dir an do steet e groussen Challenge virun der Dier. Mir gleeuwen dat elo esou, dass dat muss séier gemaach ginn an dass et net ka just a Vakanze gemaach ginn, dat liicht engem och an, wann een ëmmer nëmmen zwou Wochen huet. Et ass e grousst Gebai, dat géif och vill méi deier ginn, ëmmer e Chantier ofriichten an opriichten. Ech wollt just eng kleng Ureegung mat op de Wee ginn: De Briller Schoulhaff ass jo wierklech eng Katastroph fir d'Kanner, dat wësse mir alleguerten. Et ass net schéin, et ass näischt Neies an et wier flott wann duerno, wann déi Containeren ofgerappt ginn a souwisou do geschafft gëtt, wann een dann envisagéiert, dee Schoulhaff méi kannergerecht ze maachen. Dass een sech dat da virun iwwerleet an dann net méi d'Prioritéit dem Auto gëtt virum Kand, mee villäicht probéiert wann dat alles fäerdeg ass, de Schoulhaff méi schéin ze maachen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Stellungnamen?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, just e klengen technesche Punkt: Et wier villäicht interessant, schonn an der Offer unzefroen, well ech weess net wéi Dir dat virgesinn hutt, mee fir d'Containeren no der Expo vun A op B ze deplacéieren, sou wei virgesinn. Villäicht de Fournisseur drop opmierksam ze maachen, well ech kennen e puer där Firmaen, déi esou Saache maachen a Verschiddener bidden dat un, wann et no X Jore soll deplacéiert ginn, dass een dat an de Präis scho mat era mécht. Dann ass och ze kucken, déi Containeren, déi meescht erfëllen de Kritär, mee dat déi no enger Economie-Circulaire opgebaut solle ginn. Ech zweifelen net un der Qualitéit vun den Containeren, mee villäicht nofroen ob dat och der Circularitéit entsprécht a wa mir zum Schluss vun der Liewensnotzung vun deem schouleschen Deel ukommen, kéinte mir eis Gedanke maache fir dat a Logement-d'urgencë ëmzewandelen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach weider Remarquen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech wollt nach d'Positioun vun der CSV kloerstellen, eise Sproch ass ëmmer "All Invest an d'Schoul ass e gudden Invest", deen droe mir och mat, mee wéi gesot, ech géif trotzdem d'Suggestioun maachen, dass mir awer nach trotzdem an engem informelle Gemengerot, dass mir erëm eng Mise au point géife gemaach kréie fir dass mir an der Oppositioun och wëssen, wéini wat geplangt ass, wat ass mat Balzeng geplangt, de Moie war am Haff en Niewesaz gesot ginn, Balzeng Maison Relais, dat gëtt eng Gréisst wéi Lenkeschléi, et wier interessant, ze wëssen, wéi een Impakt dat hätt a wéi och de Phasage ass. Do si vill Froen, déi eis och vu baussen zougedroe ginn, wann do elo déi Containeren stinn, da wëssen d'Leit och net wat leeft a mir wëllen et och gär wëssen, dofir en Appell un de Schafferot fir do eng Sitzung anzeleeën, wou mir eis och do kloer ginn, wéini wat gemaach gëtt an och d'Fro wéini ass wat geplangt, wéini geet et mat

Balzeng un, wou si mir do, ass do eng Etude de faisabilité scho fäerdeg? Mir hunn de Moie gesot, mir hunn Terrainen schonn, wéi wäit si mir do, huele mir do dee selwechte Bauhär wéi bei Lenkeschlei, gëtt et déi selwecht Formule, villäicht kann een dat 1 zu 1 iwwerhuelen, dat géif dann och villes méi bëlleg maachen. Voilà, do si ganz vill Froen an do wiere mir frou wa mir géifen à jour gesat ginn, mee wéi gesot, d'CSV dréit deen Investmat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, ech wollt e puer iwwergoend Remarquë maachen eier d'Claudia Dall'Agnol an d'Josiane Di Bartolomeo-Ries dann op d'Froen aginn., dass mir hei elo, also engersäits kann ech gutt no vollzéien, dass wann een den Devis kritt, dass een net draus erausliese kann, wéi eng Orientéierung dat heiten huet. Ech kann dat gutt no vollzéien, ech verstinn och déi konstruktiv Kritiken, déi gemaach goufe, déi huele mir gären op a kucken, dass wa mir esou änlech gelagert Situatiounen hunn, dass mir probéieren do esou wäit wéi méiglech en Descriptif ze kréien, fir dass se wëssen a wéi eng Richtung et geet, fir méi wäit auszehuelen an Erklärungen ze ginn. Ech verstinn, dass wann een dat liest a l'état brut, dass de Projet schwéier faassbar ass an ech mengen, dass do nach Sputt ass no uewen.

Dann, generell e puer Remarquen, dass mir fir dat heiten op Containeren zeréckgräifen, dat ass net well mir onbedéngt wëllen op Containeren zeréckgräifen, mee et ass well mir an enger Situatioun sinn, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries wäert drop agoen, dass mir e Courier hu vun der Sécurité dans la région publique an do muss een agéieren, wann een esou e Courier huet, well wann een do net agéiert, dann huet dat aner Konsequenzen, dofir si mir heihinner gaangen an huelen de Choix, dass mir och effektiv Containeren eraussichen, déi deen dote Besoin kënnen opfänken.

An op där anerer Säit, ausser ech géif mech ieren, hu mir och Etüde virgesinn, fir 2022 fir Balzeng, fir déi Planung och kënnen unzegoen a wou d'Containeren hëllefen, déi Phase transitoire, dass mir déi Planung vun der Schoul kënnen ugoen an dofir och d'Iwwerleeung vun der Circularitéit, dat ass alles schéin a gutt, mee hei gi mir aus enger Nout eraus, mir sinn hei forcéiert, op Containeren zeréckzepräifen, déi mir kafen, wa mir se dann herno sollten hale fir aner Plazen ze notzen, dat heescht de Volet vun der Circularitéit bleift, déi Ureegung wat den Transport ugeet, dat kann ee gären ophuelen an dat ass eng ganz positiv Ureegung, mee och all Interêt, dass wann se plënnere, dass se ganz bleiwen, dass se kënnen 1 zu 1 agesat ginn. Dat ass eng Suerg, déi mir hunn, dat wëlle mir ganz gär mat ophuelen, dat waren e puer iwwergeuerde Remarquen, déi ech wollt maache mat der Iwwerleeung, dass mir an Zukunft an zwee bis dräi Sätz kënnen erklärewourëms dee Projet geet.

Da ginn ech d'Wuert un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries fir d'Schoul an dann un d'Claudia Dall'Agnol fir d'Danzschoul. Merci

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Voilà, villmools Merci, mäin éischte Saz de moien iwwer d'Mise en conformité, do hunn ech lech gesot mir wäerten lech dat

présentéieren, mir hunn eng Etüd gemaach, Dir kritt dat gewisen. Firwat hu mir haut en Devis dra fir Containeren a firwat ass deen haut schonn dran a firwat kréie mir net méi Erklärungen. Wa mir eng Soumissioun maachen, dann hëlt dat Zäit a wa mir ufänke wëlle mam Brillgebai, fir ze renovéieren, musse mir déi Soumissioun elo iergendwann lancéieren. Mir mussen all Genuegung froen an eréischt da kënnen mir déi Containeren setzen.

Wa mir elo wëlle reagéieren an 2023 déi Mise en conformité wëlle maachen, musse mir déi Mise en conformité maachen, an et ass net, dass ech eppes wëll verstoppen, mee mir wäerten dat Ganz natierlech présentéieren, vu mir aus an engem informelle Gemengerot, ech hunn lech dat de Moie gesot an och déi Containeren, ech kann lech dat net présentéieren, mir waren dat kucken a mir wësse wéi eng qualitativ gutt Containeren mir wëllen hunn. Zu Schëffleng stinn se, Dir kënnt lech se gären ukucke goen, mee mir mussen eng Soumissioun maachen a mir mussen déi elo maachen, well wa mir se net maachen, da kréie mir d'nächst Joer gesot, Balzeng Dir hutt dat verschlof, Dir kommt do net virun.

Ganz éierlech, also et ass net béis gemengt, mee op der enger Säit hanks de, du muss eng Soumissioun lancéieren, ech hätt se och léiwer mat engem propperen Dossier présentéiert, leider hu mir den Dossier net, ech muss se awer an de Budget setzen, mir mussen den Devis stëmmen, soss kënnen mir dat net lancéieren a wann ech wëll virukommen, da maachen ech déi dote Prozedur. Ech entschëllege mech wann den Dossier net komplett ass, mee et ass eng einfach Erklärung, déi Mise en conformité, de Buergermeeschter huet et gesot, wéi mir d'Toiletten am Brill gemaach hunn, dat ass méttlerweil hir Reegel wann een iergendwellech Aarbechte mécht an engem Schoulgebai, sief dat um Strutzbierg den Daach ausbauen, sief et am Brill Toiletten, dann doen si eis Etüde maache fir eng Mise en conformité vum ganze Gebai, dat ass d'Konditioun.

Dat heescht, e Strutzbierg dierften mir elo net méi ausbauen a wann, da missten mir eng Mise en conformité maache vun deem ganze Gebai, vum Späicher bis an de Keller an dat ass hei am Brill geschitt, mir hunn eis missten engagéieren, dass mir déi Etüd maachen an da bannent 10 Joer muss dat ganz Gebai konform sinn. Dat erfannen ech net, dat hanks och net u mir, mee an Zukunft wa mir Aarbechten an engem Gebai maachen an ech soen lech, déi nächst Aarbechte kommen, Deich, Daach, da sidd Dir mam ganze Gebai bei enger Mise en conformité.

De Schoulhaff. Jo effektiv do hu mir eis scho vill Méi ginn, ech ka mech erënneren, ech hunn dee virun 10 Joer als Conseiller gemaach, wéi mir e flotte Projet stoen hate mat flotte Beweegungsspiller, do huet d'ITM gesot, Ah, d'Spill dierf just 10 cm vum Buedem ewech sinn, well soss kann d'Kand sech wéi doen. Mee d'iddi fir de Schoulhaff och méi naturno ze gestalten, ech weess net wien et sot, mir maache konsequent de Schoulhaff. Och dat wäerte mir maachen. Zu de Containeren, den Här Zuang huet et gesot, déi Containeren wäerten 2 Stäck ginn, dat heescht, de Buedem an ee Stack drop a fir de Rescht kann ech lech net méi Detailler ginn, net

aus Béisaartegkeet mee einfach well mir elo den Devis musse lancéiere fir d'Soumissioun ze maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Wéi gesot, wann et steet, kënnen mir lech de Plang weisen, wat mir hei hätte kënnen maachen, dat wier eng Skizz, dat hätten eis net weiderbruecht, mee wann de Projet bis steet, kënnen mir ganz gären an de Gemengerot kommen an lech dat weiderginn. Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Dat meescht ass gesot, souwuel vum Josiane Di Bartolomeo-Ries awer och den Här Zuang, d'Madamm Erpelding an d'Madamm Heinen hunn zum Danzdepartement dat gesot wat ze soen ass, mir ginn souzesoen an eise eegene Succès ënner. Dir wësst, wann eng Klass vum 1. Schouljoer an 2. Schouljoer kennt, kommen der ëmmer erëm bäi an dofir soen ech, et leeft nach vill Waasser d'Diddelenger Baach erof bis eng definitiv Struktur steet an an der Zwëschenzäit musse mir eppes hunn an dat doten ass déi Zwëscheléisung. Mee natierlech kënnen mir dat an engem informelle Gemengerot maachen, mee alles wat d'Danzen ubelaangt, gëtt an der Museksschoulkommissioun virgestallt esoubal mir do Land gesinn an da kritt och jiddereen déi Informatiounen, déi e wëll a brauch an esou wéi d'Madamm Heinen sot, eisen Direkter war direkt bereet, him Ried an Äntwert ze stoen. Wéi mir et elo maachen, dat kënnen mir nach gesinn, mee natierlech kritt Dir all déi Informatiounen, wou wichteg sinn soubal mir se hunn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, ech hunn do eng Fro déi sech enchainéiert mat der Mise en conformité, mir hunn zu Butschebuerg och schonn e Sall an d'Rei gemaach ech huelen un ass dat dat nächst wat kennt an déi 2. Fro ass zu der Danzschoul, do huet et geheescht mir renovéieren dat Gebai op NeiSchmelz a wéi engem Axe de temps hu mir wëlles do unzerappen? Warscheinlech elo net fir 2023 mir waarde mol bis mir de Wagonage an de ganze Buttek hu mee net, dass mir do och erëm da mussen dat hypothekéieren direkt händendrun, da muss ee kucken, wéi een dat mécht.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo et ass jo esou, dass dat Gebai, wou dann d'Danzschoul soll definitiv kommen, do muss een e puer Saache kucken, et reift sech an de Projet NeiSchmelz an an der Sanéierung, déi do muss stattfannen. Mir hunn do och e Gebai, wou de Fonds du Logement Propriétaire ass, mir hunn dem Fonds du Logement do ugemellt, dass mir gär klasséiert sinn an deem Gebai, do muss een en Transfert de propriété maachen, mir hunn elo mol bei engem Architektbüro ugeklappt fir einfach kënnen dat doten ukucken ze goen, wéi dat ausgesäit, dass een do och am selwechte Stil bleift wéi déi aner Gebaier, dass een dat einfach hält an am industrielle Charakter. Mee, wéi gesot, déi Planung muss ee kucken am ganze Projet NeiSchmelz, dofir ass et net onwichtig, dass mir déi provisoresch Struktur hunn, déi trotzdeem eng länger Zäit wäert do sinn, bis deen anere Projet ganz realiséiert ass, well dat ass e Gebai, wou nach aner Gebaier sinn, do ass eng Rei Parametere, déi mir bei deenen anere Gebaier hunn, wou mir do nach net sinn. Voilà.



CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Villäicht och do, wa mir do méi wäit sinn, wéi dat wat de Buergermeeschter sot, och dat kennt nach an eng Kommissioun fir dass jidderee ka matschwätzen an ofstëmmen, mee et huet kee Wäert, dass mir hei Infoe ginn, déi sech herno als net richtig oder net komplett erausstellen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Komme mir zum Vote: Wien ass mam Devis averstanen? **Dat ass unanime.**

2.13. Attributioun vun ausseruerdentleche Subventiounen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir eriwier op d'Attributioun vun de Subsidien. Hei ass dee Subsid, deen ëmmer am Budget ass, dee mir hei duerch de Gemengerot huelen, 30 000 Euro fir d'Asbl Diddeleng hëlleft, an eng Demande vum Turnveräin, fir en Déplacement ze maachen am Juli. Mir soen och dem lvi merci fir d'Presenz an hei fir den Diddelenger Turnveräin 50% vun den Déplacementskäschen e Subside extraordinaire vun 1 830,50 Euro. An nach de 50. Anniversaire vu Médecins sans frontières, dat wieren 3 000 Euro. Ass de Gemengerot mat deene Subsidien averstanen? **Dat ass unanime**, Merci. Da gi mir iwwer op den Office social.

3. OFFICE SOCIAL

Presentatioun vum Tätigkeetsbericht fir den Exercice 2020 an Approbatioun vum Budget rectifié fir den Exercice 2021 a vum Budget initial fir den Exercice 2022.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An domat kënnen mir op den nächste Punkt iwwergoen, den Office Social, d'Presentatioun vum Rapport d'activité 2020 an natierlech och d'Approbatioun vum Budget, d'Presentatioun an och d'Approbatioun vum Budget rectifié 2021 an dem Budget initial 2022. Ech begrëssen, wéi gesot, nieft dem President vum Office Social den elo d'Plaz kuerz gewieselt huet, de Romain Zuang, awer och d'Carole Wagener an och eise Chargé, de Marc Weis, si wäerten elo hei d'Presentatioun deementspreechend och hei maachen an Dir kritt elo direkt d'Wuert.

ROMAIN ZUANG (PRESIDENT VUM OFFICE SOCIAL): Jo Merci Här Buergermeeschter. Wéi déi lescht Joren hu mir lech d'Dokumenter am viraus jo och zoukomme

gelooss. An dëst Joer géif dann eise Chargé, de Marc Weis, dann duerch den Rapport d'activité féieren, grad wéi och duerch de Budget wou d'Carole Wagener hien dann assistéiert wann et och Froe ginn. Dofir, d'Wuert fir de Marc Weis.

MARC WEIS (DIREKTER VUM OFFICE SOCIAL): Et ass de Rapport d'activité vun 2020, dat wara e ganzt speziell Joer, dat gesäit een dann och duerch d'Pandemie an dat gesäit een dann och am Rapport d'activité vum Office social, fënnt dat sech rëm, Dir wäert gesinn, dass do eng Rei Saachen sech geännert hu par rapport zum Joer virdrun. Jo mir hunn e klengen Zesummeschnëtt gemaach vum Rapport d'activité, u sech fir déi Haapteckwäerter, déi eis betreffen, dass Dir déi elo presentéiert kritt.

Mir hunn – hei gesitt Dir u sech d'Zuel vun de Leit, déi op den Office Social komm sinn a kee Geld gefrot hunn, mee déi u sech eng aner Demande d'aide haten, fir iergendwéi gehollef ze kréien, fir orientéiert ze ginn, fir weider orientéiert ze ginn an do stelle mir fest, dass mir par rapport zu 2019 ronn 1000 Leit manner haten oder 1000 Demandë manner hate fir eng Demande administrative oder e Renseignement ze kréien, wéi dat Joer virdrun. Dat ass sécherlech doduerch z'erklären, dass mir, dass während dem Lockdown eng ganz Rei Administratiounen zou haten, dass se anescht funktionéiert hunn, et ass awer och, dass dann ebe méi iwwer Mail gaangen ass an esou weider. Et ass awer och doduerch z'erklären, dass mir u sech en Abroch haten an den Aide-matériellen, well den Cent Buttek an d'Kleederstuff, also de Kleederschaf an esou weider, déi aner Institutiounen, mat deene mir zesumme schaffen, dass déi zou haten an, dass mir missten och eben op aner Moyennen zeréckgräifen. Elo gesi mir dann, dass eben an deem dote Slide, dass, dat ass u sech d'Prestation-financieren, u sech déi Leit, déi Suen da sicke komm sinn, dass dat eben an d'Luucht gaangen ass par rapport zum Joer virdrun. Prestations financières accordées, mir ginn elo an den nächste Slide ganz geziilt op déi 3 Deeler an.

Mir hu par rapport zu 2019 ronn 20 000 Euro, déi mir méi ausginn huwéi 2019, an all den Hëllef, déi mir ginn hunn an dat ass proportional zu deenen 3 Domainen, zu Santé, Logement a Besoins quotidiens, déi sinn allen 3 d'nämmlecht eropgaangen. Am Prinzip huet sech do näischt geännert. Mee mir ginn awer lo, mir kucken se elo een nom aneren. An der Santé hu mir festgestallt, dass dat ëm 8000 Euro eropgaangen ass a komescherweis ass dat u sech e Montant, deen an den Hospitalisatiounen bäikomm ass. Mir hunn ebe Leit ënnerstëtzt, déi d'Hospitalisatiounsfrais net konnte stemmen. Mir haten dat Joer virdrun 5,8 % Hospitalisatiounsfrais, wou mir Leit ënnerstëtzt hunn an 2020 ass dat op 20% Prozent eropgeklommen. Et ass u sech de Montant deen ausmécht, dass de Santéberäich esou an d'Luucht gaangen ass.

Beim Logement, deen ass an d'Luucht gaangen, och ëm 8000 Euro. An dat ass z'erklären duerch d'Loyeren. D'Loyere sinn, déi Suen déi mir u sech ausginn hu fir d'Leit z'ënnerstëtze fir hire Loyer ze bezuelen ass och ëm dee Montant an d'Luucht gaangen. Et ass esou,

dass mir u sech festgestallt hunn, dass eng ganz Rei Leit während dem Lockdown, während der Pandemie, hire Loyer net méi konnte bezuelen, well se eben an de Chômage gerode sinn an esou weider. Mir haten och eng ganz Rei Leit, aus dem Horeca Secteur, déi u sech Kontrakter hunn, déi deelweis Kontrakter hunn, déi wann se an de Chômage falewou se dann net méi dat nämmlecht erauskréiwéi se virdrun haten. Duerch e Supplement, duerch d'Dréngeld an esou weider.

An do waren eng ganz Rei Leit, zumools an deem Secteur, déi esou prekär u sech Kontrakter haten déi u sech dann an eng Situatioun komm sinn, dass se hire Loyer net méi konnte bezuelen. De Rescht ass alles awer normal bliwwen. Ech hat virdu gesot, dass mir den, dass mir u sech d'Centbutteker zougaange siwährend der Pandemie, do konnt ee keng Leit méi hischécken. A bei deenen dote Slides gesi mir elo, dass u sech eis Besoins quotidiens enorm an d'Luucht gaange sinn. Also enorm, ëm 8 000 Euro bal, ëm 7 000 Euro, an dat ass duerch d'Alimentatioun. 2019 hu mir 9 000 Euro ausgi fir Bon-alimentairen. 2020 ass dat op 25 000 Euro eropgaangen. Dat ass u sech well d'Leit all déi Servicer, déi ronderëm organiséiert waren, wou mir d'Leit konnten hischécken, well déi net méi funktionéiert hunn a mir hu misse mat Bon-alimentaire schaffen, dat heescht de Leit Bonge gi fir an d'Supermarchéen, fir sech do anzelee mat lesswueren an esou weider. Dat ass en enorme Punkt, dee virdrun net waren.

Mir stellen awer och fest, den Transport ass erofgaangen ëm 3 000 Euro, well mir hunn e gratis Transport an Zwëschenzäit. Dat heescht, do hu mir praktesch keng Ausgabe méi an d'Frais-d'étuden, déi sinn och erofgaangen ëm 8 000 Euro, dat ass warscheinlech z'erklären duerch Homeschooling, Lockdown, duerch gratis Schoulbicher an esou weider, wou mir u sech do gespuert hunn. Mee et ass eben d'Alimentatioun, déi do gemaach huet, dass dat explodéiert ass, déi Besoin-quotidien. Jo. an den nächste Slide ass einfach fir kuerz ze weisen, wat mir un TPSen ausdeelen am Joer. Do ass et interessant, ze gesinn, dass mir eigentlech de Ratien zwëschent Mann a Fra, dass mir 86 Dammen hunn, déi en TPS froen an nëmmen 33 Männer. Dat ass dann eng Appreciatiounssaach, firwat komme Fraen éischer froe fir kënne bei den Dokter ze goen a fir kënne gehollef ze kréien, a Männer net esou? Dat ass eng Fro, eng Diskussioun, déi mir och hei op der Gemeng jo haten an der Journée d'études iwwert d'Männlechkeet.

Voilà, mir kommen elo bei d'Gestion financière volontaire. Et ass esou, dass den Office Social Gestioune mécht vun de Leit, also Gestion-budgétaire vun de Leit, wou se u sech d'Paie vun de Leit geréieren an hinnen hëllef fir eens ze ginn. E groussen Deel vun deene Gestion-financière- Volontairen, déi gi gemaach am Kader vun der Gestion locative sociale, dat heescht Leit, déi vun eiser GLS eng Wunneng zur Verfügung gestallt kréien. Et ass eng vun de Konditiounen, dass se och eng Gestion financière volontaire akzeptéieren. An am Graphique mierkt een dat och, dass eigentlech de Montant vun de Gestiounen, dee geet an d'Luucht mee u sech d'Titre-de-recetten, also d'Zuel vun den Titre-de-recetten a vun de Mandaten, déi geet erof. Dat huet einfach domadder ze sinn, dass mir méi Wunnengen haten, dass mir méi Leit

an de Wunnengen hunn, déi méi grouss Montanten, do gi Loyerer da bezuelt an esou weider an dann ass de Montant natierlech direkt méi grouss wéi wann een einfach e puer Rechnunge bezilt.

Et ass awer eben esou, dass eben duerch déi Wunnengen de Montant wesentlech an d'Luucht gaangen ass, ëm 100 000 Euro, déi mir bäikritt hunn. Mir hunn en ONIS Service an der Maison sociale mat 3 Assistant-socialen, déi ARIS sinn an déi u sech d'Leit begleeten, déi Diddelenger Leit, déi de REVIS kréien. Do hate mir 2020 ronn 113 Leit, déi fir hire REVIS schaffe gaange sinn am Kader vun engem Travail d'utilité collective. Dat ass, par rapport zu 2019, och wesentlech an d'Luucht gaangen. Et ass vu 84 op 113 eropgaangen. Dat huet awer elo näischt domadder ze dinn, dass eis ARISen elo anescht géife schaffen, dat huet einfach eppes mat der Reorganisatioun vun ONIS ze dinn. Si hu während der Pandemie d'Equipe méi kleng gemaach, si hunn se anescht verdeelt an doduerch konnten se, d'Leit sinn och manner Zäit schaffe gaangen, manner Stonne schaffe gaangen, an doduerch konnten och méi Leit dann integréiert ginn.

Wat nach opfällt, dat ass, dass d'Dispens op nëmmen 8 Leit erofgaangen ass, dat ass vun 30 op 8, dat ass och eng nei Politik vum ONIS, déi eigentlech elo ufänken, d'Leit net méi an d'Dispens direkt ze setzen, mee d'Leit an eng Mesure de stabilisation ze setzen, wat dat nammlecht ass mee wat ebe keng definitiv, keen definitive Statut ass, mee d'Leit ginn dann ëmmer rëm evaluéiert ob se kënne schaffe goen oder net. Voilà, ee vun deenen Haaptsubjeten, wou mir an de leschte Méint vill driwwer geschwat hunn a vill drop geschafft hunn, dat ass de Logement. 2020 hate mir ronn 72 nei Demandé fir eng Gemengewunneng ze kréien, also fir am Kader vun der GLS eng Wunneng ze kréien.

Mir haten d'Situation financière vun den Demandeuren, dat ass relativ erstaunlech, wann ee gesäit, dass 38% vun deene Lei op mannst een CDI hunn am Menage, an et awer net fäerdeg brénge fir um normale Marché eng Wunneng ze fannen, wat eigentlech erschreckend ass, well een éischter jo dovun ausgeet, dass et Leit sinn, déi net esou gutt, déi ebe prekär Kontrakter hunn oder esou, oder guer kee Kontrakt, mee wann een da gesäit, dass dat 38% Leit sinn, déi e festen CDI hunn, op mannst een, an déi et awer net fäerdeg bréngen, dann ass dat schonn eng komesch Situatioun.

Eng aner Saach ass d'Situation familiale vun den Demandeuren. Do gesi mir natierlech, dass 71% vun de Leit, déi eng Demande maachen, dass dat Famille mat Kanner sinn. Ech stelle fest, dass mir ëmmer méi Famille mat Kanner hunn, well et ëmmer méi schwiereg ass Wunnengen ze fannen zu engem abordabele Präis, wou een zwou, dräi Kummeren huet. Dat ass bal net méi ze stemme mat enger Paie oder wéi och ëmmer an dat ass och explodéiert an der leschter Zäit. Mir hunn souguer Leit, déi 4 Kummere brauchen oder sou, dat ass praktesch net méi ze fannen oder ganz schwéier.

Dee leschte Slide, dee mir hei virgesinn hunn, dat ass eigentlech just fir ze weisen, dass mir vun 2018 bis 2020 eise Wunnengspark wesentlech an d'Luucht

gaangen ass, zumools dee vun de Gemengewunnengen, dat ass stabil bliwwen, mee vun de private Wunnengen, déi mir am Kader vun der GLS elo verwalten, dat huet virun allem awer domadder ze dinn, dass e ganz groussen Deel iwwert de Kierchefong konnte lounen an och ebe well effektiv ëmmer méi Leit eis Wunnenge proposéieren, déi mir da kënne iwwerhuelen. An dat ass eigentlech eng gutt Evolutioun, mee et geet nach net duer. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir d'Presentatioun. Da géinge mer weiderfuere mam Budget.

MARC WEIS (DIREKTER VUM OFFICE SOCIAL): Do fänke mir u mam Budget rectifié vun 2021. Do hu mir am Ordinaire, mir fueren zu no Konventiounen, do hu mir am Ordinaire an der Konventioun 0, dat ass déi Konventioun wou vun 50% vun der Famill a 50% vun der Gemeng iwwerholl gëtt, do hu mir an de Recetten an an den Depensen 1 074 000 Euro. Dann an der Konventioun 1, dat ass deen Deel, deen zu 100% vun der Gemeng iwwerholl gëtt, do hu mir 899 000 Euro an de Recetten a 654 000 Euro an den Depensen. Do ass dann e Resultat vun 244 000 Euro, dat ass z'erklären duerch d'Participatiounen vun den Oeuvres Grande-Duchesse Charlotte, déi mir all Joers kréien, wou mir awer ni am virus wëssen, wéi vill datt dat ass. Dann hu mir d'Konventioun 2, dat sinn d'Aides contre remboursement, also d'Avances remboursables an d'Gestiounen, déi mir hunn an, mir haten dat jo elo gesinn, dat si Recetten an Dépense vun 1 660 000 Euro. An der Konventioun 3, dat gëtt 100% vun der Famill iwwerholl, dat si 500 Euro, dat sinn d'Secours humanitaires, urgents, exceptionnels. Dat ass u sech wann eppes hei géif geschéie mat Leit, déi net vun Diddeleng wieren, wann e Bus géing bäigoen oder ech weess net wat, wou een direkt misst intervenéieren. An dann hu mir eng Konventioun 4, dat ass eben den ONIS, d'Konventioun, déi mir mam ONIS hunn, d'Personnel an d'Frais de fonctionnement vun eisen ARIS Leit, déi beleeft sech op 341 000 Euro. An dann hu mir eben d'Konventioun 7, dat sinn d'TPSen, dat gëtt integral vun der Santé iwwerholl an dat sinn 20 000 Euro. Do hu mir an de Recetten am Total 3 994 706,88 Euro an an den Depensen 3 750 005,32 Euro, déi presuméiert si fir 2021, dat beleeft sech dann op 416 551,69 Euro. Am Extraordinaire ass just d'Konventioun, déi zu 100% vun der Gemeng iwwerholl gëtt. Déi beleeft sech an den Recetten an an den Depensen, op 1 428 000 Euro. An do hu mir dann e Boni présumé vu 501 680,59 Euro.

De Budget elo vun 2022. Do hu mir am Ordinaire fir déi Konventioun 50% Famill 50% Gemeng 1 046 128 Euro virgesinn an de Recetten an an den Depensen. D'Konventioun 1 mat 100% Gemeng, do hu mir an den Recetten 972 700 Euro virgesinn an 778 700 Dépense virgesinn, mat engem Resultat vun - dat sinn rëm déi vun der Oeuvre Grande-duchesse Charlotte - 194 000 Euro. An der Konventioun 2, also d'Aide contre remboursement, also d'Avance remboursable mat de Gestiounen, hu mir 1 655 000 Euro an den Depensen an an de Recettë virgesinn. D'Konventioun 3, 100% Famill, do bleiwe mir bei deene 500 Euro. D'Konventioun 4, déi 100%, déi mir vum ONIS kréien, dat sinn déi 343 585 Euro an de Recetten an an den Depensen. An d'Conventioun 7,

d'TPSen, do hu mir 20 000 Euro, do bleiwe mir bei 20 000 Euro. Dann hu mir en Total unhand vun de Recettë vun 4 037 913 Euro an an den Depensen 3 843 913 Euro. Den Ënnerscheed sinn dann déi 194 000 Euro vun den Oeuvres Grande-Duchesse Charlotte. De Boni présumé fir 2022 beleeft sech dann op 610 551,69 Euro. Am Extra-ordinaire, d'Konventioun 1, 100% Gemeng beleeft sech an de Recetten an Depensen op 1 554 Euro. Do komme mir dann op 501 680,59 Euro. Lo fir den Detail vun der Konventioun O, dat ass jo déi, déi u sech d'Gemeng intresséiert, wou d'Participatioun vun der Stad Diddeleng eben dran ass. Do ass am Budget rectifié vun 2021 virgesinn - d'Participatioun vun der Gemeng Diddeleng, beleeft sech op 527 079, 25 Euro an dat ass dann eng Moyenne, eng Participatioun vun der Gemeng vun 24,76 Euro pro Awunner, pro Diddelenger Awunner.

Am Budget 2022 ass d'Participatioun vun der Gemeng dann op 513 64 Euro ugesat, dat ass dann eng Participatioun déi lichter erofgeet vun 23,85 Euro. D'Participatioun vun der Gemeng ass da folgendermoossen opgedeelt: An den Depensen, an der Konventioun O, do sinn d'Organes politiques, déi op 12 500 Euro bleiwen, dat sinn d'Jetons de présence vum Conseil d'administration an d'Indemnisation vum President. Dann hu mir d'Coordination administrative, dat ass haaptsächlech Personal, also wat d'Personal administratif kascht. Dat sinn 258 920 Euro. An d'Aide aux nécessiteux dat si 774 708 Euro, dat gesi mir, ënnen ass dat opgelëscht wou mir d'Frais de fonctionnement hu vun 114 908 Euro, dat ass eben d'Maison sociale. Dann hu mir de Personnel social engagé par l'office social, dat sinn déi Assistantes sociales, déi iwwert den Office Social agestallt sinn. Dat sinn 251 000 Euro.

Dann d'Personal, dat iwwert d'Gemeng agestallt ass, wat dann awer refakturéiert vun der Gemeng gëtt, dat sinn 255 000 Euro. Da bleiwen nach d'Aides aux personnes en besoin, dat sinn 153 800 Euro, dat mir do agesat hunn. Dat sinn u sech déi Secoursen, déi net rembourséiert ginn. Dat sinn u sech déi Secoursen, déi d'Leit kréien, fir déi mir kee Remboursement zeréckkréien. Dann de Budget vun der Konventioun 1, 100% Gemeng, dat ass d'Coordination administrative, dat sinn d'Bonifications d'intérêts, déi 500 Euro. Dann hu mir Aides aux nécessiteux, dat sinn, do fale just d'Frais de fonctionnement drënner, dat si Cotisations, déi mir als Office Social musse bezuelen an esou Geschichten. An dee gréisste Punkt ass do de Logement à prix réduit. Dat ass u sech d'Fonctionnement vun eiser Gestion locative sociale, wou en Deel Personal dran ass vun eiser GLS, awer virun allem dann d'Loyeren an d'Chargen, déi mir un d'Propriétaire bezuelen. Voilà, deen ass eben och an d'Luucht gaangen, well mir ebe méi Wunnengen ze geréieren hunn. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

ROMAIN ZUANG (PRESIDENT VUM OFFICE SOCIAL): Domadder wäert mir duerch déi 2 Presentatiounen do-duerch. Solle mir déi elo getrennt huelen, d'Froen iwwert de Budget elo an herno d' Froen iwwert de Rapport d'activité?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Wéi all Kéiers mengen ech, dass mir dat zesumme sollen huelen, well sécherlech d'Kollegen hei aus dem Gemengerot Froen zu deenen zwee hunn an et huet kee Wäert, dat separat ze maachen, ech mengen, mir sollen dat zesummen huelen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci. Dierft ech just eng Bemierkung maachen. Ech sichen hei wéi blöd mee ech fannen déi doten Tableaux néirens a mengem Dossier. Ass et vläit méiglech, dass Dir mir déi och schéckt? Well ech kann net matstëmmewann ech déi Zuelen net esou an der Synthesen vun engem Tableau hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat do ass eng Opbereedung vum Budget. Et ass wat, ce qui fait foi ass de Budget. Dat do ass just eng Opbereedung fir et verständlech ze maachen. Dat do ass näischt Obligatoresches.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Et ass awer méi flott z'iwwerkuckewann een dat doten huet wéi wann ee muss an dem ganzen Dokument nosichen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): De Vote soll net ofhängeg sivun der dote Presentatioun. Dat heissen ass gemaach gi vum Office Social fir lech et ze facilitéieren. Wat ausschlaggebend ass ass de Budget. Si hunn sech elo vill Méi gemaach dat doten hei esou ze presentéieren, si hunn sech vill Méi gemaach dat heissen opzebereeden... Dir kënnt et nogereecht kréien, ech mengen dat ass kee Problem.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Wichteg ass dass all Member jo awer trotzdem d'Integralitéit gesäit. Et ass grad wéi beim Rapport d'activité. Hei si jo och nëmmen eng Partie vu Sliden erausgeholl ginn, déi ons wichteg schéngen. Wann awer nach Froen iwwert déi aner sinn, dat ass keen Thema. Mee beim Budget ass et awer wichteg, dass Dir och all Detail hutt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also et kann een et gären noschécken, ech mengen dass dat jo kee Problem ass. Soss weider Remarken, Froen?

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffchen – a Gemengerot, Merci mol fir déi flott Presentatioun. Ech wollt just e puer Punkten eraus gräifen, well meng Fraktiounskolleegin, d'Madamm Kayser hält och nach d'Stellung. Einfach Saachen, déi mech och, wéi seet een dat, jo interpelléieren. Dat sinn engersäits och déi Santésausgaben. Dat gëtt wierklech ze denken, well wann esou vill, also Hospitalisationskäschte méi mussevirstreckt ginn oder carrement bezuelt ginn, ech huelen un dat si Leit déi dann a kénger Sécurité sociale sinn. Dat wier vläit gutt, dat eng Kéier ze wëssen, wann dat eng Augmentatioun ass vun 20%. An elo wollt ech am Fong do dat a Verbindung setze mat der Deklaratioun wou de Staatsminister gemaach huet zu der Lag vun der Natioun, well jo och eng Volontéit do ass vun der Regierung fir dann déi Leit ouni Sécurité sociale, fir déi mat an d'Boot ze kréien. Ob dat da kéint effektiv e groussen Impakt dann hunn. Ob Dir do vläit schonn dann

Detailer hutt. Bon, an déi selwecht Bréch geet och déi Sach vun den Tiers payants social déi och héich leien an och dann iwwer 60% Fraen do touchéiert sinn. Dat wäerten da warscheinlech meeschtens Monoparentaux sinn, huelen ech un, mee dat kënnt Dir mir awer gäre bestätegen. Dat si scho Saachen, déi engem Suerge maachen, nieft och der Problematik vum Logement wou ee jo dann och hei op dem Niveau mierkt wéi schwéier et ass fir d'Leit och nach – working poor genannt kann ee bal soen – déi also reegelrecht der Aarbecht noginn an déi trotzdeem hir Wunneng net méi kënne bezuelen, dat oder déi Schwiereregkeeten hunn d'Enner eben zesummenzekerien, an ech ginn dovun aus, dass dat och mat der Pandemie ze sinn huet oder, dat kënnt Dir mir awer gäre confirméieren, well do si jo och Perté gewiescht vu Revenuen, déi sinn zwar deelweis kompenséiert gi mee et sinn awer Leit déi aus dem Horeca-Beräich déi awer elo net esou vläit ënnerstëtzt goufen an dem Domaine, bon dat, ça reste à voir, mee dat si jo och Chifferen, déi een interpelléieren.

An dobäi hätt ech och nach eng Remark oder eng Fro zu den Aides directes un d'Necessiteuxen. Mir haten de Moie bei der Presentatioun vum Budget Rieds och vun den Informatiksinvestissementer déi an de Schoulen an d'Luucht ginn an ech hu mir och d'Fro gestallt : Et gi jo och Kanner aus Famillen déi eben net esou gutt gestallt sinn, déi jo awer och elo missen an der Pandemie op Informatikmaterial zeréckgräifen an sou, ass dat éischer en Impakt, dee bei lech elo ukënnt, hutt Dir och esou Fraisen dorënner gehat oder ass dat dann éischer iwwert den Schoulberäich, wou dat leeft, dat wier och nach intressant ze wëssen, well wéi gesot, do kann, ech weess och pertinemment vu verschiddene Famillen, déi sech ebe kee Laptop oder Computer kënne leeschten. An zumools wann eppes esou séier kënnt wéi déi Pandemie do, déi haten dann och aner Suergewéi dat an si hunn awer missen, also dat ass schonn och net esou einfach als Challenge nieft vläit der Wunneng déi och ze enk ass, fir dann dat och geréiert ze kréie mat dem Unterrecht iwwer Distanz. Voilà, dat war just eng oder déi aner Remarken a Froen déi ech dozou gehat hat an, wéi gesot, Merci fir d'Presentatioun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buegermeeschter. Jo meng Fraktiounskolleegin huet schonns ganz vill gesot, virun allem och de Point gemaach op d'Kanner an och d'Fraen an d'Famille-monoparentallen, déi sinn ugeklungen. Dat ass och ganz flott wann Dir kuckt, hei an Ären Relevéen, dass Dir dat och ëmmer opgezielt hutt, dass insgesamt zum Beispill beim Logement social, dass mir do 55% Monoparentaux hunn an dovunner sinn 115 Kanner betraff déi mir logéieren. 71% sinn d'Famillje mat Kanner an dat ass e grouse Problem och bei der Allocation compensatoire, do ass jo och déi Demande fir d'Prime postprimaire, déi kréie jo nëmmen d'Familljen, déi wierklech och an engem relativ niddregen Akommes-Niveau leien. Dat sinn awer 269 Kanner déi an enger Famill wunnewou awer esou d'Enner mussen zesummengehalen gi fir dass se awer dierfen och an de Genoss kommen dierfen, entre guillemets, an de Genoss komme vun der Prime postprimaire

an dat ass och genau dat och wat d'Madamm Andrich gesot huet och, déi Saache wéi d'Prime postprimaire dat ass elo fir d'Lycéesschüler an awer och am Primaire wësse mir och, dass do och Leit sinn déi effektiv och keen Tablet oder esou hire Kanner kënne kafen. Interessanterweis war haut an der Zeitung och den nationale Bildungsbericht 2021 nozeliesen.

Deen ass virgestallt ginn an do kënnt eppes wat eben extrem wichteg ass, wat mir wierklech net dierfen aus den Ae loossen, "die Pandemie verstärkt die Ungleichheit, es besteht mehr Handlungsbedarf als je. Schüler, die zu Hause weder Luxemburgisch noch Deutsch sprechen und aus sozial benachteiligten Familien kommen, haben sich in allen untersuchten Kompetenzen zum Beispiel weiter verschlechtert, durch die Pandemie. Die soziale Schere im luxemburgischen Bildungssystem geht weiter auseinander. Die Leistungsunterschiede zwischen den Schülergruppen wachsen. Luxemburg ist sprachlich und kulturell diverser geworden, in wirtschaftlicher Hinsicht aber auch ungleicher". An ech denken, dat ass och eppes wat mir wëssen, ech mengen Dir mierkt dat och, wann d'Elteren Suergen hunn, wann d'Eltere mussen d'Enner zesummen halen, dass se en Daach iwwert dem Kapp hunn, working poor ass virdrun ugeklonge ginn, majo déi Leit déi rutschen an eng Hoffnungslosegkeet, an eng Depressioun oft an hir Gedanken dréinen ëmm Wéi kréien ech d'Enner zesummen?, déi hunn och keng Zäit hire Kanner owes eng Geschicht virzeliesen, déi hu keng Kraaft méi do derzou, well se hir Kraaft mussen opwenne fir aner Saachen ze maachen.

A wa Kanner net gefërdert givu ganz klengem un, dann ass et immens schwierig fir herno an der Schoul, soe mir mol sou, déi Ongläichheet rëm opzefänken. Ech denken do kënne mir nach esou vill Pisten ugoen, wéi den Här Meisch, dee mengt dann, dass et hëllef gëif wa mir méi eng franséisch Sclarisatioun gëife brénge mat internationale Schoulen, dat ass säin Dadda e bëssen, mee ech weess net ob dat wierklech der Saach hëllef. Ech denken, déi Famillen déi musse mir stärke vun Ufank un, deene Kanner hir Eltere musse mir stärke, hinnen e Logement sichen, Aarbecht sichen, mussen se ënnerstëtzen, dass se iwwerhaupt mol assuréiert sinn, an ech fannen et do einfach, dat ass just dat wat ech wollt soen, sinn ech immens frou, dass mir hei zu Dideleng en immens abordabelen Office Social hunn, dass se hir sozial Aufgab ganz seriö huelen, dass se ganz mat Feingefühl a mat ganzem humanisteschem an humanitärem Approche den Eltere begéinen an hinnen hëllef an dofir felicitéieren ech och lech als Representanten, huet dat och wannechgelift mat un all Är Mataarbechter, fir déi Mënschlechkeet an déi Abordabilitéit an déi gutt Aarbecht déi Dir mat, well ech denke mir mussen eis virun allem asetzen, dass mir d'Kanner an déi Famille mat de Kanner esou gutt wéi méiglech encadréieren, stärke an hinnen hëllef, e bessert Liewen ze kréien, méi en einfacht Liewen ze kréien, well déi Kanner déi an der Armut oder an der Precaritéit opwuessen, déi hu keng Chancen an déi kommen do och net eraus.

An do kënne mir nach esou vill förderen a mir kënnen och nach esou gutt Maison Relais ubidden, wat sécher richtig ass, wat och gutt ass, mir kënnen och gutt an

eisen Schoule probéieren se ze fërderen, mir kënnen de Precocé nach ausbauen, dass mir nach Kanner kréien déi esou fréi wéi méiglech Lëtzebuergesch leiern fir her- no an der Schoul net d'Schlappen ze verléieren, mee et ass wéi gesot den Encadrement vu ganz klengem un an dat heescht d'Stärkung vun de Frae virun allem, vun de Fraen, mir hunn et jo gesinn, et sinn och déi, déi haapt- sächlech op den Office Social duergehn, ass immens immens wichteg wa mir eben dat Auserneendrive wëlle vermeiden. Verbessert kréie mir et net mee awer vläit gebremst. An, et ass ugeklungen, de Logement ass e grouse Problem mee awer och virun allem déi Situa- tioun mat de Working poor wat ganz dramatesch ass, ass e grouse Problem.

Ech wollt awer och nach ganz kuerz drop agoen, wat ech ganz gutt fannen, dass mir och eng Guidance ma- chen, dass mir net nëmme pécuniaire Hëllef ginn, mee awer och eng Guidance maachen, och wat mech och e bëssen erschreckt huet, dat ass awer 1515 Demande- administrativ kouden och fir Formulieren auszufüllen. Dat ass och eppes wat mir net dierfen aus den Ae ver- léieren, well mir ebe vill Leit hunn, déi deenen 3 Sproo- chen déi bei eis üblech sinn net mächtig sinn, déi sinn iwwerfuert. Och zum Beispill, ech hu gemierkt bei menger Clientèle, dass der ochwarren déi mol net sech konnten umelle fir eng Impfung well se net verstanen huwéi dat sollt goen. Dat sinn alles Saachen, do ech hunn se och alt do op den Office Social geschéckt an si kruten och do geholfen.

Ech mengen och genau déi Saache fir sech unzemellen am Precocé, do mussen mir eis och bewusst sinn, dass vill Leit net nëmme d'Sprooch net kënnen mee zum Bei- spill och illettrés sinn oder och, wéi gesot, mir müssen och kucken, dass mir eis Publikatiounen an einfacher Sprooch oder mat Pictogrammen och weisen. Ech men- gen, dat ass jo och sécher eppes wat Dir och bemierkt, dass d'Leit mol net à même sinn, dat ass keen schlechte Wëllen, dat ass einfach déi Leit hunn aner Suergen am Kapp an déi hunn och vläit net déi Méiglechkeete mat op de Wee kritt fir sech an eise administrativen Dschungel zurechtzufinden an do fannen ech et einfach och wichteg an och gutt, dass Dir deene Leit och eng Hëllefstellung gitt, ganz onbürokratesch, an ech denken dat ass och eppes wat déi Leit einfach och wäertschät- zen awat mir och wäertschätzen, dass Dir dat maacht, also dofir wéi gesot Felicitatiounen. Ech kéint elo nach ganz vill soen, mee et ass schonns vill gesot ginn, Dir maacht eng gutt Aarbecht aweider esou a mir ënners- tëtzen iech. D'CSV huet och den S an hirem Numm an dofir all Invest, et ass wéi mat den Schoulen, mee all In- vest an dem Office Social an an eis sozial Beméiungen, déi givun eis och matgedroen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEISTER): Merci der Madamm Kayser.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci Här Bürger- meister fir d'Wuert. Ech wëll och nach vun der LSAP hei e puer Wieder lass ginn oder e puer Remarken. Ech sinn nëmme en einfache Member am Conseil d'admini- stration vum Office Social an dofir wëll ech och vun ei- ser Säit aus e ganz ganz décke Merci un déi ganz Equipe do uewen an der Maison sociale weider ginn, well et sinn

d'Assistenten, mee et ass och déi ganz Cellule Loge- ment, et sinn d'Leit, déi sech méi ëm d'Administratioun këmmen, ëm Comptabilitéit, natierlech och de Romain Zuang, de Conseil d'administration. Mee do gëtt sech schrecklech vill engagéiert an ech wëll och hei nach eng Kéier soen, well dat dann och vläit dobaussen net ëm- mer esou kloer ass, mee de Conseil d'administration, dee kuckt déi Dossieren all eenzel. Ech ginn hei net drop an op déi Detailler, mee hei gëtt net esou Null Acht Fünf- zehn gekuckt mee dat sinn alles eenzel Schicksaler an eis Gesellschaft ass ebe fir d'Norm gemaach, an do sinn awer vill Leit déi passen net an déi Norm. Entweder duerch Schicksalsschléi, duerch hire Liewenslaf, duerch hir Experienze déi se gemaach hunn, wat se fir e Baga- ge matbréngen a jee. Op alle Fall falen déi dann iergend- wéi do duerch d'Raster wat eis Gesellschaft esou vir- gesäit fir ze funktionéieren an dann ass et super wann een esou en efficace an effizient Office Social huet wéi mir dat hunn, an dofir nach eng Kéier och vun der LSAP aus nach e ganz häerzleche Merci an d'Maison sociale.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEISTER): Merci fir déi doten Zoustëmmung. Nach weider Stel- lungsnamen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Mir felicitéieren fir déi gutt Aarbecht, déi am Office So- cial geleescht gëtt. Merci fir d'Presentatioun hei am Gemengerot, der Madamm Wagener fir d'Comptabilitéit an d'Erklärungen dozou, un den Här Jacques Hansen och fir d'Graphiken, de Rapport d'activité an alleguer déi Erklärungen. Eis Mercie ginn och un d'ganzt Per- sonal vun der Maison social, a virun allem och un eis Assistante-socialen, do wollt ech awer mol froen, sinn dat lauter Dammen oder gëtt et och Härre bei deenen Assistenten, ginn et och Männer? An un den Här Zu- ang fir seng Aarbecht als President. E Merci awer och un allegueren déi, déi sech benevole engagéieren. Ech denken do un déi Leit, déi am Cent Buttek zum Beispill schaffen. An e leschte Merci geet un d'Madamm Go- ergen, déi eis jo, déi Déi Gréng vertritt am Conseil an do, mengen ech, och eng ganz gutt Aarbecht mécht a mech och elo hei e bësse beroden huet well dat heiten ass elo déi éischte Kéier, wou ech Stellung huelen zum Office social.

D'Situatioun vun 2020 war eng aussergewöhnlech, wéinst dem Lockdown, an dat huet sech niddergeschloen an der ganzer Aarbecht vum Office social. Déi Schwan- kunge waren alles Konsequenze vun de Konsequenze vun der Pandemie, wéi mir elo erkläert kruten, ganz logesch. Den Office Social war zu all Moment besat. Et sinn och Clientë gesi ginn. Et si Plexiglasscheiwen installéiert ginn an d'Berodung ass och iwwer Telefon gelaf. De Ver- waltungsrot ass riicht weider zesummekomm. Et sinn am März 33 Dossiere beschwat ginn, 45 am April an 48 am Mee. 2020 ass och den Transport gratis ginn, wéi mir dat och scho gesot kruten, an déi Ausgaben, déi soss ugefall si fir de Leit en Abonnement ze bezuelen, sinn ewechgefall. D'Zuele si quasi iwwerall erofgaangen, ausser beim Logement a bei deem wou et huet mis- sen ausbezahlt ginn als Hëllef fir alldeeglech Ausgaben. An deem Joer war den Cent Buttek zu Beetebuerg vu Mëtt März bis Ufank Juni zou an de Kleederschaf zu Fréiseng war och eng Zäit zou. Doduerch hu misse méi

deier Bon-d'achaten ausgestallt ginn. Interessant sinn d'Zuelen zu der Insertion professionnelle. Et fält op, dass d'Zuel vun de Leit, déi en Travail d'utilité collective maachen, stagnéiert. Dat si Leit, déi net iwwert d'ADEM kënne placéiert ginn, mee sollen un d'Schaffe bruecht ginn. Leider ass de System komplizéiert well d'Leit ëmmer mussen encadréiert ginn.

D'Logementspolitik vun der Gemeng baséiert op 2 Modeller. D'Logementer ginn offréiert à court terme, also maximum 3 Joer fir déi Leit, déi e Projet hunn a spueren solle fir erëm um normale Marché eppes ze fannen. Da gëtt et elo e Service Logement, dee Logementer nom Prinzip vum Gesetz vun 1979 verlount. Do gëtt genee festgeluecht, wéi prioritär ass fir esou eng Locatioun a wéi vill ze bezuelen ass. Dat gëtt par rapport zum Revenu gerechent. D'Gemeng kann och d'Prioritéit den Diddelenger Bierger a Biergerinne ginn. Déi Leit musse weder e Projet hunn nach eng Gestion financière agoen. Ausserdeem kritt d'Gemeng Wunnenge vu Privatpropriétaires, an ech mengen och vun der Kierchefabrik, wann ech dat elo richteg verstane hunn, zu Verfügung stellt a fungéiert als Intermédiaire. Eng technesch Ekip suert duerfir, dass d'Wunnengen an der Rei bleiwen. Eis Gemeng huet do Nachholbedarf am Verglach zu der Stad an Esch, déi vill Sozialwunnenge verlounen, an och par rapport zu Déifferdeng, déi scho laang e Service hunn, dee mir elo opbauen. Am Budget ass och ëmmer de Montant vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte, dat ass eng Inconnue. Een Deel dovunner gëtt ofgezweigt fir d'Wunnengen.

Dat lescht Joer ass d'Allocation de vie chère verdoubelt ginn. Dëst Joer huet de Staat 10% méi ginn an d'Gemeng parallel och. Am Joer 2022 ginn et am Gemengebudget 200 Euro pro Stot méi, fir den Impakt vun deene méi héijen Energiepräisser ofzefiedere. Zanter geschwénn 2 Joer hu mir eng sanitär Kris, eng Logementskris, déi d'Schéier zwëschen aarm a räich ëmmer méi grouss mécht. Dobäi kommen och nach fatzeg Haussé vun Energiepräisser an d'Waasser gëtt och nach méi deier, wéi mir haut ofgestëmmt hunn. Menschen um Existenzminimum, déi sech bis elo net getraut hunn an der Maison sociale, wéi den Här Mandercheid de Moien sot, unzeklappen, komme vläit d'nächst Joer net méi dolaanscht, dee Schratt ze maachen. Eis Office Social ass gutt opgestallt fir Hëllefstellung ze ginn. Mir stëmmen dee Budget mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci villmools Madamm Heinen.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci Här Buergermeeschter. Jo, ech wëll mech dann och de Mercien uschléissen an als alleréischte Merci fir den ausféierlechen Aktivitéitsbericht, de Budget an och d'Presentatioun hei. Et ass ganz detailléiert mat villen Explikatiounen an dat ass sécher ganz vill Aarbecht gewiescht. Et weist awer och ganz kloer wéi vill Aarbecht am Office Social geleescht gëtt. Hannert deene villen Zuelen a Prozenter sti Menschen, Menschen déi Hëllef brauchen a Menschen, déi sech Hëllef sichen. Et ass net einfach zouzeginn, dass een Hëllef brauch an dofir ass et wichteg, dass déi Leit gutt a kompetent empfaange ginn an dann och begleet ginn. Leider ass ze befäerten, dass et

awer och Leit gëtt déi sech net trauen oder net wëssend wouhin oder einfach net dohinner ginn. Also et gëtt sécherlech nach eng Donkelziffer vu Leit déi aleng kucken iwwert d'Ronnen ze kommen. Dat ass ganz schued an do muss ee mengen ech weider kommunizéieren a bon ech mengen d'Leit kuckewann een eppes gewuer gëtt, d'Leit z'informéieren. Mir soen e Merci un all déi geleeschten Aarbecht vum ganze Personal vum Office Social, och de President, den Här Zuang, esou wéi och d'Membere vum Verwaltungsrat.

Den Office Social ass e ganz wichteg Service. Eigentlech ee vun deene wichtegsten, deen et an enger Gemeng gëtt. An enger Gesellschaft, déi demokratesch a solidaresch ass, do muss all Mensch gehollef kréien deen a Schwieeregkeeten ass, egal aus wéi enger Ursaach, dass en an d'Situatioun geroden ass. Mir wëssen all, dass dat ka ganz séier goen awann een d'Zuelevun dësem Aktivitéitsbericht kuckt, da gesäit een, dass Leit vun allen Natiounen, vun allen Alteren, all Geschlecht, all Zivilstand an esou weider beträff sinn. 9% vun den Diddelenger Bierger a Biergerinnen hunn sech Hëllef gesicht. Dat ass eigentlech vill. Dëse Prozentsatz ass onverännert par rapport awer zum Joer virdrun. Et gëtt vill Ursaache firwat eng Persoun an Nout geréit, mee et ass ze gesinn, dass déi héich Wunnkäschten an de Mangel un adequate Wunnengen e groussen Undeel dorunner hunn. Ech mengen, dat ass näischt Neies. D'Aides liées au logement sivun 49 op 63% eropgaangen. 72 nei Demandé fir eng sozial Wunneng sinn agereecht ginn. Bei 68 Wunnengen, déi am Ganzen zur Verfügung stinn. Dat sinn der schonn e Strapp méi wéi virun e puer Joer mee dat geet nach net duer. Laut Bericht stinn déi meescht Leit manner wéi 6 Méint op der Waardelëscht. Dat ass net esou schlecht, mee wann een awer keng Wunneng huet, da sinn 6 Méint och ganz laang.

Et ass also net vu Muttwëll wa mir soen, dass eis Gemeng méi sozialen an och bezuelbare Wunnraum brauch. An do muss d'Gemeng wierklech nach eng Schëpp bäileen, mee net nëmmen d'Gemeng, de Staat och. Ech denken dat ass och oft genuch gesot ginn. Famille mat Kanner maachen e groussen Deel aus, och dat ass beonrouegend, grad esou wéi Monoparentauxen, wou et meeschtens och Fraen sinn déi an enger prekärer Situatioun sinn. Erschreckend ass och, dass 56% vun de Locataire vu soziale Wunnengen, ech mengen et ass gesot ginn, eng Aarbecht hunn an 38% en CDI. Dat ass och éinescht an der Presentatioun ernimmt ginn an dat ass wierklech de Problem, et ass schonn e puer Mol gesot ginn, vun de Working poor an dat ass keen neie Phenomen. Déi Leit, déi schaffen an awer mat hirer Pai hir Liewenskäschten net aleng bezuele kënnen. An dat ass net an der Covid Zäit entstanen, mee dat gëtt et schonn eng Zäit an dat ass wierklech bedenklech. Do kann den Office Social natierlech net hëlfe, mee dat ass en nationale Problem an dee muss een iergendwéi ugoen an dat kann net esou akzeptéiert ginn. Déi sanitaire Krise huet natierlech och verschidde Problemer verstärkt an dat wäerte mir och sécher nach weider mierken an den nächste Budgeten.

De Chômage partiel wann een dee mol just nennt, wann ee keng déck Pai huet, also wann ee vu wéineg nëm-

men nach 80% kritisch, es Mengen da kann es ganz sicher gehen, dass ein wenig net mei eens geht. Dobai kennt dann d'Erhöhung von den Energiekästen, dei nach op eis duerkommen och elo. Et ass gutt, dass d'Regierung do d'Allocation de vie chère em 200 Euro erhöht huet. D'Gemeng mécht jo och hire Bättrag do. Dat kann e besser ofgefaange ginn, awer sicher geht es net mei leicht fir d'Leit an nächster Zeit. Nach ee Mol Merci der ganzen Equipe vom Office Social an all anderen Acteuren um Terrain am soziale Bereich. Mir hu keen S am Numm mee mir stimmen de Budget awer mat. Dei Suen dei an sozial Gerechtigkeit investiert ginn, dei wichtig, dei sinn richtig an do ass net ze spüren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEISTER): Merci och der Madamm Erpelding. Merci am Generelle fir dei ganz breet Zustimmung hei, vis-à-vis vom Office Social an sengem Wierken avoila, da ginn ech d'Wuert weider hei un d'Vertreider, wei gesot, vom Office social.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Maja, Merci Här Bürgermeester. Vir d'ischt geif ech lech mol eng Kier am Numm von der ganzen Maison sociale an och am Numm vom Conseil d'administration, e ganz decke Merci soe fir dei leif Wieder dei Dir eis hei entgeint bruet huet. Dat deet immer gutt! Effektiv ass an der Maison sociale do uewen, d'Ulfstell Nummer 1 fir Leit an Nout wirklich immer op, dat och a Covidzeiten. Do war gesot ginn dass es ass ein extraordinäer Joer gewischt war: Neen, es war e Joer, dat e besse mei schwieriger war: Den Office Social war immer, wei virun och ugeklungen, besat. Et waren immer eng zwou Assistenten vom Secours a mindestens ee vom ONIS dei hänke ganz vom Familljeministère of. Si hu laang Zeit missen am Teletravail bleiben. Dat heescht, trotz allem ass awer eng Berodung iwwer Telefon geschitt, dei natierlech ni dat selwecht ka bewerkweie e Gespräch enntert 4 Aen. Egal, mir waren do, mir hunn de Leit geholf, esou gutt wei mir konnten, mat Rotschlü, mat Pabeieren, dei se gebraucht hunn, virun allem dann awer och d' Bonge fir an de Match ,dei se an d'Rezeption konnte sich kommen, eben ouni am direkte Kontakt.

Néanmoins, bon es sinn e puer Saachen hei scho ganz richtig, wou ech ganz no bei lech alleguerten si mat einzelen Aussoen. D'Ursache von Armut si lieiert u vill Aspekter. Ein natierlech ass de Logement ginn. De Logement ass wirklich dei zentral Suerg, dei mir hunn. Vu dass mir Präisser hunn an der Locatioun dei immer mei heich ginn awou d'Leit dann effektiv schaffe ginn, Sue verdienen, a wou mei wei d'Halschent fir d'Wunnen drop geet. Dat ass natierlech extrem schwierig. An dann, wa mir Familien hu mat mei Kanner, geht de Problem natierlech immer mei grouss. Do geet es mat engem oder zwou Schlofzimmer net mei duer. Dat heescht dei brauchen effektiv, wei de Marc scho viru gesot huet, drai, vier Zimmer. Dat fennt ein ischtens mol net mei, a wann ein es fennt da si mir direkt bei engem Bereich wou de ganzen Revis quasi geif drop goe fir just nehmen de Loyer ze bezuelen. Bon, dat ass net gutt. Mir maachen dofir immer rem von Zeit zu Zeit ein Appell am Bliedchen, un d'Proprietairen hier Immobile/n an d'GLS ze ginn.

Wann Dir der och kennt an Ärem Umfeld, e waarmen Appell, sot si sollen sech un eis wenden, mir huelen hir Wunneng ganz gare fir se weiterzeverlounen. Se brauchen sech em nischt ze bekümmern, si kriegen steuerlich Avantagen, wei gesot mir bekümmern eis, si kriegen hir Sue von der Locatioun, von der Mise à disposition, vom ischten Tag un, och wa keen dran ass an, an Also macht wannehgelift roueg Reklamm runderem ich. Wa Leit do sinn, dei Bedenken hunn, sollen se roueg urufen, dass mir dat kenne klären. Voilà, also dat si mol e puer Remarken, dei ech wollt iwwert de Logement soen. Mir kinten natierlech de ganzen Tag driwwer schwätzen, mee wann ein seet bon d'Gemeng muss mei maachen an de Staat natierlech och, wesse mir, dass vill Bestriewunge geschien.

D'Gemeng huet schon oft von hirem Droit de préemption an eenzele Wunneheiten, Wunnesidenen spille gelooss. Mir hu jo eng ganz Partie gemengeneegene Logementer gehat, dei mir jo méttlerweil elo un den Service Logement, den elo am Mee 2021 un d'Netz gaangen ass, fir längerfristeg Locatiounen, zeréckginn. Dat heescht d'Gestion locative bekümmert sech just nach elo em dei privat Wunnengen dei mir vu private Leit kriegen. E gudd Fouss hanebai waren effektiv hei d'Logementer, dei mir am Centre paroissial kritisch hunn, dat stimmt. Néanmoins si mir awer net aleng mat deenen dote Wunnengen, esou sicher komm op dei 37- 38 Wunnengen dei mir elo fir de Moment hunn. Mir hunn effektiv regelmässig Kontakt mat Leit. Elo hu mir zum Beispill drai Haiser, wou mir schon elo zwee ennerschriwwen hunn. An dann hu mir der nach zwee en vue, dat heescht also es sinn awer immer rem Leit, dei eis kontaktieren.

Haiser sinn natierlech e besse mei ein heikelt Thema. Wat d'Leit da mei Meterkarreeen do hunn, erschrecken se e bessewa mir soen, dass mir maximal bis 10 Euro de Meterkaree kenne gehen, nehmen de Wunnenbereich rechnen, also kee Keller a keng Garage bezuelen,... Et muss ee wessen, wann ein eppes un den Office Social well ginn, dass es natierlech net dee Loyer geht, deen ein um freie Maart geif kriegen. Ein Haus ass och vill mei problematisch fir eis am Entretien, well mir jo och den Entretien gewähren an deene Wunnengen, dei mir hunn. Et ass awer dei eenzeg Möglichkeit. Appartements mat vier Schlofkammern fannt Dir net mei um Maart. Dat sinn Duplexen an dei kaschten dann alleguertewait iwwer 2 000 Euro, well se ganz oft mei nei sinn a mei Meterkarreeen hunn. Eis Leit kennen dat net stimmen. Bei engem alen Haus kann ein alt mat de Leit nach handeln, dass ein da mol nach wirklich e bessere Preis enner 10€ de m2, kritisch. Voilà, da geif ech d'Kollegen hei vlait froen, niewent mir, vlait op dei aner Froen nach dei nach do ware von de Cotisations sociales, do hat d'Madamm Andrich nach gefrot, nee? Jo dat mécht eppes aus am Budget hu mir gesinn 18 000 Euro d'Joer. Also, es sinn regelmässig eng 15, 16 Leit, dei effektiv hir Cotisations sociales bezuelt kriegen a wann eng Kier ee keng huet, dann effektiv, da kritisch es bei eis. Dann d'Berodung, wann d'Leit net eens gi mat eppes, mat enger administrativer Prozedur wei virun ugeklungen ass, sech umelle fir an d'Vaccinatioun, dat war och ein Thema, dat heescht, do hunn d'Assistenten dann effektiv den Rendez-vous geholl fir d'Leit.

Ob et Leit ginn déi vläit och effektiv zécke fir an den Office Social ze kommen, jo...kann ech iech net soen. Et ginn och schwaarz Schof bei eise Clienten, am Logement zB. wa mir eng Wunneng zur Verfügung stellen, déi net matschaffen, dat heescht si mussen jo do Konditiounen, Projet de vie, Plan d'encadrement, gestion financière, épargne,... erfüllen, déi dann awer net gutt matschaffen, dat heescht déi zum Beispill näischt gespuert kréien oder, oder... De But ass jo fir, zum Beispill iwwert déi dräi Joer eng gewëssen Zomm gespuert ze kréie fir herno um freie Marché kënnen säi Loyer ze bezuelen. De Problem ass eben, dass do Leit gutt matschaffen, aner Leit, jo do komme mir net vum Fleck. Effektiv, deene mussen mir d'rout Kaart weisen an dat heescht mat deene kënnen mir net weiterfuere. Clienten, déi eis Wunneng verknaschten, déi kee Su uspieren, net no enger Aarbecht sichen,...déi maachen eis méi Problemer wéi d'Saach wäert ass, an herno kënnt näischt dobäi eraus.

Dann huet et och kee Wäert, hire Projet z'ënnerstëtzen. Dat mengen ech versteet och jiddwereen. Wann e Client e Laptop, eng Tablette, e Smartphone brauch, do gëtt et effektiv Hëllef vun Digital Inclusion. Ech mengen, dat war scho eng Kéier geschwat ginn, dat ass déi Asbl an der Stad, déi aalt Computermaterial rëm tauglech mécht awou d'Leit dann, jo, d'Tabletten, Handyen, déi se brauchen, gratis kréie fir kënnen d'Demanden ze maachen, wann se gär schaffe ginn..... Si kréien souguer eng kleng Schulung. Also, och do ginn et iwwerall Hëllef. also et gëtt wierklech genuch Hëllef, fannen ech, wou d'Leit kënnen profitéieren, finanzieller wéi och där anerer. Voilà, hunn ech elo op iergendepes net geäntwert? Da soen ech lech Merci an dann...Männer ginn et och als Assistant-social. Jo. Dat gëtt et och. Et ass e bëssewéi am edukative Beräich. Do hu mir jo och bal lauter Dammen...jo...hei ass nach eevun de seltenen Exemplairen dann. Mee, Monique, ech wollt just soen, dat ass de Marc Weis an net de Jacques Hansen. Du has gesot gehat, du has gesot...nee ech wollt Dir dat just soen..... Voilà. Merci villmools.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Gutt. Ech mengen, et wieren alleguerten op d'Froe geäntwert ginn. Da géif ech proposéieren, dass mir géifen zum Vote iwwergoen iwwert de Rapport d'activité, ech mengen, dee brauche mir net ofzestëmme, virun allem awer de Budget rectifié 2021 an de Budget initial 2022, esou wéi en effektiv och hei am Budgetsdokument, also am Dokument vum Gemengerot dran ass, de ganze Budget. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime.** Tiptopp, villmools Merci.

Also hu mir elo e Vote gemaach fir déi zwee gell, rectifié an initial zesummen. Voilà. Gutt, villmools Merci an awer och, wéi gesot, dem Marc Weis, dem Carole Wagener an och dem Romain Zuang Merci fir d'Presentatioun. Voilà, da géife mir weidergoen op déi konsultativ Kommissiounen.



4. KONSULTATIV KOMMISSIONEN

4.1. Ännerungen an der Zesummesetzung vun eenzele konsultative Kommissiounen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Hei hu mir eng Rei konsultativ Kommissiounen do ass hei de Courrier komm vun der LSAP fir de Walter Berrettini an der Jumelage Kommissioun, dass deen do soll d'Emilia Oliveira ersetzen, den Här Berettini och an der Sécherheetskommisioun dorëmmer den Här Zuang ersetzen dat ass den Nico Steffen, deen de Max Leners soll ersetzen an der Finanzkommisioun, dass den Här Clement den André Mathieu an der Verkéierskommisioun ersetzt, dass d'Emilia Oliveira an de Max Leners am Pool de Remplaçants soll bleiwen an, dass do den Här Mathieu soll erausgeholl ginn an och an de Pool des remplaçants d'Madamm Mia Weber, Madamm Claire Muller, de Gledis Kryeziu, den Tom Schroeder, den Alphonse Wirtz a Paul Fay. Dat zu deenen dote Kommissiounen. Voilà, ass de Gemengerot domadder averstanen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Dir hutt dat elo zimmlech séier iwwerflunn, mee mir hunn eng Propose net nëmme, dass den Här Berettini d'Emilia Oliveira ersetzt mee prendra la présidence de la commission an den Här Berettini ersetzt den Här Zuang an der Sécurité-publiques-Kommissioun an iwwerhëlt d'Presidence an, wéi gesot, de Postevun der Présidence vum Jumelage steet zur Verfügung well d'Emilia Oliveira de Gemengerot verlooss huet a mir hätten et flott fonnt wann am Dialog an demokratesch hei banne gekuckt hätten, wie vun eis 19 Interêt gehat hätt oder e gewëssen Know-How matbruecht hätt fir déi Kompetenz mat ze iwwerhuelen. Just fir ze soen, d'Monique Heinen huet schliisslech Tourismus zu Bréissel studéiert, si gouf d'lescht Joer fir 20 Joer Engagement an der Diddelenger Kommissioun géiert a mir hätten eis erwaart, dass am Fong weinstens bei enger diploméierter Fachfra nogefrot gi wier ob do keen Interêt gewiescht wier fir déi Presidence ze iwwerhuelen.

Presidence heescht jo och d'Kommissioun ze leeden, nei Iddien ze bréngen, Memberen ze motivéiere fir mat ze schaffen. Vill Presidencë sinn exzellent besat, dat sinn och Kommissiounen, wou eng gutt Dynamik herrscht, wou gutt geschafft gëtt, wou parteiwwergräifend e flotten Echange ass an esou stelle mir eis d'Aarbecht an de Kommissiounen och vir. Mir si frou, dass an de Kommissiounen all d'Parteien hei bannen hir Vertrieder kënnen schécken, mir hu jeeweils 7 Majoritéitsvertrieder

a 6 Vertrieber vum den Oppositionsparteien. Als CSV hu mir och probéiert, motivéiert Memberen, déi Interêt un der Thematik hunn, an eis Kommissiounen ze schécken an déi meescht vum eise Memberen si ganz zefridde mat der Aarbecht an de Kommissiounen a fannen och, dass déi meescht Memberen, déi aner Memberen, sech och ëmmer gutt abréngen, dass d'Diskussiounen parteiwwergräifend, konstruktiv lafen, a jiddereen ass gäre bereet, eng Hand mat unzepaken, wann och eng manuell Hëllef gebraucht ass, dat ass och gutt an dat soll och esou sinn.

Ech widderhuele meng Ried vum leschte Joer, mir hu kee Verständnis firwat wann ee keng Loscht méi huet op eng Präsenz well den Thema een awer villäicht iwwerfuerdert oder manner interesséiert oder wann een aus wéi engem Grond och ëmmer d'LSAP ënnert sech probéiert auf Biegen un Brechen probéiert, ee vun 11 Conseillere, LSAP Conseillere, op de Presidenteposten ze setzen. Mir haten déi leschte Kéier, d'lescht Joer eng Demissioun vu 4 Presidenten, an elo hu mir der nees 2, mir hu Kommissiounen, déi tagen ni oder eemol am Joer, villäicht ass et och un enger mangelnder Motivatioun vum President oder wourun dat och ëmmer läit, mee wéi gesot, mir fannen dat net gutt.

Just fir lech eemol den Topo ze maachen: Mir hu 16 fakultativ Kommissiounen, 4 obligatoresch Kommissiounen kommen dobäi an ech widderhuelen nach eemol meng Propos vum leschten November, firwat maache mir keng paritéitesch Presidencen? Eis Propos vum leschte Joer war fir déi 16 fakultativ Kommissiounen zum Beispill mat 9 LSAP-Presidencen ze besetzen a 7 Presidenten aus deenen anere Parteien aus dem Gemengerot, da muss sech och kee quälen an 2 Presidencen unzehuelen, déi him villäicht net gefallen oder déi effektiv vill Aarbecht sinn an se domat iwwerfuerdert sinn. Dir sidd eis eng Äntwert schëlleg firwat Dir net wëllt mat eis op dee Wee goen an d'Presidencen opzemaache fir all Conseiller hei am Sall, dat wier konform mam Règlement intérieur vum Conseil communal, well do steet dran, dass e Conseiller muss e President si vun enger Kommissioun oder im Umkehrschluss de President misst Member vum Gemengerot sinn.

Et steet net dran et misst ee Member vun der LSAP sinn. Ech erënneren och drun, dass mir allen 19 hei banne gewielt goufen, d'LSAP hat bei de Wale 50,3% kritt, d'Opposition hat awer och 49,7% vun de Stëmme kritt. De Projet participatif wëll de Schäfferot an Zesummenaarbecht mat der Uni zu Diddeleng promouvieren. Biergerbedeelegung ass wichteg sot den Schäfferot mee Biergerbedeelegung zou loosse ass eng Saach vum politesche Wëllen. An den Ae vun der Kommissioun fänkt Biergerbedeelegung och hei am Gemengerot un. Mir allen 19 si partizipativ demokratesch gewielt a mir wëllen allen 19 konkret matschaffen. Eis abréngen eis Talenter an eisen Knowhow an den Déngscht vun den Diddelenger setzen. Och bei den Oppositionsconseillere si Leit, déi mat Freed an Engagement eng Présidence géife gären iwwerhuelen an net no 2-3 Joer d'Knëppele bei d'Tromm ze geheien. Dofir e waarmen Appell, loosst lech eis Propose duerch de Kapp goen, komm mir verschieben déi 2 Présidence Decisiounen vun der Kommissioun, gitt eis och eng Méig-

lechkeet fir déi Kandidature fir déi vakant Presidencen ze stellen an da kënne mir de Vote déi nächste Kéier maachen. Falls et awer erëm en nee gëtt, da sot eis firwat mir waren déi lescht Kéier mat Ärer Äntwert net zefridden an d'Opposition dat heescht d'CSV, déi Gréng an déi Lenk haten déi Propose vum leschte Joer net matgedroen an, wéi gesot, Dir sidd eis nach eng Äntwert schëlleg firwat Dir net op dee Wee gitt, dee mir hei proposéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Ech wollt just soen, dass ech dat do ka mat 2 Hänn ënnerschreiwen. Merci Michèle.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, soss eng wieder Stellungnam?

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci, jo mir haten déi Diskussioun schonn eemol ech wëll awer hei nach eemol soen, dass hei näischt passéiert wat géint d'Gemeengesetz passéiert a mir beweegen eis hei am legale Kader. Dovunner ofgesinn, mengen ech, dat huet all Mënsch hei banne mat kritt, huet Madamm Oliveira opgehale an et ass net méi wéi normal, dass dann hiren Nofolger den Här Walter Berettini sech engagéiert a wéi déi Posten opgedeelt waren, dat hu mir all zesummen an enger interfraktionaler, dëser Legislaturperiod beschwat an diskutéiert an do huet och Majoritéit Overture gemaach do sinn och Plazen ugebueden ginn oder verdeelt ginn oder an der Diskussioun fonnt ginn, wou och aner Parteien sech als Syndikater kënnen engagieren. Et ass net esou, dass mir déi Posten alleguerte selwer besat hunn.

Da wëll ech nach bemierken, dass ech mengen, dass dat heiten eng Diskussioun ass, déi gefouert gëtt well hei de Mikro op ass, well wann Dir echt un enger Diskussioun interesséiert wiert, dann hätt Dir jo kennen eng Interfraktional kënne froen, dann hätt een dat kënne kollegial diskutieren, mee dorëms geet et hei net. Bon, dann huele mir dat esou zu Kenntnis dat heiten ass e Remanié gewiescht, dee komplett LSAP-intern war, dofir wëll ech dat och elo net am Detail diskutieren. Déi Présidence goufen zesummen esou opgedeelt wéi dës Period ugaangen ass an elo an der Hälschent huet et op eemol all Gudde Gemengerot gëtt doriwwer diskutiert. Also, entweder et geet een en Engagement an, en Handschlag, et mécht een dat zesummen, mir hunn dat ënnerschriwwen, mir hunn dat festgehal, dass dat esou ass an elo ginn all déi Saachen déi do decidéiert ginn a Froe gestallt. Ech gesinn dat net esou wann een eppes ageet zesummen am Dialog, da gëllt dat fir déi Legislaturperiod an net fir nëmmen d'Hälschent oder dräi Véirel an dat ass meng Positioun an dat enttäuscht mech e bëssen, well et ëmmer erëm dat selwecht ass an et gëtt just gemaach fir de Mikro. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo ech wëll awer och elo kuerz Stellung huelen, well mäin Numm och gefall ass. Bon, meng Nopesch an ech, mir sinn nogeréckelt an ech sinn elo e bësse schlecht drun, well ech weess net vun där interfraktionaler Sitzung, wat do festgehele

ginn ass an ob déi Gréng deemools wierklech all esou domadder d'accord gewiescht wieren, dass d'Posten all solle vun der LSAP besat ginn. Ech weess dat einfach net, do misst ech nofroen bei de Virgänger an dofir maachen ech et diplomatesch a mir géifen eis enthalten.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci nach eemol fir d'Wuert, also bei der interfraktionaler ganz am Ufank do ware mir iwwer happy, dass iwwerhaupt mir e puer Conseillere kritt hunn a Kommissiounen, also méi Posten zougestane kritt hu fir an d'Kommissiounen en, d'Fro vun de Presidencen hat sech net gestallt. Firwat si mir op déi Iddi komm fir ze soen hei komm mir maachen do och eng Ouverture. Éischtens eemol well hei am Haus de Schäfferot ëmmer ënnersträicht Participatioun, Dialog an esou weider. Éischtens eemol dat, majo da maachen se dat och mat, a well d'lescht Joer op eemol 4 Presidenten demissionéiert hunn, net 4 déi aus dem Gemengerot erausgaange sinn, mee et war e Bäumchen wechsle dich an dës Kéier soll dann och erëm een dee muss ersat ginn awer och en aneren den seet, ma dann awer net an dofir hu mir geduecht, OK, dat wier dann och eemol eng Ouverture an ech verstinn net firwat Dir do net mat op den Wee gitt well wann Dir sot dat doten ass historesch dat war nach ëmmer esou.

Éischtens hat ech och eng Interfraktional nom leschte Joer gefrot, komm mir setzen eis zesummen a mir klären dat. Et ass net wéi wann ech dat net gefrot hätt, ech hat et de leschten November gefrot an do kounn näischt méi. Dann, dass mir eis dat sollen op de Leescht huele mat de Presidencen. Dann, zweetens, wann Dir sot, dat ass historesch gewuess, dat war nach ëmmer esou, dat géif lech jo awer grad gutt zu Gesiicht stoe wann Dir eng Ouverture op dem Punkt géift bréngen a fir elo ze soen, et gëtt a kenger Gemeng anescht gehandhaabt, da soen ech lech nach ëmmer d'Beispill vu Beetebuerg, wou och elo eng CSV, Gréng, Blo ass an déi hunn de Buergermeeschter, den LSAP-Buergermeeschter, wéi deen an Oppositioun gaangen ass, selbstverständlech weider d'Sicona-Presidence iwwerlooss.

Wéi gesot, et gëtt keng CSV-gefouert Gemeng, wou dat geet an dat ass och net wouer. Et muss een e bëssen oppassewat ee seet, wéi gesot, mir wëssen elo Är Äntwert, déi Ursaache sinn eis awer nach ëmmer net kloer, firwat Dir esou fäert fir eis do e bësse mat an d'Boot huelen, mir si ganz enttäuscht doriwwer a mir huelen dat dann elo esou zur Kenntnis, mee wéi gesot, wa kee Wiessel vun der LSAP virgeschloe gi wier, wier deen Thema mol net opkomm.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dir schwätzt elo hei vun der Sicona-Presidence, ech kann lech e Koup Beispiller ginn, wou grad aner Parteien d'Geleeënheet genotzt hu fir de Contraire ze maachen. Méi brauch ech dozou net ze soen. Dann och zu dem Demokratieverständnis. Da kommt mir schwätze keng Hallefwouerechten, da muss een alles soen, Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Mir kënnen d'Gemengen opzielen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mir kommen do an eng regional Diskussioun, do ass de selwechte Prinzip.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, mee eis Nopeschgemengen, also eng vun eisen Nopeschgemengen, huet et awer esou gemaach wéi mir et

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Eng vun eisen Nopeschgemengen ass Koalitioun, gell.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Gutt. Fir dass déi Leit hir Aarbecht kënnen seriö ophuelen an ech si ganz bei lech wann hei gesot gëtt, dass an de meeschte Kommissiounen sech Memberen abréngen, Majoritéit sinn ass dat och richtig, dass dat esou ass, dass een natierlech als Partei déi Leit soll dohinner delegéieren, sech och aktiv do mat abréngen. Ech mengen, dass dat och wichteg ass well soss ass dat keng Plus-value fir déi Diskussiounen déi do stattfannen, dat ass och de richtige Wee an et ass esou wéi et soll an de Kommissiounen soll fonctionéieren. Ceci dit, géife mer dann awer nach zum Vote iwwergoen. Ech stellen dann hei d'Fro vu dass sech dat erausgeschiedt huet, ass dat doten integral esou ofzestëmmen oder just déi zwee Voleten? Déi dräi? Déi zwou Kommissiounen, de Rescht sinn normal Leit, déi ersat ginn.

Da fänke mir mat deenen un, huele mir de Vote iwwer déi Leit, déi ersat ginn an de Kommissiounen d'Presidence elo net dran ass. Wien ass dofir? **Dat ass unanime.** Merci.

Da komme mir op d'Presidence vun der Jumelagekommissioun, wou den Här Berettini dat soll iwwerhuelen. **Wien ass domadder averstanen? LSAP, wien enthält sech? Déi Gréng, déi Lénk an CSV an dann de selwechten Exercice fir d'Presidence vun der Sécherheetskommisioun wou den Här Welter d'Presidence vum Här Zuang iwwerhëlt? Wien ass dofir? LSAP wien enthält sech? Déi Gréng, déi Lénk an CSV.**

Et ass eraus. Et ass ëmgeännert ginn en cours de route. Dann d'Klimatteam.

4.2. Ernennung vu Membere fir de "Klimatteam"

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Dir kënnt lech erënneren, dass mir den 12. November hei am Gemengerot Memberen vum Klimatteam decidéiert hunn. Nom 12. November kounn awer nach eng Kandidatur eraus vum CFL Multimodal vun enger vun eise Entreprises an déi hunn den Här Hervé Peter designéiert fir an dem Klimatteam matzeschaffen an ech géif proposéieren, dass mir als Gemengerot dat nach nodréiglech acceptéiere géifen, firwat ? Majo, éischtens mol well eisen Ofrouff keen Delai gesat gouf obwuel mir eis sécher waren, dass spëtstens Mëtt November dat Klimatteam muss definitiv ficeléiert ginn, ech sinn awer der Meinung, dass mir mat dem heiten Teilnehmer eng Plus-value erakréien, dofir bieten ech lech dat ze validéieren. Iwweregens ass d'Klimatteam fir d'éischt zesumme komm virun 14 Deeg an dat war eng flott dynamesch Sitzung do souzen niewent e puer Profien och 14 Bierger déi dat fir d'éischt esou an dem Sënn erliewen an ech sinn iwwerzeegt,



dass mat dem Klimateam mir e flott Instrument hu fir dem Klimapakt 2.0 gerecht ze ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot domadder averstanen? Här Gangler:

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, ech wollt just eng Bemierkung maachen, effektiv déi Klimateam-Seance war ganz fortuéis an et mierkt een d'Bierger sinn enorm motivéiert a waarden drop fir sech kënnen anzebréngen. Ech versti just net, den Här vum Multimodal ass jo sécher ganz valabel, mee firwat hu mir hien an d'Sitzung komme gelooss a stëmmen en elo no. Wier et net awer méi korrekt gewiescht, hien ze stëmmen an da wier hie komm well en huet net vill verpasst an hätt kënne wéi mir anerer de Rapport kréien an déi nächst Sitzungen den 2. Februar, do geet et da richteg lass mat de Resultater vum Klima an ech hu gemengt, firwat konnt een deem Mann net soen, mir huelen Är Kandidatur zur Kenntnis, mir si frou, dass Dir wëllt matmaachen, mee mir missten den demokratesche Wee korrekt goen a froen als éischt den Accord, well déi aner goufen och gestëmmt a mir soen lech wéini Dir kënnt kommen.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Ech hunn dee korrekte Wee gewielt gehat well ech hunn dee Mann an déi éischt Sitzung als Beobachter invitéiert, dat kann ech als President vum Klimateam maachen. Zweetens war ech der Meenung an ech war och iwwerzeegt, dass de Gemengerot seng Kandidatur wäert nodréiglech acceptéieren aus de bekannte fachleche Grënn an ech war der Iwwerzeegung, wa mir schonn déi éischt Sitzung hunn, sollen se alleguerten dobäi sinn, fir dass mir eis kenneléieren, mat wem, wat a wou an ech wollt, dass dee Mann dobäi ass fir sech kënnervirzestellen a fir ze héieren, wien ass fir wien do an net dass en dat verpasst. Méi war et net.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi Erklärung, da stëmmen mir of. Ass de Gemengerot averstanen, dass deen Här kann offiziell dobäi sinn? **Dat ass unanime**, Merci.

4.3. Ëmbenennung an Ernennung vu Membere vum Aarbechtsgrupp Gemeindeplanung a lokalen Aktionsprogramm Logement (aménagement communal et programme d'action local logement (PAL))

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir op déi lescht Consultatioun, dat ass ronderëm de Plan d'action local an do war d'Propos jo, dass mir am Fong deen dote Volet an de Groupe de Travail

PAG eranhuelen an dofir hei de Libellé vum Groupe de Travail aménagement communal et programme d'action local a Logement, dass mir deen Numm géife ginn a mir haten e Courrier gemaach un d'Partei fir Membere ze bestëmmen, dofir ass d'Conclusioun elo komplett a folgend Membres-experts, um Niveau vun der Oppositioun ass fir d'CSV den Här Jean-Paul Gangler, fir déi Gréng d'Semiray Ahmedova, fir déi Lénk ass et de Jos Thill a fir den onofhängege Member den Här Fränz Nicolei, fir d'LSAP sinn et de Romain Zuang an d'Membere vum Schäfferot, Dan Biancalana, Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries a Claudia Dall'Agnol. Mir hunn awer och Membre-experte mat dobäi, dat ass Cathy Mambourg, Eva Gottschalk, Tom Bernard, Christophe Carreira aus dem Service de l'architecture et des domaines, dee war och am Kader vum PAG dobäi. Mir géifen och an de Groupe d'Chantal Zeyen, Jean Bodeur, Lex Faber et Marie Sauerhöfer och als Expert nominéiere fir am Groupe mat dobäi ze sinn esou ass dee Groupe komplett fir seng Aarbecht opzehuelen.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? Jo? **Dat ass unanime**. Merci. Da gi mir op d'Personalfroen eriwwer.

5. PERSONALFROEN

5.1. Creatioun vu fënnef Poste fir Gemengenemployéen C1, Ënnergrupp Erzéiung a psychosozial Betreierung (éducation et accueil).

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ënner deem Punkt geet et ëm eng Rei Kreatiounen vu Personal am edukative Beräich an do ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Jo Merci et ass am Fong mir hunn am Virfeld gekuckt wat mir u Poste brauche fir 2022, mir hunn d'Maison Relais Ribeschpont bäikritt, mir hu Crèchè bäikritt, do wiesselt ganz vill Personal eriwwer, dofir musse mir do Poste kreéieren. Dat ass fir d'éischt e Postevun 5 Aide-Educateurs, ech kann lech awer och soen, wou eis Leit feelen, da kënnt Dir dat kontrolléieren: Dat ass eemol en Remplacement op Balzeng, eemol op Wolkeschdall eemol am Brill, eemol an Italien an an der Gafelt. Dat sinn déi Plazen, wou eis Leit feelen dofir musse mir do Poste schafen. Hutt Dir Froen dozou?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ok, da kënne mir ofstëmmen, ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime**. Merci.

5.2. Creatioun vu véier Poste fir Gemengenemployéen B1, Ënnergrupp Erzéiung a psychosozial Betreierung (éducation et accueil)

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Dat selwecht ass och bei de B1, dat heescht bei den Diploméen, do musse mir och 4 nei Leit astellen, dat ass eemol um Strutzbiérg, eemol an der Gafelt, eemol um Ribeschpont do kënnt en neie bäi an eemol an der Lenkeschleé. Dat sinn déi wou mir brauchen. Froen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci

5.3. Creatioun vun engem Poste fir e Gemengenemployée B1, Ënnergrupp Verwaltung (Reklassement) (éducation et accueil)

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Dann hu mir nach eng Creatioun an der Administratioun do musse mir 1 Posten schafen, dat ass awer e reklasséierte Posten et ass een do mee den ass nach besat a vu dass déi Persoun scho laang am Krankeschäin ass, schafe mir déi nei an dann ass deen aneren erëm.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot averstanen? **Dat ass unanime.**

5.4. Creatioun vun engem Poste fir e Gemengenemployée A2, Ënnergrupp Erzéiung a psychosozial Betreuung (éducation et accueil)

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Voilà, an dann dee leschte Posten dee mir musse schafen dat ass en Educateur Gradué dat ass och wichteg, dat ass och an der Structure Accueil dat ass de Poste vun Inclusion, mir hunn an de Schoulen ëmmer Leit, déi sech ëm Inclusioun këmmere an de Schoulen, eis ass et wichteg, dass mir am Cadre référentiel dran si fir och hei dee Posten inklusiv ze schafen, well de Moment hu mir 6 Kanner à besoins spécifiques an eise Structure-d'accueil, dofir ass et wichteg, dass mir de Lien maachen hei um Terrain an och eng Persoun déi sech ëm déi Kanner këmmert dofir musse mir do dat maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot domadder averstanen ? **Dat ass unanime.**

5.5. Konversioun vun engem fräie Posten als Gemengenemployée D1, Verwaltung, an e Poste als als Gemengenemployée B1, Verwaltung (service culturel)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech weiderfueren a mir ginn an den Service culturelle do ass eng Matarbechterin an engem D1 Posten, déi ass an d'Pensioun gaangen an elo ass hei d'Propos fir Ceng Konversioun ze maachevum Postevun D1 an e B1 am administrative Posten, wann ee weess, déi Aarbecht, déi de Service culturel huet, och mat der Kulturhaaptstad fir do déi Konversioun ze maache fir se och aktiv an redaktionell ze verstärken. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

5.6. Creatioun vun engem Poste fir e Verwaltungsagent, Salarié, Laangzäitchômeur (architecture et domaine)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da wëlle mir hei e Poste kreéiere fir en Agent administratif chômeur longue durée, dat a Continuitéit vun de Posten, déi mir all Joer schafen, wou mir och vum Aarbechtsamt kënnen ënnerstëtzt ginn. Dofir ass hei d'Propositoun fir e Posten ze schafen, wou een eng Longue durée kann drop setzen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, ass dat wichteg, dass ech soen "Chômeur longue durée", dat steet zwar hei am Titel awer net am ganzen Enoncé. Misst et do dra stoen oder ass dat net vu Belang?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et ass esou, d'Création d'un poste d'agent administratif salarié à tâche complète, dat ass am Fong de Chômeur longue durée, dofir hunn ech hei déi Erklärung gi fir dass dat hei an déi Richtung geet well d'Denominatioun "Chômeur longue durée", déi gëtt et net dat ass e Salarié oder Fonctionnaire, egal wéi eng Aarbecht e mécht. Voilà, ass de Gemengerot mat där Creatioun averstanen? **Dat ass unanime.** Da wiere mir zum Schluss vun der Séance ukomm.



myenergy
Luxembourg

Laden Sie Ihr Elektroauto in Ihrem Wohngebäude

- Bitten Sie Ihre Hausverwaltung, die Installation eines integrierten Ladesystems mit intelligenten und internetfähigen Ladesäulen zu organisieren.
- Ihr Hausverwalter beauftragt vor Beginn der Arbeiten einen qualifizierten Elektriker, ein Gesamtkonzept zu erstellen.

Ist das Wohngebäude noch nicht gebaut, wenden Sie sich an den Bauherrn, um nachzuprüfen, ob Leerrohre für Strom sowie Datenverbindungskabel im Gebäude vorgesehen sind!



Co-funded by
the European Union

 **8002 11 90**

myenergy.lu



myenergy
Luxembourg

Chargez votre voiture électrique dans votre résidence

- Demandez à votre syndic d'organiser la mise en place d'une infrastructure de charge avec des bornes intelligentes et connectées.
- Votre syndic fera élaborer un concept global par un électricien qualifié avant d'entreprendre les travaux.

Si la résidence n'est pas encore construite, contactez le maître d'ouvrage pour savoir si des conduits vides ou des câbles d'électricité, de données et de gestion ont été envisagés !



Co-funded by
the European Union

 **8002 11 90**

myenergy.lu

